

INFO °03 19 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

**GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 3. ABRËLL 2019**

Séances du 19/06/2019

Séance du 5 juin 2019

Séance du 19 mai 2019

Séance du 9 avril 2019

Séance du 05 mars 2019

Séance du 30 janvier 2019

Séance du 14 décembre 2018

Séance du 5 décembre 2018

Séance du 20 novembre 2018

Séance du 19 octobre 2018

Séance du 10 septembre 2018

Séance du 29 juillet 2018

Séance du 6 juin 2018

Séance du 29 avril 2018

Séance du 9 mars 2018

Séance du 29 janvier 2018

Séance du 19 janvier 2018

Séance du 9 janvier 2018

Conseil communal du 19 juin 2019

Conseillers présents

Roberto Trombadori (bourgmestre, AD grég), Tom Elvelling (L'Aschewi, CSV), Georges Liesch (Adewi, dF grég), Edda Piegna (Schewi, dF grég), Robert Mangen (Schewi, CSV), Paulo Aguiar (Adewi, dF grég), Gary Alenbach (L'Aschewi, LSAF), Fred Bertinelli (LSAF), Christiana Brack-Hausch (dF grég), Gary Diderich (dF grég), Serge Collinet (LSAF), Jean-Henry (CSV), Fabian Michel (DP), Eric Muller (LSAF), Youane Richards-Miller (dF grég), Jill Ruckert (DP), Christelle Nant (DP), Fabian Schwaechgen (dF grég), Guy Timpale (CSV)

Ordre du jour

a. Communication du collège des bourgmestre et échevins.

b. Plan d'aménagement général et projet d'aménagement particuliers: procédure d'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Differdange – au titre du conseil communal au vu de l'ordonnance du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

Présentation par le collège échevinal.

1:20:52

Prise de position.

1:28:11

Réponses du collège échevinal orales.

1:31:14

Infos & renseignements



Liens rapides

Agenda
Annuaire
Conseil d'hygiène
Département administratif
Formulaires administratifs
Galerie photos
Informations utiles
www.differdange.lu

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{03 19}

COMPTE-RENDU DU 3 AVRIL 2019

4-58

PAG ET PAP

59

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 03/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 3 AVRIL 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projets communaux : réaménagement du complexe résidentiel Balcon à Lasauvage – avis sur la structure portante, devis et adaptation du crédit, article budgétaire 4/624/221311/18032.
3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier au lieudit « Ouschterbuer » à Oberkorn conformément aux dispositions de l'article 30 bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.
4. Actes et conventions :
 - a. Acquisition de terrains d'une contenance totale de 56,11 a au lieudit « Zwischen Lanterbaennen » à Niederkorn ;
 - b. Droit d'emphytéose avec le Fonds du logement portant sur des parcelles d'une superficie totale de 12,54 a aux lieudits « Grand-rue » et « Terrasses de la ville » à Differdange ;
 - c. Contrat de bail avec l'office social de Differdange pour les besoins des agents d'inclusion sociale ARIS dans un immeuble sis à Differdange, avenue de la Liberté n° 16 ;
 - d. Contrat de bail d'un atelier-grenier pour artistes ;
 - e. Contrat de fermage d'un terrain d'environ 12 a au lieudit « Bremenschleiden » à Niederkorn pour une exploitation apicole ;
 - f. Convention de collaboration concernant la mise à disposition et l'exploitation du service d'éducation et d'accueil inclusif (SEAI) Topolino à Differdange.
5. Service éducation et accueil : règlements d'ordre interne 2019-2020 pour les différentes structures d'accueil.
6. Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.
7. Dénominations de nouvelles rues : quartier Mathendahl, Ronnwisen, impasse nouveau hall polyvalent et nouveau zoning à Niederkorn au lieudit « Vor kurzen Hecken ».
8. Classement à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux d'un immeuble situé au n° 36, route de Belvaux à Oberkorn.
9. Changements au sein des commissions consultatives.
10. Motion du LSAP concernant le soutien de la Ville de Differdange à la réalisation du projet « Découverte des professions et métiers » du Luxembourg Science Center.

1. Communications

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance et propose de traiter le point 7, les noms de rues, dans la séance à huis clos à la demande de plusieurs conseillers communaux.

Il cède la parole à M. Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP)

demande une modification de l'ordre du jour. Les démocrates souhaitent que le débat sur le « Klenge Casino » ait lieu dans la séance publique, car il s'agit de deniers publics. Les citoyens ont le droit de savoir ce qui s'est passé.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

n'est pas d'accord, mais soumet la proposition au vote. Il rappelle que ce point porte sur des personnes. (Vote)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

voudrait excuser M^{me} Brassel-Rausch.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne l'a pas fait, car elle arrivera dans le courant de la matinée.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

confirme qu'elle est en retard. Il voulait clarifier la situation.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé aux communications.

TOM ULVELING (CSV)

explique qu'il s'est rendu dans la ville jumelée d'Oxford, dans l'Ohio, accompagné d'une petite délégation. Il a été question du jumelage et de la Miami University.

Tom Ulveling a discuté avec le président de la Miami University, le spécialiste des finances et le doyen pour en apprendre davantage sur l'avenir de la Miami University à Differdange. L'université est en train de réfléchir à une réorganisation de son programme. Elle aura besoin de plus de salles et d'appartements. S'ils le souhaitent, les étudiants pourront continuer à loger auprès de familles d'accueil, mais ils disposeront aussi de logements pour étudiants. L'université a besoin d'une cinquantaine de lits.

Tom Ulveling a demandé que la décision soit prise rapidement, car la commune doit savoir quelle affec-

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien. Mir géife mat eis Sëtzung ufänken. De Punkt siwen, eis Stroossennimm, géif ech wëllen an der netëffentlecher diskutéieren, wann Der dermat averstane sidd. Et war eng Ufro vu verschiddene Conseilleren. Mir hunn absolutt kee Problem domadder. Der Press géife mer déi Nimm noreechen. Wann Der domadder averstane wäert.

Da géife mer zum éischte Punkt kommen, de Kommunikatiounen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Här Buergermeeschter.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Mir wollten eng Modifikatioun vum Ordre du jour froen. De Punkt iwwert de Restaurant Klenge Casino proposéiere mer, aus der netëffentlecher an déi ëffentlech Sitzung ze huelen. Et geet ëm ëffentlech Gelder. Mir sinn der Meenung, datt d'Bierger e Recht hunn, gewuer ze ginn, wat do schifgelaf ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech sinn net domadder averstanen. Ech hunn awer kee Problem, dat Ganzt zum Vott ze ginn. Dat heescht, ech géif et gär an der netëffentlecher halen, well et och ëm Persoune geet. Ech géif dann de Gemengerot ëm seng Meenung froen, wat e wëll. Ech sinn der Meenung, datt den Ordre du jour esou bleiwe soll, wéi en ass.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal n'approuve pas la modification de l'ordre du jour.

Merci. An da géife mer zum ...

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Däerf ech nach kuerz d'Madamm Brassel-Rausch entschëllegen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wollt dat net maachen, well d'Madamm Brassel-Rausch gesot huet, am Laf vum Moie géif se kommen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Si kënnt vläicht méi spéit. Jo, voilà. Ech wollt dat kloerstellen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Kommunikatiounen. Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, ech hat eng kleng Excursioun mat enger klenger Delegatioun an eis Partnerstad Oxford, Ohio. Et war e Volet vum Jumelage dobäi. An et war e Volet mat der Miami University dobäi. Ech hat Gespréicher mam President vun der Miami University, mat hirem Finanzmann a mam Provost.

Et ass drëms gaange fir ze kucken, wéi d'Zukunft vun der Miami-Universität hei zu Déifferdeng kéint weider gestalt ginn. Si sinn am Gaang, sech ze iwwerleeën – doriwwer hate mer schonn eng Kéier rieds –, fir hire Programm e bessen ëmzeänneren, auszebauen.

Si brauche méi Säll fir ze enseignéieren. A si brauche Wunnenge fir hir Studenten. Se hu festgestallt, datt e ganze Koup vun hire Studenten net an deem Programm wëll matmaachen, well se a Famillje logéiert sinn. Dofir wäerte se de Programm ëmänneren.

Soudass an Zukunft d'Studente kënnen entscheeden, ob se wëllen an d'Familljen. Dat heescht, si wëllen déi Saach mat de Familljen net opginn. Mä si wëll-

2. Balcon de Lasauvage

len awer d'Méiglechkeet zousätzlech gi fir Studentewunnengen. Do brauche se ongeféier 50 Unitéiten, 50 Better. Wou se awer och envisagéieren, dass d'Studenten zu zwee an zwee an esou Wunnenge kéinte logéiert ginn.

Mir waren do fir ze kucken, fir hinnen ze soen, wat mir hinne kéinten ubidden, wat um Terrain ugebuede gétt. A mir hu gesot, dass mer awer relativ schnell wéilten eng Decisioun vun hinnen hunn. Well mer jo e bësse blockéiert si mam ale Spidol, mat där aler Maison des soins. Well mer jo musse wëssen, wat fir eng Affektatioun déi an Zukunft wäert kréien. Dofir si mer am Gaang, drun ze schaffen, fir dass dat virugeet.

Mat eiser Partnerstad hate mer zweemol Gespréicher. Do ass et haapt-sächlech ëm een Echange mat Studente gaangen. Do war och den Direkter vun der École internationale mat. Do hu mer elo zwee Punkten erauskristalliséiert, wat mer an Zukunft wëlle maachen.

Dat Éischt ass: D'Studenten aus dem leschte Joer vum Enseignement un der Miami University kommen iwwert de Summer heihinner. Déi encadréieren eng Aart Summer Camp hei zu Déifferdeng mat Studenten aus der École internationale.

Dat Zweet, wat mer d'nächst Joer wäerten op d'Schinn leeën, ass, dass ganz Klassen, mat hire Proffen, während zwou bis dräi Wochen, dat muss nach festgeluecht ginn, op Déifferdeng kommen. An en retour ginn déi Klasse vun der École internationale dann an Amerika an hir High School. Ech mengen, dat wär e super Programm, deen ee kéint opsetzen. Wou d'Kanner oder d'Studente wierklech eppes fir d'Liewen hunn. Wou se Experienze kënnen sammeln, déi fir d'Liewe wichteg sinn. Dat zu menger Rees an Amerika.

Eppes, wat ech nach haut wollt ukënnegen, ass, dass meng Ressorte vun der Bibliothék, dem Archivage an der Museksschoul an Zukunft wäerte vum Dokter Mangel iwwerhol ginn. Well et ass elo vill am Bauen. Ech hunn net méi déi Zäit, fir déi dräi Saachen wierklech gutt ze maachen.

Dofir hunn ech mäi Kolleg, de Robert Mangel, gefrot, ob e bereet wär, déi

dräi Saachen ze iwwerhuelen. An ech wëll deene Leit, mat deenen ech déi lescht zwee Joer ganz gutt zesummege-schafft hunn, Merci soen. Ech hoffen, dass se datselwecht Vertrauen, wat se mir entgéintbruecht hunn, och an Zukunft wäerten dem Robert Mangel entgéintbréngen. Ech wollt Iech dat awer haut soen, fir dass dat ganz kloer ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum zweete Punkt kommen, dem Balcon. No laange Joren Diskussiounen hu mer eng Decisioun geholl. Well et ass wierklech eng Gefor ginn. Déi Decisioun, déi mer geholl hunn, wäert Iech den Tom Ulveling, mat der ganzer Geschicht, op alle Fall en Deel vun der Geschicht, zielen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass eng däreg Geschicht. Well wann een dohinner geet, an net méi spéit wéi ufanks der Woch ware mer do, da gesäit een, wéi schlëmm et do ausgesäit, dee Balcon. Wéi verlottert dat do ausgesäit. Et muss ee sech wierklech schommen, wann ee gesäit, wéi sech dat presentéiert.

Vu dass mer déi Stroossen ënnen, niewent dem Balcon, nei maachen, hate mer proposéiert, dass mer deen Terrain virum Balcon, deen awer zu engem Zéngtel de Propriétaire gehéiert, vun de Propriétaires ofkafen an do en Aménagement maache mat enger flotter parkarteger Anlag.

En contrepartie hätte mer de Leit Park-plazen ugebueden. Well vill Leit Autoen do stoen hunn. Mir wollten dat wierklech flott maachen. Well et ass eng Entrée de ville vu Lasauvage. Leider konnte mer d'Leit net dovun iwwerzeegen, dass dat net nëmme Lasauvage géif méi schéi maachen, mä dass dat och hiert Haus oder hir Wunneng géif valoriséieren. Se waren dogéint.

Een huet gemengt, e kéint elo fënnef Autoen op sengem Terrain parken. Een aneren huet gemengt, wann een e Park do hätt, dann hätte si ze vill Zirkus vi-

tation donner à l'ancienne maison de soins.

Les discussions avec Oxford ont porté sur des échanges d'étudiants. Le directeur de l'école internationale a participé au voyage. Il a été décidé que des étudiants de la Miami University en dernière année encadreront un camp d'été à Differdange avec les élèves de l'école internationale. Deuxièmement, des élèves d'Oxford viendront passer deux ou trois semaines à Differdange avec leurs enseignants et en échange, des élèves de l'école internationale iront aux États-Unis.

Tom Ulveling passe à une deuxième communication: dorénavant, c'est M. Mangel qui s'occupera de la bibliothèque, de l'archivage et de l'école de musique. En effet, Tom Ulveling manque du temps nécessaire. Il remercie les personnes avec lesquelles il a collaboré au cours des deux dernières années. Il espère qu'elles feront confiance à M. Mangel.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Il passe au balcon de Lasauvage. Le collège échevinal a pris une décision, car la situation est dangereuse. Roberto Traversini cède la parole à M. Ulveling pour l'histoire.

TOM ULVELING (CSV) explique que la situation est délicate, le balcon tombant en ruines. La commune a honte de la façon dont se présente ce site.

Comme les routes jouxtant le balcon sont en train d'être refaites, le collège échevinal a proposé d'acquérir le terrain en face du balcon appartenant aux propriétaires pour y aménager un parc. En contrepartie, la commune aurait aménagé des places de stationnement pour les habitants.

Malheureusement, le collège échevinal n'a pas réussi à convaincre les habitants que ce projet allait embellir Lasauvage et valoriser leurs maisons. Certains ont expliqué qu'ils disposaient déjà d'assez de place pour leurs voitures; d'autres craignaient qu'un parc n'engendre du bruit devant chez eux...

2. Balcon de Lasauvage

Tom Ulveling rappelle qu'on accède au balcon — et donc aux habitations — par un escalier. Or celui-ci tombe en ruines et représente un danger. L'étude réalisée parle d'un « état de dégradation avancé. Les dalles reposent de manière désordonnée sur les marches. [...] Certains poteaux présentent des fissures impressionnantes. » La balustrade est rouillée et risque de s'écrouler. L'escalier est cassé.

Le collège échevinal en a parlé aux habitants. Il leur a expliqué que la commune était responsable d'éventuels accidents. Par conséquent, un état d'urgence allait être invoqué pour rénover le balcon. Les frais seraient pris en charge par les dix propriétaires.

La commune a demandé trois devis. Elle s'est basée sur le premier pour fournir une estimation aux habitants. Les frais devraient se monter à quelque 160 000 €, soit 16 000 € par propriétaire.

Lundi dernier, le collège échevinal s'est réuni avec les habitants. Un accord a été trouvé. Les personnes ne pouvant pas se permettre une telle dépense pourront demander un plan de financement sur deux ans au receveur communal.

Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver le devis de 160 000 €. La commune prendra en charge deux parts de 16 000 €. Le reste des dépenses sera réparti entre les propriétaires des maisons du balcon.

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit que ce dossier dont il est question depuis quelques années avance enfin. Cette situation représente un danger pour les habitants du balcon et ternit l'image de Lasauvage. Bien qu'il s'agisse d'une bâtisse historique, le balcon peut difficilement faire figure de modèle. Il est temps de le revaloriser.

Le rapport montre clairement qu'il faut agir. Le juriste de la commune a rédigé un avis sur la manière de procéder.

rum Haus. Dat war emol déi Approche, déi mer haten.

Dunn hu mer awer gesinn, wéi schlëmm dee Balcon ausgesäit. Um Balcon geet theoretesch eng Trap erop. Wat een awer net méi als Trap bezeichne kann. An dann hutt Der esou e Balcon, wou een dann an d'Wunneng erakënnt. Dat ass alles futti, agefall. Do besteet wierklech eng reell Gefor.

Mir hunn eise Büro ugestallt, fir eng Etüd ze maachen. An aus där Etüd, wéi Der am Dossier gesitt, kënnt ganz kloer eraus, dass do ganz grouss Gefore sinn. Ech zitëiere vläicht e puer Zeilen aus dem Rapport, fir dass ee wierklech gesäit, wéi schro et ass.

Do steet zum Beispill: „Un état de dégradation et de vétusté avancé ... Les dalles reposent de manière désordonnée sur les marches.“ Um Balcon sinn d'Pottoen „enveloppés d'un coffrage perdu probablement en fibres d'amiante cimentées. Certains poteaux présentent des fissures impressionnantes laissant conclure que la portance structurelle peut être mise en question. La présence d'armatures à l'intérieur du poteau n'a pas pu être détectée“.

Et ass festgestallt ginn, dass dat Gelänner am Gaang ass, komplett duercherzaschten. Wat och eng Gefor ass. Wann een do eng Kéier géif falen an et wéilt ee sech drun unhalen, da géif ee mam Gelänner eroffalen. Déi Trap, déi op de Balcon féiert, déi ass komplett futti. Déi besteet praktesch nëmmen nach deelweis aus Bëtong. De Rescht trëllt do.

Mir hunn déi Leit zesummegeruff an hinnen dat explizéiert. Mir hunn hinne gesot, als Gemeng wäre mir responsabel, wann do engem eppes géif geschéien, well vum Balcon riskéieren effektiv Stécker erofzefalen. Mir hunn hinnen dunn och déi Etüd hei presentéiert vun eisem Büro. A mir hu gesot, dass mer do elo géifen d'Urgence invoquéieren, a mir géifen als Gemeng proposéieren, de Balcon ze renovéieren. An dass een dat da géif, à part égale, vu dass mer an enger Indivisioun sinn, dat heescht, do sinn zéng Parteien – et sinn der am Fong nëmmen néng, well d'Gemeng zwee Haiser do huet –, pro rata vun de Parteien dat misst bezuelen.

Mir hunn en Devis gemaach. Deen éischten Devis – mir wäerten nach zwee anerer ufroen –, op dee mer eis baséiert hunn, fir de Leit awer kënnen ze soen, a wat fir eng Richtung et géif goen, hutt Der am Dossier. Do gesitt Der, dass et sech ëm eng Ausgab vun ongeféier 160.000 Euro handelt. Woubäi jiddwer Partei 16.000 Euro bezuele misst, fir dann déi Renovatioun vun deem Balcon ze maachen, sou wéi et sech gehéiert. Fir dass keng weider Gefor méi do besteet.

Leschte Méindeg ware mer mat de Leit zesummekomm an du krute mer den Accord, fir op dee Wee ze goen. Dat heescht, d'Leit sinn d'accord, fir et ze maachen. Mir hunn hinnen och gesot, wa Leit Problemer hätten, fir ze bezuelen, da wär et méiglech, mat eisem Receveur e Plan de financement ze maachen iwwer een, zwee Joer. Wou se dat da kéinte rembourser, wat et kascht.

Ech géif Iech bieten, deen Devis vun 160.000 Euro ze stëmmen. Mir hunn zwou Parten dovunner, dat heescht zweemol 16.000 Euro. De Rescht gëtt vun deene Proprietäre vun deenen Haiser um Balcon zréckbezuelet. Wa Froe sinn, kann ech se gäre beäntweren. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, Kolleginnen a Kollegen an och d'Press. Ech si frou, dass mer elo esou lues zum Enn komme mat engem Dossier, deen awer elo schonn e puer Joer leeft. Et ass net nëmmen eng Gefor, déi sécherlech besteet fir d'Awunner vun deem Balcon, mä et ass selbstverständlech och en Imageschued fir Lasauvage. Dat doten ass jo kee Virzeigeobjekt, obwuel et en historiescht Gebai ass. An dat Gebai ass dréngend revaloriséierungsbedürftig.

Mir sinn och frou, dass Der dee ganze Bericht do gemaach hutt, dee jo kloer

2. Balcon de Lasauvage

weist, dass Handlungsbedarf besteht. Op där anerer Manéier hu mer en Avis virleie vun eisem Jurist vun der Gemeng, deen eis och duerstellt, wéi mer dat Ganzt kéinten upaken.

Ech mengen, et wär alles gesot. Ech hoffen, dass mer a gudden Terme mat deene verschiddene Koindivisionnairen dann eens ginn. An och op eng gutt Manéier dee Projet ofschléisse kënnen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Här Muller. Dir wësst jo, wéi déi Lasauvager sinn. Dir hutt se jo mat erlieft. D'Madamm Richartz huet d'Wuert gefrot.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, wéi gewosst, ass de Balcon a Lasauvage säit Joren an engem ganz schlechten Zoustand. D'Gemeng huet den 28.6.2018 een Expert vum Büro Schroeder & Associés beoptraagt, eng Expertise vun deem Site ze maachen. Mam Resultat, dass de Balcon an d'Trape baufälleg befonnt si ginn. An dass e weidert Benotzen onméiglech a geféierlech wier. En Devis ass gemaach ginn, dee beleeft sech op 158.658 Euro. Déi d'Gemeng integral bezilt. Duerno trëtt d'Gemeng un d'Locatairë vun deem Site erun. A wéi ofgemaach, kënnen d'Leit dat an enger oder zwou Kéieren, oder wéi et hir finanziell Situatioun erlaabt, bezuelen, déi si vir-dru festgehalten hunn.

Déi Erneuerung vun deem Site wäert op jidde Fall zur Verschéinerung vu Lasauvage bäidroen. Mir si frou doriwwer. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech géif dann op meng riets Säit kucken, Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm, Dir

Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, Dir Häre vun der Press, zum Remanagement vum Balcon op der Zowaasch, welchen em 1913/1914 duerch de Comte de Saintignon gebaut ginn ass, en Hotel fir Thermen. Dat ass schonn eng Zäit hier. Dës Aarbechte fir den Zougang zu den Haiser, mussen gemaach ginn. Dat ass net wéi wäit ewech vum Zoustand vun enger Ruin. Also och geféierlech, wéi mer scho gesot kritt hunn. En plus net schéi fir en touristesche Site ewéi Lasauvage, mat Vergaangenheet, mat eiser éischer Schmelz hei am Süden.

Vu datt ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madamm Saeul, schwätzt Dir. Et ass lénks a riets Kaméidi. Dat ass awer net Är Schold. Et ass ganz schwéier. Schwätzt Dir weider.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Et ass schwéier. Wéi scho gesot stinn déi zéng Haiser an der Indivisioun, an esou dann och d'Parzell vum Accès vun den Haiser. Wéi 1973 Haus pro Haus ugefaangen huet, verkaft ze ginn, ass 1/10 vun der Propriétéit vun der Parzell dobäikomm. Dës Aarbechte sinn dréngend. Mir géife mat op de Wee goen, wéi scho proposéiert, dass d'Gemeng dës Aarbechten an d'Hand hält a virfinanzéiert, zu engem Devis vu ronn 160.000 Euro. An d'Zréckbezuele gëtt bei de concernéierte Leit un hir finanziell Situatioun ugepasst mat verschiddenen Optiounen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren, an d'DP stëmmt positiv.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mir als CSV begreissen, datt d'Reunioun mat alle Proprietären net méi spéit wéi leschte Méindeg stattfonnt huet, an datt an dë-

Erny Muller espère que les individuels réussiront à se mettre d'accord.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que M. Muller sait aussi bien que lui comment sont les habitants de Lasauvage.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

signale que le balcon est en mauvais état depuis des années. Le 28 juin 2018, le bureau Schroeder & Associés a constaté que l'escalier tombait en ruines.

Le devis se monte à 158 658 €. La commune règlera les frais intégralement avant de se faire rembourser par les propriétaires en une ou plusieurs fois.

Ces travaux contribueront à embellir Lasauvage. C'est une bonne chose.

CHRISTIANE SAEUL (DP)

rappelle que le balcon de Lasauvage a été construit en 1913-1914 par le comte de Saintignon.

L'accès aux maisons doit être refait. Le site tombe en ruines et représente un danger. Il n'est pas digne d'une localité touristique comme Lasauvage, qui a accueilli la première usine du pays.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande à M^{me} Saeul de poursuivre malgré le bruit. Il sait que ce n'est pas facile.

CHRISTIANE SAEUL (DP)

confirme que c'est difficile.

Elle rappelle que les dix maisons et leur accès sont détenus en indivision. Les maisons ont été vendues une par une à partir de 1973.

Les travaux sont urgents. Christiane Saeul propose au collège échevinal de les préfinancer. Le devis se monte à 160 000 €. Le remboursement pourra être adapté à la situation financière des propriétaires.

JERRY HARTUNG (CSV)

salue le fait qu'une réunion a eu lieu lundi dernier avec tous les propriétaires et qu'un accord a pu être trouvé. La commune aurait dû réaliser les travaux de toute façon pour des questions de sécurité.

2. Balcon de Lasauvage

Bien entendu, le chantier coutera cher. Jerry Hartung se réjouit du fait que la commune propose un financement aux personnes en difficulté.

Il rappelle que les maisons en question font partie du patrimoine communal et sont protégées. Il demande si les subventions de l'État et de la commune pour les travaux de rénovation peuvent être déduites directement du prix.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue à son tour la rénovation du balcon, car elle permettra de revaloriser Lasauvage et d'améliorer la qualité de vie des habitants. La commune possède elle-même deux maisons sur ce site.

Gary Diderich signale que les habitants ont pris l'habitude de rentrer chez eux en passant par la cave. Lorsque les travaux seront finis, ils se rendront compte de l'amélioration que ces changements leur apporteront dans leur quotidien. C'est pourquoi il est important que la commune soit disposée à préfinancer les travaux et soutenir ainsi ceux qui ne disposent pas des moyens financiers nécessaires.

ALI RUCKERT (KPL) ne comprend pas pourquoi le collège échevinal a invoqué une situation d'urgence.

TOM ULVELING (CSV) répond que le balcon tombe en ruines.

ALI RUCKERT (KPL) rétorque que plus personne n'utilise l'escalier depuis six ans. Les habitants en ont eux-mêmes bloqué l'accès. Pourquoi la commune n'a-t-elle pas réagi plus tôt? À moins que le collège échevinal ne profite de l'occasion pour réaliser ces travaux?

M. Ulveling a dit qu'un accord avait été trouvé avec les habitants. Les remboursements seront réalisés en un ou deux ans. Tout le monde a-t-il la possibilité de déboursier 15 800 € en 2 ans? Ali Ruckert ne le pense pas.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que les discussions n'ont pas commencé lundi dernier. Il est question du balcon depuis 12 ou 13 ans. Une réunion avait aussi été organisée il y a quelques années.

sem laangwieregen Dossier elo jidderen un engem Strang zitt, notamment an déiselwecht Richtung.

Wéi aus dem Constat am Dossier vun dëser Sëtzung ervirgeet, hätten dës Aarbechten aus Sécherheetsgrënn esou oder esou misse vun der Gemeng ëmgëssat ginn. Mer sinn natierlech frou, datt dës elo am Accord mat alle Beträffene stattfanne kann.

Et ass natierlech keng Klenggeheet. Deementspriedend deier gëtt et. Duerfir begrësse mer, datt d'Gemeng de Leit, wou et finanziell ze enk géif ginn, een un hir Situatioun adaptéiert Finanzement proposéiert.

An deem Kontext wollt mer froen, vu datt dës Haiser als kommunale Patrimoine geschützt goufen, ob de Subsid fir d'Renovatiounsarbechten, déi vum Staat a vun der Gemeng herno zegutt kommen, och direkt kéint schonn hei mat ofgerechent ginn. Vu datt d'Gemeng jo selwer dës Aarbechte leet, a mer domadder garantéiert hunn, datt se gemaach ginn.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vun déi Lénk aus begrësse mir déi heite Propos, fir de Balcon ze renovéieren. Et gëtt héich Zäit. Et ass eng Opwäertung vu Lasauvage, déi néideg ass. Et ass och eng Opwäertung fir d'Liewenssituatioun vun deene Leit, déi do wunnen. Mëttlerweil hu mer selwer als Gemeng zwee Haiser do. An och fir déi Leit ass et wichteg, dass dat dote gemaach gëtt.

Am Moment hunn d'Leit sech ugewinnt, duerch de Keller an hir Wunneng ze goen. Ech mengen, dass d'Leit et bis mierken, wann et gemaach ass, wat dat awer fir eng Verbesserung fir si an hirem Alldagsliewen ass, wann dat dote renovéiert ass. An deem dote Fall ass et ubruecht, dass mir no vir preschen als Gemeng. An och bereet sinn, Käschte virzestrecken, fir déi, déi net

esou finanzkräfteg sinn, a kucken eng Léisung mat hinnen ze fannen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo net richtig verstanen, firwat d'Urgence invoquéiert gëtt. Well déi baufälleg Trap geet scho mindestens sechs Joer kee Mënsch méi erop an erof, well se zou ass. Well d'Awunner selwer eppes dohinner gemaach hunn, dass een net erop- an erofgoe kann. Firwat dann elo eréischt déi Urgence? Firwat net schonn e bëssen éischer? Oder gëtt eis dat einfach d'Geleeënheet, iwwerhaupt eppes ze ënnerhuelen? Ouni dat wär et net méiglech. Dat kéint et jo sinn.

Meng Fro wär: Dir hat jo eng Sitzung mat deene Leit. An elo ass gesot ginn, déi wäeren all d'accord dat ze maachen. Ass dat wierklech esou, dass do all Famill déi finanziell Moyenen huet? Hei ass gesot ginn, innerhalb vun engem, zwee Joer, kéint dat bezuelt ginn. Huet all Famill déi Méiglechkeet, innerhalb vun engem oder zwee Joer, 15.800 Euro zrëckzebezuelen? Sot eis emol, wéi dat soll vir sech goen. Well ech hunn d'Impressioun, dass dat net onbedéngt stëmmt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do hutt Der vollkomme recht. Et ass scho méi laang. Et ass jo net esou, datt mer eréischt leschte Méindeg ugefaangen hunn, mat deene Leit ze diskutéieren. Ech ka mech erënneren, datt scho virun zwielef, dräizéng Joer Diskusiounen waren. Virun e puer Joer hate mer eng Versammlung, och mam Erny Muller zesummen. An d'Leit si sech einfach net eens ginn. Mir haten ëmmer gehofft, datt d'Leit esou verstänneg wieren, dass se sech géifen zesummedinn. An dat ass einfach net zustane komm.

2. Balcon de Lasauvage

An du war et wierklech esou, virun engem gudden hallwe Joer, wou ech selwer op der Plaz war, dass mer gesot hunn, dat do fänkt u geféierlech ze ginn. Stécker falen erof. Do hu mer Experten agesat. Dat ass ee Mëttel, wat de Buergermeeschter huet. Wann eng Gefor fir d'Awunner besteet, da kann en dat maachen. An dat hu mer hinnen och esou matgedeelt. A mir géifen et dann och maachen.

E Méindeg waren d'Proprietären net all am Sall. Dat ass ganz richteg. Mä zu Lasauvage ass dat och déi Stëmmung, déi een do ëmmer huet. Dat ass jo dat flott, typescht Lasauvage. An et si verschidde Leit, natierlech hunn déi d'Suen net. Ech géif mengen, datt déi meeschte Leit déi Suen net hätten, fir op eng Kéier ze bezuelen. Et ass ni geschwat gi vun engem Delai. Et ass net gesot ginn, een, zwee Joer. Et ass einfach gesot ginn, si solle sech mam Receveur zesummesetzen an e Finanzplang op déi nächst Jore maachen. An dat ouni Zënzen.

Dat heescht, wann eng Famill heihinner kënnt a si wëll 200 Euro op dräi, véier, fënnef Joer maachen, dann ass dat méiglech, mam Receveur. Et gëtt kee mat der Guergel geholl, fir dat zrëckzebezuelen. Et ass einfach wichteg, datt et gemaach gëtt. Dat ass gesot ginn. An op där Versammlung e Méindeg war keen do, dee gesot huet, e géif net wëllen.

En plus hu mer den Awunner zwou Optioune ginn. Et sinn der, déi hu Garagen, ier een a Lasauvage erakënnt. D'Gemeng ass drun interesséiert, déi ze kafen. Mir hunn der schonn e puer kaf. Verschidde Proprietären hunn der, a si brauche se net. Mir wëilten déi Garagen opkafen, fir se eng Kéier ewechzehuelen. Well et ass wierklech näischt Schéines. Dat war eng Propos. Dat géif da mat verrechent ginn.

An déi zweet Propos ass dat Stéck Gaart, wat se virun den Dieren hunn. Do sinn der, déi en hallwen Ar hunn, anerer hunn een Ar. Wou mer och drun interesséiert wären ze kafen. Net fir ze bauen oder soss eppes ze maachen, mä fir herno e Park draus ze maachen. Fir virun den Dieren erëm eng flott Saach ze hunn. Déi Optioun hu se och kritt.

Virun e puer Méint hate se nach aner Optioune kritt – wat den Här Ulveling

gesot huet –, fir e flotte Park ze maachen. Dat wollt verschidde Leit net. Dat heescht, d'Leit hunn am Fong geholl dräi Optioune: direkt bezuelen, sech mam Receveur zesummesetzen an op dräi, véier, fënnef Joer, a wéinst menger och méi, zrëckbezuelen. D'Haaptsaach, et gëtt gemaach. An déi aner zwou Optioune hunn ech Iech grad gesot, vu Verkaf, wa se e Stéck Terrain hunn, wou d'Gemeng drun interesséiert ass.

Am grouse Ganze si mer no der Versammlung net méi vernannt ginn. Wat schonn zu Lasauvage net schlecht ass.

(Gelaachs)

Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll soen, déi Suen, déi d'Leit do investéieren, si jo net à fonds perdu, an deem Sënn. Hire Bien gëtt jo revaloriséiert. Wann een haut verkafe wëllt, wou praktesch alles an Trümmer läit, oder du verkeefs eppes duerno, wat an der Rei ass, da kriss de och en anere Präis. Dat heescht, déi Sue sinn net direkt verluer.

Den Här Buergermeeschter huet eis et erkläert. Mir si bereet, mat de Leit en Arrangement ze fannen. Net dass kee méi Suen huet, fir sech ze ernieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Als LSAP si mer zefridden domadder, dass mer elo op dee Wee ginn, wéi et scho viru Joren opgezeechent ginn ass. Op jidde Fall déi Entrevuen, wou ech dobäi war, dass mer dee Wee géife goen.

Mä et gouf nach eng aner Variant. Dat ass déi iwwert den Droit de préemption fir d'Gemeng. Ech wollt Iech froen, ass déi definitiv fale gelooss ginn? Oder vläicht geet se och net. Ass dat e juristesche Problem? Mä do kéinten d'Leit, déi souwisou wëlles hätten, hiert Haus eng Kéier ofzeginn, déi hätten dann am

Mais les habitants n'avaient pas réussi à se mettre d'accord.

Il y a quelque six mois, Roberto Traversini s'est rendu sur place et a constaté que la situation devenait dangereuse. C'est alors qu'il a appelé des experts. Le bourgmestre a la possibilité d'intervenir directement lorsque les habitants sont en danger.

La réunion de lundi a confirmé que tous les propriétaires ne disposent pas des fonds nécessaires. Ces personnes doivent contacter le receveur pour élaborer un plan de financement. Il n'a jamais été question d'un délai. Par ailleurs, le collègue échevinal a proposé à ceux qui possèdent des garages à l'entrée de Lasauvage de les racheter s'ils n'en ont pas besoin. Ces garages sont en mauvais état et la commune voudrait les démolir. Le prix de rachat serait déduit du montant du remboursement. La même chose est vraie pour le jardin devant les entrées. Le collègue échevinal voudrait en faire un parc.

M. Ulveling a mentionné un autre parc tout à l'heure. Les habitants n'en ont pas voulu. Il leur reste donc trois options: payer directement, trouver un accord sur plusieurs années avec le receveur communal ou vendre les terrains que la commune voudrait acheter.

À la fin de la réunion de lundi, le collègue échevinal n'a pas été insulté, ce qui, pour Lasauvage, est déjà une victoire.

(Rires)

TOM ULVELING (CSV) ajoute que les investissements ne sont pas à fonds perdus puisque les biens sont revalorisés. Le prix des maisons va augmenter en cas de vente.

Pour ce qui est des remboursements, la commune trouvera un arrangement avec les propriétaires.

ERNY MULLER (LSAP) est satisfait de la façon dont évolue ce dossier. Il se souvient cependant d'une variante. A-t-elle été abandonnée? Il s'agissait pour la commune d'obtenir un droit de préemption. Les personnes souhaitant céder leur maison n'auraient rien payé jusqu'à ce que la commune en prenne possession. Erny Muller croit savoir que la

2. Balcon de Lasauvage / 3. PAP Ouschterbuer

commune est intéressée de toute façon à ces maisons.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que selon l'échevin aux bâtisses, tous les propriétaires n'ont pas assisté à la réunion. Que se passerait-il si l'un ou l'autre propriétaire n'était pas d'accord? Le projet serait-il remis en question? Fred Bertinelli n'y croit pas vraiment, mais si un propriétaire refusait de signer, la commune devrait tout de même s'assurer qu'elle pourrait réaliser le projet malgré tout.

TOM ULVELING (CSV) répond que tout le monde devra signer la convention. Il est vrai que tous les propriétaires n'ont pas participé à la réunion, mais plusieurs ont confirmé leur accord au téléphone ou par écrit.

L'avis juridique stipule que la commune est indivisible et que l'indivisible finançant les réparations pourra obtenir un remboursement. Chacun est donc tenu de participer aux frais.

Par conséquent, si quelqu'un refusait de rembourser les avances, il pourrait être traîné en justice et forcé à payer. D'après la loi, les copropriétaires doivent se montrer solidaires et participer aux frais. Une action en justice durerait longtemps, coûterait beaucoup d'argent aux indivisaires et n'apporterait aucun avantage. Par ailleurs, les principaux contestataires étaient présents à la réunion. La commune signera une convention avec chaque propriétaire pour s'assurer qu'elle sera remboursée.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe à Ouschterbuer. Il pensait ce projet conclu et le voilà de retour. Le bourgmestre demande à M. Schwachtgen de quitter la salle. En effet, il fait partie des réclamants.

(Discussions)

Fong näischt bezuelt, bis dass d'Haus eng Kéier vun der Gemeng iwwerhollt gëtt, wann dat dann de Wëlle wär. Ech mengen, dat ass jo alles op fräiwëlleger Basis. Dann hätte se et vläicht iwwer dee Wee kéinte maachen. An d'Gemeng ass jo interesséiert, déi Haiser, souwäit se disponibel ginn, opzekafen. Dat wollt ech nach froen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

De Bauteschäffen huet gesot, d'Leit vum Balcon wieren net alleguerten an där Sitzung gewiescht. Ech wollt froen, wéi dat rechtlech ass, wann elo een oder een aneren net d'accord wär, net en Accord géif matdroen, datt en dat wéilt bezuelen. Ob dat de Projet géif a Fro stellen oder wéi dat da géif gehandhaabt ginn. Vu dass bei esou Projeten emol een oder een aneren absolutt net wéilt matmaachen an net ënnerschreift. Ob dann de Projet a Fro gestallt gëtt oder ob dat rechtlech gekläert ass. Datt een et awer och ka maachen, och wann een oder een aneren Nee dozou seet.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass kloer, dass mer eng Konventioun mat jiddwerengem wäerte maachen. Si waren net all do, dat ass richtig. Mä et waren der awer och schonn, déi eis gemailt oder geschriwwen oder telefonéiert haten, fir ze soen, si wäeren mat der Propos d'accord.

Den Avis juridique läit am Dossier bäi. Ech wollt dat net erläutere, mä do steet ganz kloer dran, dass mer Indivisionnaire sinn an dass am Fong jiddweree muss dozou bäidroen: „L'indivisaire qui finance les dépenses de conservation avec ses fonds propres peut obtenir le remboursement des sommes avancées“. Dat heescht, jiddweree muss do matmaachen.

A wann elo effektiv ee géif refuséieren, da kéinte mir e Jugement verlaangen. Dee kréiche mer dann, an da kéinte mer dee forcéieren ze bezuelen. Mä

d'Rechtslag ass esou, dass mer am Fong alleguer solidairesch sinn, an dass dat muss bezuelt ginn. Wa mer juristesches virginn, dat hu mer de Leit och erklärt, dann dauert et éischters vill méi laang. Zweetens kascht et erëm esou vill méi, well jo och dann d'Prozesskäschten op déi zéng mussen ofgewälzt ginn. Et hätt also keen en Avantage dovunner.

An ech mengen awer, dass déi Leit, ech wëll soen déi gréisste Contestatairen, awer an der Sitzung waren. Soudatt ech mengen, an de Buergermeeschter hat et och gesot, dass mer mat jiddwerengem eenzelnen eng Konventioun maachen. Fir dass dat kloer ass. Wou alles drasteet. An da si mer ofgeséichert. An da mengen ech, misst dat och kënne relativ schnell gemaach ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da kéinte mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis et l'adaptation du crédit relatifs au réaménagement du complexe résidentiel Balcon à Lasauvage.

Villmoos Merci. Den drëtten Punkt, eise léiwen Ouschterbur. Da mengt een, mir hätten en endlech duerch a scho steet en erëm op der Dagesuerdnung. Här Liesch, kënnt Der eis erkläre, wat et des Kéier ass, w.e.gl.

Här Schwachtgen, Dir géift de Sall verlossen. Ass dat esou? Dir hat eng Kéier reklaméiert. Dat kënnt dann dovun. Et hat jo soss kee reklaméiert, gell?

ENG STËMM:

Aus dem Gemengerot net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, w.e.gl.

3. PAP Ouschterbuer

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

De Projet hate mer kierzlech eréischt hei am Gemengerot gestëmmt. Et ass elo esou, dass de Proprietär vun dësem Projet geännert huet. An deem ass elo am Gaang, seng exekutiv Pläng ze zeechnen. Do sinn em eng Partie Saachen opgefall. Wou en op der Gemeng ugefrot huet, fir eventuell Ännerungen ze maachen. Wat em verschidde Saache vereinfache géif.

Et handelt sech hei ëm eppes, wat mer schonn des Ëfteren haten, dass e PAP eben eng Kéier modifizéiert gëtt, zum Deel mat ganz klengen Saachen. Dofir ass et och eng Procédure allégée. Dat gesitt Der am Agankstext. Dir gesitt och, wéi schnell déi Demande vum Ministère erëmkomm ass. Mir haten dat an eise Büroen analyséiert. Mir hunn do kee Problem gesinn. De Ministère huet dat kritt gehat. An zwou, dräi Wochen drop hate mer schonn eng positiv Äntwert vum Ministère, dass si domadder kee Problem hätten.

Ech gi kuerz op déi eenzel Modifikatiounen an. Lous eent bis sechs, do geet et ëm Terrassen. Ech wëll do vläicht betounen, wéi déi Pläng musse gelies ginn. Dat kéint een elo esou liesen, dass d'Terrasse méi grouss ginn. Dat ass awer net de Fall. Dat heescht, et kann net méi gebaut ginn, wéi dat, wat autoriséiert ass. Et ass just, dass de Promoteur, deem dat heite baut, méi Flexibilitéit huet, fir ze kucken, wou e seng Terrass baut. Dat heescht de Gabarit gëtt vergréissert, innerhalb vun deem en därf eng Terrass bauen. Insgesamt därf en natierlech awer net méi baue wéi virdrun. E kritt also hei just méi Flexibilitéit.

Datselwecht gëllt fir de Lous sechs. Wou och de Gabarit uewen, de Retrait, aneschtens gemaach gëtt. Och do ass et net esou, dass méi därf gebaut ginn. En huet ebe just méi Flexibilitéit, fir seng Wunneng ze gestalten. E muss sech awer natierlech un d'Koeffizienter halen, déi am PAP stinn. Och fir d'Lousen 8, 12 an 18 ass et eng Saach, wou d'Gabariten ugepasst ginn.

Am Lous 15 huet de Promoteur gefrot gehat fir d'Méiglechkeet ze kréien, Abri-de-jardinen ze maachen. Dat hu mer positiv gesinn. Mer mengen, dass et an deem Eck do absolutt sënnvoll

ass, fir dat ze maachen. Och an de Lousen 18-23 geet et drëm, Abri-de-jardinen do ze erlaben.

Üblecherweis kommen ëmmer emol kleng Feeler, Tippfeeler, Zahlendreher an engem PAP vir. A wann een eng Modifikatioun mécht, da profitéiert een natierlech och dovun, déi erauszehuelen. An de Lous 24 a 25 sinn Erreurmateriellen, wou also Tippfehler oder Zahlendreher dra sinn, déi richteggestallt gi sinn. Wat also näischt un der Form ännert. Mä wou an der Partie graphique oder an der Partie écrite Divergenze waren, déi korrigéiert gi sinn.

An der Partie écrite fannt Der natierlech och déi Ännerungen, déi proposéiert gi sinn, nach eng Kéier erëm. Dat muss jo och an der Partie écrite nach eng Kéier zrëckbehale ginn. Do ass awer dann näischt Neies dobäi. Dat sinn nach eng Kéier déiselwecht Punkten, déi och an der Partie écrite korrigéiert gi sinn.

Insgesamt sinn et just kleng Ännerungen, déi et dem Promoteur erlaben, seng Wunneng bannendran e bëssen aneschtens ze gestalten. Dat gëtt ëm méi Flexibilitéit. Dat ännert awer näischt Substanzielles um Projet. Duerfir ass et jo och eng Procédure allégée. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Liesch. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ouschterbur kenne mer jo gutt. Hei ass et esou, dass geréngfueg Ännerungen gemaach ginn. Den Här Liesch huet eis et elo erkläert. Ech war gëscht an der Bautekommissioun, do hu mer och weider kee Problem gesinn. Dat ass ouni Weideres esou akzeptéiert ginn. Als LSAP stëmme mer dat mat, sou wéi dat proposéiert ginn ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Aguiar, w.e.gl.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que le promoteur du projet a changé. Il a demandé à la commune de pouvoir entreprendre quelques modifications simplifiant la réalisation du projet. Ce n'est pas première fois qu'un PAP évolue. Il s'agit d'une procédure allégée.

Le collègue échevinal n'a pas vu de problèmes. La demande a été envoyée au ministère. Deux ou trois semaines plus tard, celui-ci a remis un avis positif.

Sur les lots 1 à 6, les modifications portent sur les terrasses. D'après les plans, on pourrait avoir l'impression qu'elles ont été agrandies, mais ce n'est pas le cas. Le promoteur ne peut pas construire davantage que ce qui est autorisé, mais dispose désormais de plus de flexibilité qu'avant, car le gabarit de la terrasse augmente. Par conséquent, l'appartement peut être construit de manière plus flexible. Mais le promoteur doit malgré tout se tenir aux coefficients du PAP.

La même chose est vraie pour les lots 8, 12 et 18.

En ce qui concerne les lots 15, 18 et 21, le promoteur a demandé à aménager des abris de jardin. C'est une bonne chose.

Les PAP contiennent toujours quelques coquilles. Les modifications servent donc aussi à les corriger. Pour ce qui est des lots 24 et 25, quelques fautes de frappe et quelques chiffres ont été corrigés. Mais cela ne change rien à la forme. Les divergences entre la partie graphique et la partie graphique ont aussi été corrigées.

Les mêmes changements figurent dans la partie écrite. Autrement, celle-ci ne contient rien de nouveau. Bref, il s'agit uniquement de petites modifications permettant au promoteur d'aménager ces appartements de manière un peu différente. Mais le projet ne change pas et c'est pourquoi il est question d'une procédure allégée.

ERNY MULLER (LSAP) confirme que les modifications sont minimales. La commission des bâtisses a évalué le projet hier et n'a pas constaté de problème. Le LSAP approuvera les modifications.

3. PAP Ouschterbuer

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que le projet a déjà été ap-prouvé. Le ministère n'a pas fait de remarques. Paulo Aguiar ne voit pas de contradictions dans le PAP.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *concorde avec M. Muller. Les modifications portent sur des détails. Les démo-crates les approuveront.*

GUY TEMPELS (CSV) *n'a rien à dire quant aux modifications apportées au PAP Ouschterbuer.*

Il demande si des experts se sont rendus auprès des riverains, qui craignent que les travaux n'en-gendrent des dommages.

ALI RUCKERT (KPL) *signale que même si les modifications sont pe-tites, il est question d'un projet glo-bal. Il rappelle que soixante habi-tants ont réclamé contre le projet. Or celui-ci n'a pratiquement pas évolué. Les habitants considèrent ce projet comme un manque de res-pect.*

Le collège échevinal sait pertinem-ment que ce projet ne pourrait pro-bablement pas être réalisé si le nou-veau PAG était en vigueur. C'est pourquoi Ali Ruckert votera contre.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *constate que le collège échevinal a parlé de petites modifications. Mais si on les regarde dans leur ensemble, elles représentent tout de même plu-sieurs mètres carrés supplémen-taires. Car les combles sont agran-dis à plusieurs endroits.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *s'exclame que c'est faux.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *de-mande des précisions. Le nombre de mètres carrés a-t-il augmenté?*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *ré-pète que les plans donnent l'im-pression que la surface bâtie aug-mente. Mais ce n'est pas le cas. Seul le gabarit — c'est-à-dire le volume à l'intérieur duquel la construction peut avoir lieu — évolue. Le nombre de mètres carrés n'aug-mente pas. Le CMU et le COS res-tent les mêmes.*

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Häre Schäfferot, léif Kol-leegen, de Projet war schonn akzep-téiert. De Ministère huet näischt der-géint. Fir eis si keng Kontradiktiounen fir d'Modifikatioun vum PAP. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Här Meisch François, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci fir d'Wuert. Mir gesinn et genau d'selwecht wéi den Här Muller. Et geet just ëm Klenggekeeten hei. Dofir setze mer eis net dergéint. Mir stëmmen dat och mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Den Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, zu deene verschi-dene Modifikatiounen beim PAP Ousch-terbur ass näischt ze soen. Et sinn nëm-me kleng Ännerungen.

Eng Fro hätt ech. Et war d'leschte Kéier schonn ugeschwat ginn: Sinn an Të-schenzäit d'Experte bei de Proprietä-ren, déi Urainer sinn, laanschtkomm, fir en État des lieux ze maachen? Well ver-schidde Leit jo Angscht haten, dass Schied géifen entstoën, well do elo ge-schafft gëtt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt elo gesot, mer stëm-men iwver kleng Ännerungen of. Mä et geet natierlech trotzdeem ëm de Ge-

samtprojet. Dir erënnert Iech alleguer, dass do iwver 60 Awunner Asproch er-huewen haten, géint dee Projet. Dass e ganz liicht ofgeännert ginn ass, mä dass en awer am Wesentlechen datselwecht bliwwen ass, wéi en am Ufank war. A souwäit ech mech erënneren, haten d'Awunner selwer dervu geschwat, dass dat eng gänzlich Respektlosegkeet vis-à-vis vun hinne wär, wat do géif ge-schéien.

Dir wësst selwer ganz genoe, dass wann deen neie PAG schonn a Kraaft wär, esou eppes wahrscheinlech net méi méiglech wär, wat do gemaach gëtt. An dofir wäert ech och erëm eng Kéier der-géint stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ruckert. Här Di-derich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt nofroen: Dir sot, dat wäere kleng Ännerungen. Sou wéi ech dat am Dossier verstinn, sinn dat, wann ee se eenzel kuckt, in der Tat kleng Ännerun-gen. Wann een de Gesamtprojet kuckt, sinn dat awer eng Rei Metercarré u Wunnfläch, déi do bäikommen. Well op e puer Plazen eben d'Comblé méi grouss gemaach ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee, dat ass net esou. Dat ass falsch.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dofir wollt ech Präzisiounen froen, wat elo den Ënnerschied ass an de Meter-carréen tëschent deem, wat bis elo war an deem, wat elo wäert si beim Projet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Wa keng Wuertmeldunge méi do wieren, géif den Här Liesch op d'Froen äntweren.

3. PAP Ouschterbuer

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wéilt vläicht dem Här Diderich seng Fro als éischt huelen, well dat hat ech jo uganks gesot. Wann een d'Pläng liest, kéint ee mengen, dass d'Surface scellée oder d'Surface bâtie ännere géif. Dat ännert absolutt net. Mir änneren nëmmen de Gabarit.

Dat heescht, de Volumen, innerhalb vun deem en Developpement ka stattfannen. Awer ëmmer nach mat deeneselwechte Metercarréen. Dat heescht, et ännert näischt un de Metercarréen, déi kënne gebaut ginn. Et ännert näischt un de CMU- an de COS-Wärter. Et ännert just ...

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech schwätze vun der Wunnfläch. Wéi vill Metercarrée Wunnfläch de Promoteur herno huet, wou d'Leit kënnen dra wunnen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

E kann net méi baue wéi dat, wat en am urspréngleche PAP autoriséiert kritt huet. Net ee Metercarré méi.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Um Buedem net, awer no uewen ...

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Och net.

(Interruption)

Och do net. Ee Beispill, wou Der gesitt, dass de Retrait op zwou Säite war, an de Promoteur freet, fir de Retrait da just op enger Säit ze maachen. Dat gëtt em also méi Flexibilitéit. En dierf awer insgesamt net méi Metercarrée baue wéi virdrun. Dat ass also genau d'selwecht.

D'Fro vum Här Tempels: Et ass esou, normalerweis gëtt et eng Reegel, déi seet, wéi wäit ee muss d'Experte schécken, fir d'Envergure vun engem Projet ofzeschätzen. Mir sinn ëmmer nach der Meenung, dass déi Leit, déi elo dat heite gefrot hunn, wäit ewech si vum Pro-

jet, dass do iergendeppes ka geschéien. An der leschter Biergerversammlung war déi Fro och opkomm. Do hate mer de Leit dat och esou erkläert, dass déi Leit uewen an der Bielesser Strooss wäit ewech sinn, fir déi doten Etüden ze maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass scho richtig. Mä et hunn och Leit mat mir geschwat. Dir wësst jo selber, dass do vill Quelle sinn op deem Terrain, op deem Areal. An déi fäerten, wann dat Waasser do ewechgeholl gëtt, dass eventuell hir Haiser géifen asacken. An da misste se awer virdru kontrolléiert gi sinn, alleguer. Verstitt Der? Et ass net grad esou, dass ee seet, mir sinn elo sou wäit ewech, da kann do näischt virkommen. An d'Leit hunn elo e bëssen Angscht. Loosse mer et einfach emol esou soen. Dat ass dat, wat ech nach dozou soe wollt. Et ass vläicht och datselwecht, wat den Här Tempels soe wollt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat och nach eng Kéier mat deem neie Promoteur geschwat, dee sollt dat maachen. An deen hat mer gesot, hie géif dat kucken. Ech kann awer nach eng Kéier nofroen, fir déi Leit och ze berouegen. Datt dat eben esou ass. Jo, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech muss nach eng Kéier nohaken. Well déi Informatiounen, déi Dir hei verbal gitt an déi am Dossier stinn, stëmme fir mech net iwwereneen. Wann Der kuckt, Säit 7 vun der Modifikatioun, déi Tableauen, wou d'Ännerunge rout agekreest sinn.

Do hu mer beim Total vun der Surface construite brute beim PAP en vigueur 6.757,03 Metercarré. A beim PAP modifié am Tableau niewendrun hu mer 6.998,53 Metercarré. An da bei der

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande des informations quant au nombre de mètres carrés disponibles ensuite aux habitants.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répond que le promoteur ne pourra pas construire davantage que ce que le PAP autorisait au départ.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ajoute qu'il ne bâtira pas un mètre supplémentaire.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) confirme les propos du bourgmestre.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande si la hauteur du projet change.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répond que non.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) confirme les propos de M. Liesch. (Interruption de M. Diderich)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) cite l'exemple du retrait, qui se situait des deux côtés et qui désormais ne se situera que d'un côté. Le promoteur disposera donc de plus de flexibilité, mais pas de plus de mètres carrés.

Pour ce qui est des experts, le collège échevinal est d'avis que le projet est suffisamment éloigné des maisons. Les maisons dans la rue de Belvaux sont trop loin pour effectuer des études.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle qu'il y a de nombreuses sources sur ce terrain. Les habitants craignent que les maisons ne s'affaissent. C'est pourquoi il faudrait évaluer la situation au préalable.

Il est facile de dire que les maisons sont suffisamment éloignées. Mais les gens ont peur. Erny Muller voit les choses de la même façon que M. Tempels.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le nouveau promoteur était censé vérifier tout cela. Il lui en parlera une nouvelle fois pour calmer les gens.

3. PAP Ouschterbuer

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) insiste sur le fait que ce que dit le collège échevinal ne correspond pas à ce qui figure dans le dossier.

La page 7 indique que la surface construite brute passe de 6757,03 m² à 6998,53 m² et la surface scellée maximale passe de 4759,08 m² à 4881,19 m². À la page 8, il est question de 6757 m² contre 6999 m² pour le PAP modifié. L'emprise au sol augmente de 100 m² et passe de 2865 m² à 2957 m².

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) demande à M. Diderich de quel lot il parle.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond qu'il s'agit du total des 27 lots. Pour lui, il est logique que la surface habitable augmente. On peut discuter du bienfondé des modifications, mais il faut savoir de quoi on parle.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) devra vérifier.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) trouve que le dossier est clair.

Mais il ne comprend pas pourquoi ces modifications n'ont pas été faites directement. Il y a eu de nombreuses réclamations et Gary Diderich a l'impression qu'on a essayé de rendre le dossier plus acceptable. Et maintenant qu'il a été approuvé, on procède à des modifications permettant au promoteur d'engranger plus d'argent. Pour Gary Diderich, si la commune permet au promoteur d'accroître la surface habitable, elle devrait aussi lui demander de rendre les habitations plus accessibles. Or le collège échevinal ne semble pas avoir essayé de négocier avec le promoteur. Il est vrai qu'une partie des logements sont à cout modéré. Mais il ne s'agit pas nécessairement d'habitations à louer. Gary Diderich répète que si un PAP est modifié en faveur d'un promoteur, la commune doit veiller à en tirer également un bénéfice.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le collège échevinal a demandé au promoteur de céder une résidence de cinq appartements à louer à la commune. Les negocia-

Surface scellée maximale hu mer op där enger Sait 4.759,08 Metercarré. An op där anerer Sait hu mer 4.881,19 Metercarré. Dat si méi Metercarréen.

Wa mer dann niewendrun op Sait 8 kucken, am Punkt D. Annexe, dann hu mer bei PAP en vigueur 6.757 Metercarré bei Surface construite brute an niewendrun, bei PAP modifié 6.999 Metercarré. An dee Wäert ënnen-drënner, d'Emprise au sol ass och ëm 100 Metercarré eropgaangen, vun 2.865 erop op 2.957 Metercarré.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Bei wéi engem Lous sidd Der elo?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat ass den Total vun deene 27 Lousen. Ech schwätze jo vum Tableau hei. An Dir gesitt jo och de Gabarit de toiture. Wann ee seet, op zwou Säite méi wäit un de Rand, da sinn d'Retraite vill manner. Dann ass dat logesch, dass do méi Metercarré Wunnfläch ass. Ob dat elo schlecht ass oder net, ech wëll awer, dass mer hei wëssen, iwwer wat mer schwätzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ganz richtig.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech kucken dat eng Kéier séier no.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Am Dossier schénge et mer kloer ze sinn. Et huet mech duerchernee gemaach, wéi Der dat presentéiert hutt. Wat ech am Fong dozou froe wollt, ass, firwat kommen esou Ännerungen der-tëschent an net direkt?

À l'origine ass den Dossier jo scho kontrovers diskutéiert ginn. Et ware vill Awänn do vun de Leit. An da gesäit dat dote fir mech e bëssen duerno aus: Mir maachen dann e bësse méi Retraiten, da gesäit dat besser aus, da kënn dat besser duerch. An herno, wa kee méi

esou drop oppasst, da maache mer nach eng Ännerung dovunner. An da schloe mer méi eraus.

Well et ass jo awer dat, wat mer hunn. Wann ee méi Metercarré Wunnfläch huet, da kann de Promoteur domadder méi Sue maachen. An dann denken ech, dass mir als Gemeng müssen an der Position sinn, fir ze soen: Okay, mir hunn näischt dogéint, wann et méi Wunnfläch gëtt – well mir wëlle jo Wunnraum, domadder sinn ech averstanen – mä dat ka sech awer net elo tel quel an Ärer Marge erëmschloen, dass Dir Iech déi ganz Suen an d'Täsch stiecht. Do muss och vun Iech e Geste kommen, dass dee Wunnraum méi accessibel gemaach gëtt a méi bezuelbar gëtt.

An dat gesinn ech elo hei net an deem Dossier, dass mer do iergendwéi probéiert hunn, an déi Richtung nach ze manövréieren. Mir wëssen, dass hei en Deel Logements à coût modéré ass. Mä Logement à coût modéré, do ass net onbedéngt locatif dran. An dat werft fir mech Froen op. Ech denken, dass mir als Gemeng an esou Fäll sollen aktiv dorobber hiwierken, dass wann e Projet esou ausgeluecht gëtt, dass e méi interessant gëtt fir de Promoteur, dass dat net just à son bénéfice ass. Mä ebe Verbindlechkeete kréien, dass dat och méi abordabel fir d'Leit gëtt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass esou: Mir sinn am Gaang, mam Promoteur ze verhandelen, fir e ganz Gebai ze kréien. Et ass nach eng Affär vum Präis. Dat ass direkt, wann een erakënnt vir riets, e Gebai mat fënnf Appartemen, fir herno ze verlounen. Déi Gesprécher lafen. Mir sinn eis nach net eens mam Präis. Selbstverständlich ass et jo net, datt mir net ëmmer verhandelen. Mir sinn am Gaang, mat deem ze kucken, fir déi fënnf Appartemen komplett ze kafen. Fir se an d'Locatioun ze ginn. Da wësst Der, datt déi Gesprécher am Lafe sinn. Mir sinn och mam Logementsministère am Gaang ze kucken, wéi mer dat subventionéiere kënnen. An dat ass natierlech och eppes, wat an d'Deppe kënn.

3. PAP Ouschterbuer / 4. Actes et conventions

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ma ech begréissen dat. Dann eben d'Fro: Firwat kann een dat net am Package maachen? Well wa mir elo de PAP stëmmen, dann hu mer schonn emol fir d'Interesse vum Promoteur gesuergt, a mir wëssen awer net, wéi déi aner Verhandlung ausheet. Dofir géif ech virschloen: Kommt, mir soen dem Promoteur, mir stëmmen dem PAP am Prinzip sou zou, mir wëlle just sécher sinn, dass dat, wat hien do méi eraus-schloe kann, sech och an engem korrekte Präis fir déi doten Appartementer ausdréckt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir huelen dat mat. Mir géifen dann elo zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 voix non d'approuver la modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier aux lieudits « Rue Ouschterbuer » et « Rue Woier » à Oberkorn conformément aux dispositions de l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

Villmoos Merci. Da komme mer bei de véierte Punkt: „Zwischen Lanterbaenen“. Deen huet e laange Baart. Dat ass en Terrain, dee mer versichen ze kréien, op alle Fall säit ech am Schäfferot sinn, dat si 15 Joer. Dee befénnt sech hannert dem Collé. Dat ass do, wou mer am Moment am Gaang sinn, den CID ze plangen, fir den Terrain ze kréien.

Endlech hu mer en Accord fonnt, fir den Terrain ze kafen. Zu engem Präis, dee mer och fir déi aner Terrainen op deem Site bezuelt hunn. Mir si frou, dat elo endlech duerch de Gemengerot ze bréngen. Mir haten et net gegleeft, bis mer den Akt vum Notaire haten. An ech kann Iech garantéieren, datt hei just déi 25.000 Euro bezuelt ginn, déi am Akt stinn. A soss näischt ronderëm, wat mat där Famill ausgemaach ass. An d'Detailer erspieren ech Iech.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Däerf ech nach eppes soen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz gäre kritt Dir d'Wuert, Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass richtig, wat den Här Buergermeeschter seet. Den Här Muller weess dat och. Deen huet och laang un deem Dossier geknat. De sprangende Punkt war, dass mer gesot hunn, fir den CID ze bauen, brauche mer den Terrain net. Ech mengen, de Mann hat et op eemol agesinn, datt, wann en der Gemeng eppes verkeeft, brauch e keng Plus-value ze bezuelen. Dat ass natierlech e rissege Gewënn.

De Mann huet wahrscheinlech iergendwann eng Kéier erausfonnt, dass e besser hätt, eis et ze verkafen, wéi ze versichen, en engem aneren ze verkafen. Mir brauchen den Terrain net. A mir wäerten en och bei där neier Planung vum CID praktesch net vill touchéieren. Mä en ass awer trotzdeem wichteg, well mer dann do en Ofschloss hu vun deenen aneren Terrainen hannendrun.

An nächster Zukunft musse mer eng Kéier driwwer schwätzen, wéi mer dee ganze Plateau do kéinte viabiliséieren. A kucken, dass sech Firmen, déi Aarbechtsplaze schafen, do usidelen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Muller, ganz gären.

ERNY MULLER (LSAP):

Dir kënnt Iech natierlech virstellen, dass ech frou doriwwer sinn, dass elo en Accord fonnt ginn ass. Déi Stonnen, déi mer mat deem gewëssenen Här verbruecht hunn, ware jo och net ëmmer net oninteressant, mä si ware ganz schwierig. Ëmsou besser, dass et elo iwwert d'Bühn ass. Et ass am Interêt vun

tions sur le prix sont en cours. Le collège échevinal a aussi contacté le ministère du Logement concernant d'éventuelles subventions.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se demande pourquoi cela ne figure pas dans le dossier. Car les modifications que le conseil communal s'appête à approuver sont à l'avantage du promoteur sans que la commune sache sur quoi aboutiront les négociations. Gary Diderich propose une approbation de principe tout en demandant au promoteur une garantie quant aux logements à couts modérés.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

en parlera au promoteur.

(Vote)

Roberto Traversini passe au point 4, Zwësche Lauterbannen. La commune essaie d'acquérir ce terrain depuis au moins 15 ans. Il se trouve derrière Collé.

Un accord a finalement été trouvé. Le collège échevinal a d'ailleurs encore du mal à y croire. Le prix se monte à 25 000 € comme le stipule l'acte.

Roberto Traversini ne va pas entrer dans le détail.

TOM ULVELING (CSV) demande la parole. Il rappelle que M. Muller a longtemps travaillé sur ce dossier. Le collège échevinal a fini par dire au propriétaire que la commune n'avait pas besoin du terrain pour construire le CID. Le propriétaire semble avoir compris qu'il avait intérêt à le vendre à la commune plutôt qu'à quelqu'un d'autre.

La commune n'a pas besoin du terrain pour la construction du CID. Mais elle possède déjà des terrains derrière et pourra réfléchir à l'aménagement de tout le plateau.

(Interruption)

Tom Ulveling explique qu'il s'agit de viabiliser le site et de créer des emplois.

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit de ce projet.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) s'en doute bien.

ERNY MULLER (LSAP) se souvient que les heures passées avec le pro-

4. Actes et conventions

priétaire n'étaient pas inintéressantes, mais elles étaient difficiles. L'acquisition du terrain est de l'intérêt de la commune et des services communaux.

M. Ulveling a dit que la commune n'avait pas besoin du terrain jouxtant la voie ferrée. Mais l'autre est intéressant.

(Interruption)

Erny Muller rappelle qu'il y a encore deux terrains. Il a mené des discussions préliminaires avec les propriétaires et il devrait être possible de les obtenir aux mêmes conditions.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
remercie M. Muller pour le travail qu'il a réalisé.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *est contente que ce dossier aboutisse enfin. La Ville de Differdange aura enfin la possibilité de construire un nouveau CID et d'attirer de nouvelles entreprises à Differdange comme cela a été fait dans le Haneboesch.*

GUY TEMPELS (CSV) *se réjouit du fait que la commune devienne propriétaire de ce terrain après des négociations difficiles. Il s'agit d'une pièce importante du puzzle visant à construire le nouveau CID.*

(Interruption)

Guy Tempels espère que le projet du CID sera présenté bientôt.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
l'espère aussi.

(Rires)

(Vote)

Roberto Traversini passe à trois parcelles dans la Grand-rue cédées à la commune. Cette cession est une contrepartie au terrain sur la place des Alliés que la commune a mis à disposition pour 99 ans lors de la construction du bâtiment.

eiser Gemeng a vun der Entwécklung vun eise Servicer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Dir hat elo gesot, deen een Terrain bräichte mer wahrscheinlech net, deen, dee ganz uewen un d'Eisebunn grenzt. Mä deen aneren ass awer interessant. Deen anere läit jo op der géintiwwerleeënder Säit.

ENG STËMM:

Se sinn allen zwee interessant.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt just soen, do gëtt et jo nach zwee Terrainen, dat wësst Der och. Den Här Liesch, mengen ech, ass do am Gaang.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do si mer am Gaang.

ERNY MULLER (LSAP):

Et wär och gutt, wa mer dat géifen ofschléissen. Well do hat ech och scho Virgespräicher. Et wär och méiglech, déi zu deeneselwechte Konditiounen ze kréien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. An och Merci fir Är Aarbecht. Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. No laange Verhandlung si mer frou, dass dëst endlech op Pabeier koum. Heimat gëtt d'Stad Déifferdeng sech d'Méiglechkeet, den neien CID ze bauen. Well dee

platzt – op Lëtzebuergesch gesot – aus den Néit. A weider Betriber op Déifferdeng ze kréien a sech esou un de Succès vun der Zone Haneboesch unzeschléissen. Do brauche mer nach en neien Numm fir déi nächst Zon Haneboesch. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do komme mer jo nach hin. Zwar net dës Säit, et ass déi aner Säit. Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, mir si frou, datt no dach relativ schwierige Verhandlungen, d'Gemeng elo Proprietär vun dësem wichtege Terrain gëtt. Dëst war eent vun de Puzzelstécker, dat gefeelt huet, fir d'Planung vum neie CID virunzedreiwen. Mir freeën eis, an Zukunft vläicht iergendwann eng Kéier och de Projet vum neie CID virgestallt ze kréien. Mir stëmme mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech freeë mech och drop.

(Gelaachs)

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acquisition de terrains d'une contenance totale de 56,11 a au lieudit « Zwischen Lanterbaennen » à Niederkorn.

Villmools Merci. Dat nächst ass en Terrain, dee mer an der Groussstrooss kréien. Dir wësst, d'Stad Déifferdeng ass Proprietär vu villen Terrainen. Dat hei sinn am Fong geholl zwee Parzellen, oder dräi souguer, déi mer vum Fong zur Verfügung gestallt kréien.

Déi Operatioun huet sech gemaach, wéi de Fong dat Gebai, wat op d'Place des Alliés kënnt, op 99 Joer kritt huet.

4. Actes et conventions

An deemselwechten Otemzuch hu mer gesot, mir géifen dat zur Verfügung stellen, mir géifen awer gär aner Terrainen amplaz kréien. Do war d'Groussstrooss schnell a Gespréich komm. An elo si mer Proprietär vun zesummen ongeféier 70, 80 Ar.

Wéi Der an der Budgetsdebatt matkritt hutt, wëlle mer selwer Bauhär ginn. Mir hunn deemnächst Rendez-vous mam Logementsministère, fir do eventuell e Pilotprojet, respektiv och zu Nidderkuer, ze maachen. Mir si frou, datt de Fong eis deem Terrain gëtt, symbolesch kann ee bal soen, fir 100 Euro d'Joer op 99 Joer. Datt mir dat als Gemeng maache kënnen, wat mir och fir richtig fannen. Mir hoffen, datt et e flotte Projet gëtt, wou d'Mixitéit ganz groussgeschriwwé gëtt.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir begréissen als déi Lénk, dass d'Gemeng selwer wëll aktiv ginn. Mir hunn dat jo déi lescht Joren ëmmer ënnerstëtzt.

Dir schwätzt vun engem Pilotprojet. Hutt Der schonn Indikatiounen, a wéi eng Richtung esou e Pilotprojet sollt goen? Gëtt dat éischter locatif? Gëtt dat erëm verkaf? Wéi eng Populatioun géif dat viséieren?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Éischtens emol freeën ech mech, datt Der Iech och freet. Ech sinn ëmmer frou, wann Dir frou sidd, Här Diderich.

(Gelaachs)

Wat richtig ass – Dir gesitt jo, wat am Bail steet, firwat de Fong et zur Verfügung stellt –, et ass ganz kloer, datt een do muss abordabele respektiv locative Wunnraum schafen. Wéi mer elo dee ganze Projet opdeelen, dat musse mer gesinn. Eis schwieft eng Mixitéit vir.

Op där Plaz si scho ganz vill Mietwunnengen. Ech mengen, datt nach déi eng oder déi aner Mietwunneng dohinner komme kann. Mir denken och u Studentewunnengen an där Strooss. A fir

Leit, déi et am Moment schwéier hunn, Saachen ze kafen. Mä dee Projet steet nach net. Et ass just kloer, datt mer decidéiert hunn, datt mir Bauhär wäerte sinn. Datt net e Promoteur oder soss een dat baue wäert. Well déi 15 bis 25%, wou e Promoteur op verschidde Projekte verdéngt, kéinte mer de Bierger a Biergerinnen zur Verfügung stellen, fir eng Wunneng ze kréien.

Wa mer do e bësse méi wäit sinn, hunn ech absolutt kee Problem, datt déi Projeten an der Logementskommissioun an an der Bautekommissioun diskutéiert ginn. Fir ze kucken, ob mer do um richtige Wee sinn, fir Mixitéit ze kréien. An och beim Spidol, deem Terrain. Well deem Terrain hu mer och. Do wëlle mer am Fong geholl datselwecht maachen. Mä déi Versammlung mam Logementsministère ass eréischt no der Ouschtervakanz.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, fir d'Wuert. Et ass interessant, dass mer e Gesamtterrain hunn, eng Surface. An dass mer elo kënnen innerhalb vun deem Areal eng Verwärtung maache vun deem Deel, deem de Fonds de Logement un eis oftrëtt. Dat heescht, mir sinn do fräi, flexibel, fir e flotte Projet draus ze maachen.

Wann ech dat richtig verstanen hunn, wär dat no där Entrevue mam Logementsministère. Géift Der Iech dann och dru ginn, fir e PAP oder e Plan directeur oder esou eppes ze maachen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat war nach meng Fro. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Vu datt et e Pilotprojet ass, misst een och zesumme kucken, wéi een dat an de Parteie selwer koordinéiert kritt.

Les parcelles de la Grand-rue font quelque 80 a. La commune a décidé d'être maître d'ouvrage. Le collègue échevinal a rendez-vous avec le ministère du Logement pour lancer un projet pilote sur ce site et éventuellement à Niederkorn.

Roberto Traversini se dit content du fait que le Fonds du logement ait cédé ce terrain pour la somme symbolique de 100 € pour 99 ans. Il espère que la mixité sera une partie intégrante du projet.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue le fait que la commune se montre active.*

M. Traversini a parlé de projet-pilote. Peut-il fournir quelques précisions? Les logements seront-ils mis à la vente ou en location? Quelle est la population visée?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est toujours content d'entendre que M. Diderich est content.

(Rires et discussions)

Roberto Traversini explique que certains détails figurent dans le bail. Les logements seront à cout modéré ou à louer. Mais le parc locatif est déjà conséquent sur ce site. Le collège échevinal réfléchit aussi à la construction de logements pour étudiants.

Cependant, le projet n'est pas encore entièrement défini. Ce qui est clair, c'est que la commune sera maître d'ouvrage. Les 15 % à 25 % qu'un promoteur gagne sur un tel projet seront ainsi mis à la disposition des citoyens. Roberto Traversini ne voit pas d'inconvénient à débattre du projet au sein de la commission des logements et de la commission des bâtisses. Les mêmes remarques valent pour le terrain près de l'hôpital. Mais l'entretien avec le ministère du Logement aura lieu après Pâques.

ERNY MULLER (LSAP) *trouve intéressant de disposer d'une surface suffisante pour valoriser le terrain mis à disposition par le Fonds du logement. La commune aura la flexibilité nécessaire à la réalisation d'un projet.*

Erny Muller croit avoir compris que les décisions seront prises après l'entrevue avec le ministère du Logement. Le collègue échevinal pré-

4. Actes et conventions

semblera-t-il aussi un PAP ou un plan directeur ?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

Il faudra voir comment coordonner ce projet-pilote.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

signale que la Grand-rue compte davantage d'habitants. Tout le monde n'apprécie pas les grandes bâtisses qui y sont construites. Frenz Schwachtgen regrette que la SNHBM ait construit des résidences aussi hautes près de la piste cyclable. Le quartier est étouffant avec ses ruelles étroites.

C'est pourquoi la commune devrait réaliser un projet écologique. Frenz Schwachtgen propose des terrasses fleuries dans la colline avec des plantes sur les balcons des résidences et des espaces éclairés.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

propose à M. Liesch de revenir sur Ouschterbuer tout à l'heure et de poursuivre l'ordre du jour.

Il passe au point c, un bail intéressant.

ROBERT MANGEN (CSV) explique

que la nouvelle loi sur le salaire minimum remplace le RMG avec le REVIS, le revenu d'inclusion sociale. Les personnes touchant le REVIS sont encadrées par l'ONIS, l'Office national d'inclusion sociale, pour lequel travaillent les ARIS, les agents d'inclusion sociale. Ceux-ci dépendent de l'office social de la commune.

L'office social de Differdange compte actuellement quatre postes d'assistants sociaux équivalents plein-temps et trois postes administratifs. Cinq ARIS vont renforcer l'équipe. Bref, les locaux de l'office social dans la Grand-rue ne suffisent plus. C'est pourquoi le collègue échevinal a décidé de les installer dans le bâtiment BIL, dans le centre-ville.

Le bâtiment BIL est constitué d'un rez-de-chaussée et d'un premier étage. Chaque ARIS occupera un bureau. Un sixième fonctionnaire sera recruté en 2020.

Le frais de location se montent à 5990 €, facturés à l'office social. La

Här Schwachtgen, Dir hutt nach d'Wuert gefrot gehat.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll dozou Stellung huelen. Eis Grousstrooss ass elo méi räich un Awunner ginn. Net jiddwerengem gefallen déi grouss Bauten, déi dohinner komm sinn. Och de Leit, déi naturverbonne sinn. Et ass leider ze bedauern, dass d'SNHBM esou héich uewe bei de Vëloswee gebaut huet, bis un de Wangert erun. Dat ass effektiv e Quartier ginn, deen architektonesch erdréckend ass, a mengen Aen. Dat ass mäi perséinlechen Androck. Déi enk Gaassen, déi lëfteg Gaassen, wann een esou ka soen, déi dra sinn, loosse mech allzäiten d'Saach e bësse kritesch gesinn.

Dofir wier et ëmsou méi wichteg, wa mer e gemengeneegene Projet maachen, dass mer an d'Richtung ginn, net esou bombastesch ze bauen, mä mat vill Gréngs ze bauen. Ech ka mer Terrasses fleuries do virstellen an enger Hanglag, mat vill Gréngs op de Balconen vun deene Gebaier, déi dohinner kéimen. Och mat Zwëscheraim, déi besonnt sinn. Wou ee Sonn erakritt an esou virun, fir déi Leit, déi zukünfteg do wunne wäerten. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Schwachtgen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le droit d'emphytéose avec le Fonds du logement portant sur des parcelles d'une superficie totale de 12,54 a aux lieudits « Grand-rue » et « Terrasses de la Ville » à Differdange.

Merci. Ech maachen dat zwar net gär, Här Liesch, mä mir géifen op dee Punkt zrëckkommen. Ech géif dat léiwer um Schluss maachen. Oder? Ech géif den Ordre du jour weiderfueren. Da komme mer duerno am Divers op Är Erklärung zum Tableau zrëck, vun deem Punkt virdrun.

Mir kommen zum Punkt c), och e ganz interessante Bail. A mir si frou, datt mer deen elo hunn. Här Mangen. An da bestëmmt den Här Goffinet.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Ech versiche kuerz ze erläuteren. Mat deem neie Gesetz vum garantierte Mindestloun, ab 1. Januar 2019, gëtt den RMG elo duerch de REVIS ersat. Dat ass de Revenu d'inclusion sociale. Déi gesamt Leit, déi de REVIS bezéien, gi vum Office national d'inclusion sociale betreit. Dat ass den ONIS.

Den ONIS huet regional Beoptraagter, déi sech fir déi sozial Integratioun vun deene Bedürftegen asetzen. Dës Beoptraagte ginn ARIS genannt. Dat sinn Agents régionaux d'inclusion sociale. Dës ARIS-Beamte sinn elo an Zukunft vum Office social vun der Gemeng Déifferdeng ofhängeg.

Fir ze bemierken, onsen Office social hei zu Déifferdeng huet véier Postes équivalents plein temps vun Assistant-socialen an dräi administrativ Persounen. Dat sinn am Ganze siwe Persounen, déi zoustänneg fir den Office social sinn. Et kommen also fënnef ARIS-Beamte bäi, déi sech ëm de REVIS, den Ex-RMG këmmen. Dat mécht eng beträchtlech Zuel vu Leit, déi mer net méi an deene Raimlechkeete vum jëtzege Office social an der Grousstrooss ënnerbrénge kënnen. Dofir ass et verständlech, datt mer déi Solutioun geholl hunn, fir se am BIL-Gebai ënnerbrénge. Et ass och zentral geleeën, wou d'Leit sech kënnen hi beweegen.

D'BIL-Gebai, et ass net jiddwereen deen dat kennt, besteet aus engem Rez-de-chaussée an engem éischte Stack. Do si sechs Büroen ageriicht ginn. Am Moment si fënnef ARIS-Beamten, déi do eraplënnere. Et ass nach ee Büro fräi. Deen ass virgesi fir e sechste Beamten, dee sech ëm d'REVIS-Leit këmmert. Dee gëtt viraussichtlech am Joer 2020 agestallt. Da sinn d'Raimlechkeete fir d'gesamt Personal do.

De Präis vun der Locatioun gëtt dem Office social berechent. Dee beleeft sech ëm 5.990 Euro.

D'Gemeng huet d'Raimlechkeeten, déi Büroen, fir den Office social a Stand ge-

4. Actes et conventions

sat. An och den Empfang, deen do vir-gesinn ass. Dat gött alles am Loyer mat ofgerechent.

Dat waren d'Detailer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, den Här Mangeln huet dat meescht gesot. Den ale SRAS, deen neien ARIS, huet elo eng Gebailechkeet, wéi se soll sinn. Déi ugepasst ass, déi e bësse méi neiwaerteg ass, wou se genuch Plaz hunn. Net wéi am ale Gebai an der Groussstrooss. De Montant vun der Locatioun ass ëm 6.000 Euro. Et ass eng Surface totale vu bal 400 Quadratmeter. Mat enger Notzungsfläch vun ongeféier 300 Quadratmeter, wou se kënnen schaffen. Dat anert ass Stockage an esou weider.

Ech wëll awer och nach drop opmierksam maachen, dass ech nach ëmmer fir eng Maison sociale sinn, wou mer alles zesummeglidderen. Wou mer net een Deel hei an een Deel do hunn. Wou mer dann och eng Gebailechkeet hätten, déi e ganzen Empfang géif maachen. Wou mer alles kéinten tranchéieren, wou mer d'Virbereedung vun der Leit op den Aarbechtsmaart géife maachen. Alles, dee ganze Suivi, wat muss gemaach ginn.

Dat wier eng flott Initiativ, déi ee sech lues a lues kéint ausdenke fir déi nächst Joren. Fir dat ze preparéieren an dofir eng nei Gebailechkeet ze schafen. Well dat hei soll jo nëmmen e Provisoire sinn, wéi ech matkritt hunn. An et wier vläicht och flott, an deem Gemengerot e puer Iddien auszeschaffen, fir dass do eppes Neies, Héichwäerteges erauskënnt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Goffinet. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, wéi mer all wëssen ass Plaz Mangelware. Eis sozial Servicer am Centre médico an an der Residence Lara an der Groussstrooss sinn ëmmer méi zesummege-rutscht an de leschte Méint. Et war definitiv Zäit fir eng Alternativ. Et komme fënnf weider Leit bäi, fir datt Personal d'Leit weiderhin uerdentlech empfan-ken an hir Aarbecht maache kann.

Wéi am leschte Gemengerot erkläert gouf, soll d'Gemengenhäuser erweidert ginn. Mat der Iddi, fir d'sozial Servicer ze regruppéieren, wéi den Här Goffinet dat elo ugeduecht huet. Deemno ass dëst eng provisoresch Léisung – wuel eng e bësse méi laang provisoresch. Mä mir denken, datt dat am Sënn vum Service vun der Gemeng a vum Office social eng gutt Léisung ass. Mir stëmmen dëse Contrat de Bail mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der KPL sinn ech natierlech frou, wann déi Leit gëeegent Lokalitéiten kréien, fir ze schafen. Mä mir hunn et hei erëm mat engem Beispill ze dinn, dass vill gemaach gött, fir d'Aarmut ze verwalten, mä net fir se ze besäitegen. Dat göllt och fir dat neit REVIS-Gesetz, wou eng Rëtsch Leit manner kréien, wéi se an der Ver-gaangenheet haten. Ech wär der Mee-nung, et misst vläicht e bësse méi ge-maach ginn, fir d'Aarmut ze besäitegen. An och déi Leit besser ze ënnerstëtzen an ze kucken, dass se en normaalt Lie-we kënnen féieren. Amplaz, dass se ëmmer op esou eppes ugewise sinn, well d'Léin esou niddreg sinn oder d'Renten esou niddreg sinn.

Ech géif Iech bidden, vläicht en Effort an déi Richtung ze maachen.

commune a réaménagé les bureaux et l'accueil.

SERGE GOFFINET (CSV) constate que M. Mangeln a pratiquement tout dit. Les ARIS disposent de locaux convenables et spacieux. La location se chiffre à quelque 6000 € pour une surface totale de 400 m². Serge Goffinet soutient par ailleurs l'idée d'une maison sociale au lieu de disperser les services. On pourrait y accueillir les gens, les préparer à leur retour sur le marché de l'emploi et les suivre. Il faudrait réfléchir à une telle initiative pour les années à venir, car la solution proposée aujourd'hui n'est que provisoire. Le conseil communal pourrait apporter ses idées.

JERRY HARTUNG (CSV) souligne à son tour le manque de place dans le centre médicosocial et dans la résidence Lara. Avec l'arrivée de cinq nouveaux employés, il était temps de proposer une alternative pour pouvoir accueillir les clients convenablement.

Jerry Hartung rappelle par ailleurs que l'hôtel de ville sera agrandi. Comme l'a dit M. Goffinet, les services sociaux seront regroupés. La solution proposée aujourd'hui est donc provisoire et permettra d'améliorer le service offert par l'office social.

ALI RUCKERT (KPL) se réjouit du fait que les employés reçoivent des locaux adaptés. Mais tout ceci ne fait qu'illustrer le fait qu'on gère la pauvreté au lieu de la supprimer. Avec le REVIS, une partie des gens toucheront moins d'argent qu'avant. Ali Ruckert est d'avis qu'il faut faire davantage pour lutter contre la pauvreté et qu'il faut veiller à ce que les personnes concernées puissent mener une meilleure vie. Elles sont obligées de demander de l'aide parce que les salaires et les pensions sont trop bas. Ali Ruckert demande qu'un effort soit fait dans ce sens.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) approuvera le contrat de bail, car il fallait des locaux adéquats dans le centre-ville. À long terme, il faudra essayer de regrouper les services.

4. Actes et conventions

La réforme est présentée comme si le principal problème était d'activer les gens. Mais pour la plupart d'entre eux, le REVIS ne constitue qu'un complément, car ils travaillent déjà. La nouvelle loi va être approuvée et Gary Diderich a l'impression que l'on investit dans la gestion des gens. Une partie des personnes concernées devront aller à l'ADEM, qui ne sait pas quoi leur proposer. Les mesures sont temporaires. On en produit qui ne sont que provisoires et les gens ne parviennent pas à trouver une stabilité. Les communes et l'État feraient mieux d'investir dans le travail. C'est comme cela que l'on pourra lutter contre la pauvreté. Actuellement, les gens passent d'une mesure à l'autre. Parfois, ces mesures sont efficaces, mais ce n'est pas toujours le cas.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

salue les nouvelles mesures, même s'il est vrai qu'elles n'apporteront pas toutes les solutions nécessaires à la lutte contre la pauvreté et la précarité.

Le bâtiment BIL devait aussi servir à accueillir une partie du centre médicosocial lorsque celui-ci serait rénové. Où en sont les plans? Si le bâtiment BIL est occupé, il faudra trouver une autre solution.

Frenz Schwachtgen revient sur les termes REVIS et ARIS. Les lecteurs du rapport analytique ne les connaissent pas forcément. Il faudrait donc leur fournir quelques explications. M. Mangen a donné le nom complet, mais si les abréviations sont répétées souvent, les gens peuvent avoir du mal à tout comprendre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle qu'il n'est question que du bail.

M. Ruckert et M. Diderich ont raison. Mais il signale que le dernier ministre du Travail a beaucoup fait. Le chômage a baissé, même s'il reste trop élevé. Les mesures qu'il a prises portent leurs fruits. De nombreuses associations et communes profitent de ces mesures pour recueillir des gens qui ne parvenaient pas à sortir du RMG ou de CDD. Roberto Traversini sait qu'il reste du pain sur la planche. Mais si

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir stëmme fir deen heite Contrat de Bail. Et ass wichteg, dass do anstänneg Raimlechkeete sinn. Mir begréissen, dass déi Raimlechkeeten am Zentrum vun Déifferdeng sinn. An och, dass laangfristeg iwuerluecht gött, wéi een déi Servicer an engem anstännegen Espace zesummebrénge kéint.

Ech wëll awer och drop agoen, wat de Virriedner gesot huet. Mir schwätzen hei vun enger Reform, déi no bausse kommunizéiert gött, wéi wann et géif drëm goen, d'Leit ze aktivéieren. Wéi wann dat den Hauptproblem wär. Déi meescht Leit, déi de REVIS kréien, dat ass e Complément. Dat heescht, déi sinn aktivéiert, déi hunn eng Aarbecht. Mä déi kréien net genuch Verdéngscht aus hirer Aarbecht eraus. Dat ass net den Hauptproblem.

Elo gött et gestëmmt, et muss een herno kucken, wat dobäi erauskënnt, mä ech fäerte ganz, dass, in der Tat, méi an d'Verwaltung vun de Leit gestach gött. Elo mussen der eng ganz Rei bei d'ADEM. Wou mer bei der ADEM leider nach net souwäit sinn, dass déi wëssen, wat se deene Leit proposéieren. A wou mer ëmmer méi a Mesuren, och wa mer se heiansdo erëm anescht nennen, mä wou mer ëmmer erëm temporär Mesurë produzéieren a reproduzéieren. Wou d'Leit sech ni eng Stabilitéit kënnen opbauen. Amplaz dass mer d'Suen investéieren, dass d'Leit eng Stabilitéit kréien.

Ech denken, dass mer als Gemeng an als Staat éischter d'Sue sollen an d'Aarbecht investéieren an d'Leit a stabil Aarbechtsverhältnissen bréngen. Esou kritt een eng wierklech Bekämpfung vun der Aarmut gemaach. An net duerch Mesuren, wou d'Leit eben oft vun där enger an déi aner ginn, och wann dru geschafft gött, dass dat manner de Fall ass. An och wann déi heiansdo sënnvoll kënnen sinn. Mä dat ass awer net ëmmer de Fall an ze wéineg de Fall. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Mir begréissen déi Mesuren do, déi jo haaptsächlech infrastrukturell sinn. Ech ginn de Virriedner natierlech recht, dass dat elo zum Grondproblem vun der Aarmut oder vun der Precaritéit am Fong eng besser Aarbechtsweis erlaabt, awer nach net all Léisunge bréngt.

Eng Fro, déi ech mer gestallt hunn: Mer haten hei diskutéiert, wéi de Centre médico soll sanéiert ginn. Wou gesot gi war, dat Gebai vun der BIL kéim dofir a Fro, fir temporairement ee Stack ze evakuéieren an dohinner ze setzen. Wéi ass et mat deene Pläng? Déi si jo elo dee Moment hifälleg. Da misste mer eis Gedanke maachen, wat mer mat där Renovatioun oder Modernisatioun vum Centre médico maachen.

Déi aner Saach, wann ech ëmmer déi nei Nimm do héieren: REVIS, ARIS an esou virun. Mer sollte vläicht och un d'Lieser vum Analyteschen denken a vläicht och am Virfeld vu schwierigen Dossieren, wéi deem heiten, eng Nomenclature dohinner stellen, mat e puer Explikatiounen. Den Här Mangen hat elo kuerz d'Ofkierzunge gesot. Mä wann dat awer repetitiv kënnt, si ganz vill Leit, déi net méi domadder eens ginn. Zemools wa gesetzlech Neierunge sinn. Ech mengen, da sollt een de Bierger doranner e bëssen hëllefen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Mir stëmmen hei iwuer e Bail of. Den Här Ruckert an den Här Diderich hunn, mat Recht, ganz vill richteg Saache gesot. Mä ech géif awer och gär ervirsträichen, datt de leschten Aarbechtsminister ganz vill gemaach huet. De Chômage ass esou déif wéi scho laang net méi. A Gott sei Dank. An en ass nach ze héich.

En huet eng Mesure abruecht, wou mer gesinn, déi elo hir Friichten dréit. Dat sinn d'Chômeurs à longue durée. Dat

4. Actes et conventions

bréngt awer eppes. Et si ganz vill Associatiounen a Gemengen, déi dorop zréckgräifen, fir verschidde Leit opze-fänken, déi virdrun net aus engem CDD respektiv aus engem RMG eraus-komm sinn. Et ass awer net esou, datt näischt geschitt ass. Ech weess, datt nach vill Misär do ass. Mä et gött awer och dru geschafft.

An Här Ruckert an Här Diderich, wann Der eng Kéier déi mirakuléis So-lutioun hutt, wat mer maache sollen, da sot eis se. Ech hunn absolutt kee Pro-blem, datt mir dat als Gemeng maa-chen. Mir hu 40 CAEen hei schaffen. Mir stelle Léierbouwen a Léiermeeder-cher an. Sot eis dann nach, w.e.gl., wat mer méi maache sollen. Ech hunn abso-lutt kee Problem dermat, wann ee mat enger gudder Iddi kënnt, datt d'Ge-meng dat mécht. Dat ass absolutt kee Problem. Mä dat huet am Fong geholl näischt mam Bail ze dinn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Kann ech dozou eppes soen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Sot mer, Här Diderich. Ech si gespaant.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Also et gött elo net eng mirakuléis Léi-sung. Mä déi Lénk huet d'Iddi vum État comme Employeur de dernier res-sort entwéckelt. Wou d'ëffentlech Hand, an dat kann d'Gemeng ebe maa-chen, Leit fest astellt. Spéitstens, wann een no enger Mesure keng Insertioun op den Aarbechtsmaart fonnt huet, dass een dann de Leit eng fest Aarbecht gött. Déi permanent hält.

Mir hunn Aarbechten, déi Gemengen-aarbechter kéinte maachen, déi zum Deel vu CAEen, ATlen oder wéi se elo genannt ginn, vum CIGL gemaach ginn. Déi och einfach Persoune kéinte maachen, déi bei eis géife fest agestallt ginn. Dat wär fir déi Leit eng ganz kon-kret, eng laangfristeg Léisung, déi iw-wer temporär Mesuren, wéi ebe CAEen, erausgeet.

Ech begréissen, dass d'Déifferdenger Gemeng ganz aktiv ass, wat esou Me-suren ugeet. Mä ech mengen, do misst méi e gesonde Mix sinn, vu wegen och méi fest Aarbechtsplaze kreéieren. Mir hunn dat jo schonn hei ëfters dis-kutéiert, dass mer mat relativ wéineg fi-xem Personal fueren hei an der Déiffer-denger Gemeng. Ech mengen, mir kéin-ten do e puer méi fest Plaze schafen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Dir hutt da vläicht net verstanen, firwat Mesuren do sinn. Mesurë sinn haaptsächlech do, fir de Leit Forma-tiounen ze ginn. An net fir konkret Aarbechten ze maachen. Dat soll nach dobäi kommen. Mä d'Haaptzil, op alle Fall bei eise CAEen an eise Leit, déi a Mesurë sinn, ass net, datt se Tonnen Aarbecht solle maachen, mä datt se Formatioune kréien.

A wann Der wéisst, wéi vill Stonnen zum Beispill de CIGL gemaach huet. Ech kenne mech awer e bëssen doran-ner aus. Do leie mer bal ëm déi 10.000 Formatiounsstonnen, fir d'Leit erëm op den Aarbechtsmarché ze kréi-en. Kommt, mir huelen dat eng aner Kéier.

Här Ruckert, Dir kritt d'Wuert ganz gär, well ech hat Iech och ernimmt. Do-fir kritt Der d'Wuert ganz gär nach eng Kéier zréck.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, ech muss Iech widdersprieche, wat Der do gesot hutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Dat hätt mech soss gewonnert.

ALI RUCKERT (KPL):

Do wär vill gemaach gi vum Aarbechts-minister. D'Aarbechtslosegkeet wär am Gaang zréckzegoen. Ech wëll just soen, dass d'Aarbechtslosegkeet haut däit-lech méi héich ass wéi virun der Wirt-

M. Ruckert et M. Diderich ont une solution miracle, ils n'ont qu'à le dire. Le bourgmestre rappelle que la commune emploie quarante CAE et des apprentis. Que peut-elle faire de plus? Roberto Traversini n'a pas de problème à mettre en pratique de bonnes idées.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) souhaite intervenir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) se dit curieux d'entendre ce qu'il a à dire.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) propose l'idée de l'État comme employeur de dernier ressort pour les gens ayant eu recours à une mesure, mais n'ayant pas trouvé de travail. Certaines tâches sont effectuées par des CAE, des ATI ou le CIGL. Pourquoi ne pas recruter des gens? Que Differdange soit active en ce qui concerne ces mesures est une bonne chose. Mais il faut aussi créer des emplois. La Ville de Dif-ferdange dispose de relativement peu de personnel fixe.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) a l'impression que M. Diderich n'a pas compris à quoi servent ces me-sures. Il s'agit de former les gens et non de leur fournir un travail fixe. Le CIGL offre par exemple quel-que 10 000 heures de formation pour intégrer les gens dans le mar-ché primaire de l'emploi. Mais ces discussions peuvent avoir lieu une autre fois.

ALI RUCKERT (KPL) doit contredire le bourgmestre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) n'en est pas surpris.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que le bourgmestre a dit que le ministre du Travail a beaucoup fait et que le chômage est faible. Mais il est net-tement plus élevé qu'avant la crise économique de 2008. (Interruption)

4. Actes et conventions

Si les chiffres ont reculé, c'est parce que le gouvernement a décidé de ne plus comptabiliser plusieurs catégories de chômeurs. Ces précisions sont importantes. Les chômeurs malades, par exemple, ne sont pas pris en compte. La même chose est vraie pour une femme enceinte au chômage. Les frontaliers au chômage ne sont pas inclus non plus dans les statistiques. Ali Ruckert estime les chômeurs à plus de 25 000. Ce n'est pas la faute de l'administration communale, mais il faut en tenir compte.

(Interruption de M. Traversini)

Pour Ali Ruckert, il faut des initiatives communes entre l'État et les communes. Par le passé, il n'y a pas eu d'initiatives pour changer profondément les choses.

Ali Ruckert répète qu'au Luxembourg, le chômage est géré, mais il n'est pas supprimé. L'expression « plein emploi » a disparu depuis longtemps à Differdange.

(Interruption de M. Goffinet et rires)

CHRISTIANE SAEUL (DP) *se réjouit du fait que l'office social ait pu profiter des locaux situés 16, avenue de la Liberté pour les ARIS. Le REVIS et les ARIS ont pour mission d'encadrer les clients de façon moderne. C'est pourquoi l'équipe a été renforcée. Il faut donc davantage de locaux.*

Les démocrates approuveront le contrat de bail.

SERGE GOFFINET (LSAP) *souhaite conclure les débats.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *lui demande d'apporter une bonne conclusion.*

(Rires)

SERGE GOFFINET (LSAP) *souhaite remercier la commune, car les employés ont pu emménager dans de nouveaux locaux assez rapidement et les clients peuvent être accueillis comme il faut.*

schaftskris vun 2008. Däitlech méi héich.

A wann déi offiziell Zuelen zréckgaangen sinn, dann huet dat dermat ze dinn, dass einfach d'Regierung decidéiert huet, an déi Verwaltung decidéiert huet, ganz Kategorië vu Leit net méi ze berechnen an där Aarbechtslosegkeet. Dat huet och dermat ze dinn. Dat musst Der de Leit dann awer och soen.

En Aarbechtslosen, dee krankgeschriwwen ass, dee gëtt net méi an der Statistik gefouert. Eng aarbechtslos Fra, déi e Kand erwaart, gëtt aus der Statistik erausgeholl. Sou wéi wa se net méi aarbechtslos wär. An esou kënne mer weider a fortfuere. Déi aarbechtslos Grenzgänger fënnt een net an der offizeller Statistik erëm. Also, wann ech Iech dat zesummenzielen, da komme mer ganz liicht, ganz liicht, iwwer 25.000 Aarbechtsloser hei am Land. An dovun ganz vill zu Déifferdeng.

Ech wëll elo net der Gemeengeverwaltung dat virgeheien, mä dat spillt awer alles zesummen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir wësst ganz genau, wéi de Staat an d'Gemengen Hand an Hand schaffen. A wann do keng gemeinsam Initiative kommen, dann ass ee bei deem Resultat do. An et kann een net soen, dass an der Vergaangenheet déi Initiative kommen wäeren, fir dat grondleeënd ze änneren.

Ech soen nach eng Kéier: Hei gëtt d'Aarbechtslosegkeet verwalt, an deem Land. Awer et gëtt net versicht, se ze besäitegen. An dat Wuert Vollbeschäftigung ass scho ganz laang, och aus dëser Gemeng, verschwonnen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Mir schaffen drun.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dierf ech eppes soen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, fir d'éischt d'Madamm Saeul. An dann hutt Dir, Här Goffinet, ganz gär dat lescht Wuert.

Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir sinn als Demokratesch Partei schonn emol zefridden, dass sech dës Geleeënheet fir den Office social vun Déifferdang gebueden huet. An een esou déi Raimlechkeete fir d'Agente vum neien ARIS lounen konnt, op 16, Avenue de la Liberté, déi fréier Interbank. Den RMG ass den neie REVIS, an aus dem SRAS ass den ARIS ginn – ech gebrauchen natierlech och elo erëm eng Kéier déi Ofkierzungstermen. En neie Wee am soziale Wiesen. Fir d'Clienten zäitgeméis ze begleeden, gëtt de Staff an d'Luucht gesat an natierlech gréisser Raimlechkeete gebraucht. D'Demokratesch Partei stëmmt dëse Contrat de bail.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Ass soss keng Wuertmeldung? Just den Här Goffinet? Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Da schléissen ech einfach of.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schléisst awer gutt of.

(Gelaachs)

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo, ech schléisse gutt of. Éischtens soen ech Merci. Ech hat virdrun net mol Merci gesot, dass dat awer eeneger-

4. Actes et conventions

moosse séier gaangen ass – et ass vläicht nach net grad esou séier gaangen, wéi mer eis et gewënscht haten –, dass eis Beamten elo schéin a propper do sëtzen an d'Leit uerdentlech empfanke kënnen. Dat ass och eppes wäert.

Nationalpolitik ass eng aner Saach. Et kéint een als Gemeng emol Aarmut thematiséiere vun alle Säiten. Dat ass berechtegt. A vläicht d'Point-de-vuen eng Kéier zesummeleeën a wierklech Iddien ausschaffen, wéi een dës Gemeng virubrëngt, fir dass d'Leit an Aarbecht kommen. Ech menge beileiwen net, dass et d'Virriedner schlecht gemengt hunn, wat se hei gesot hunn. Si wëlle jo wahrscheinlech nëmmen dat Beschtfir eis Bierger. An dat soll och den Notze vun där Diskussioun hei sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec l'office social de Differdange pour les besoins des agents régionaux d'inclusion sociale Aris dans un immeuble sis à Differdange, avenue de la Liberté n° 16.

Dat nächst ass e Kontrakt mat eisen Artisten. Et ass e Bail, deem erneiert gëtt. Här Ulveling, Dir wollt e Wuert dozou soen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass ee Bail, deem erneiert gëtt. Dir gesitt, dass deem Här 600 Euro de Mount bezilt, fir den Espace ënnert dem Daach vum Markenhaus ze benotzen. Mir hunn d'Präisser zënter deem leschte Kontrakt, deem elo wéi gesot erneiert gëtt, e bësse gehuewen. No uewe revidéiert.

D'Artisten hu verschidden Obligatiounen. Déi kréie relativ bëlleg en Espace zur Verfügung gestallt. Si müssen hiren Atelier mindestens eemol am Joer fir d'Bevëlkerung opmaachen. Si müssen

Ausstellungen organiséieren. Si hunn also verschiddenen Obligatiounen ze erfëllen, fir d'Konscht hei zu Déifferdeng weider ze propagéieren.

Mir si frou, esou Atelieren hei ze hunn. Soudass mer kucken, déi och an Zukunft weider ze behalen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Ulveling, ech hunn eng Verständnisfro. Dee Bail ass op eng Persoun bezunn. Ass deene Leit aus deenen Atelierer erlaabt ze sous-louéieren? Ass do méi wéi een Artist dran? Wéi gëtt dat gehandhaabt? Muss d'Gemeng gefrot ginn, mat wéi vill Leit een do schafft? Well ech weess, datt et e Problem ass beim Lounen, datt een ëmmer eng Personne physique muss hunn, fir den Numm ze hunn. Et kann een net méi Persounen do drop hunn. Mä Dir hutt awer gesot si. Dann huelen ech jo un, datt et méi Artiste sinn. An do wéilt ech eng Explikatioun. Wéi vill sinn dat der dann? Wéi vill profitéieren dovunner?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, richtig, Här Bertinelli. Et sinn zwee Leit. Mir sinn informéiert, dass do een Zweeten dran ass. Mir sinn d'accord domat. Et ass natierlech de Problem, dass deen, deen e Kontrakt ënnerschreift, deen haft. Dat heescht, wann deen Zweeten ofspréngt, da muss e kucken, dass en dee Loyer eleng bezilt. Dat ass am Fong deen eenzegen Hoke bei där ganzer Saach. Mä wann dee Mann bereet ass, dee Risiko ze droen, da gesinn ech net an, firwat mer dat net sollen esou maachen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci.

En ce qui concerne la politique nationale, la commune pourrait discuter de la pauvreté et élaborer des idées qui feraient avancer les choses. Serge Goffinet ne pense pas que les orateurs précédents voulaient lancer une polémique. Ils ne veulent probablement que ce qu'il y a de mieux pour les habitants. (Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à un contrat avec les artistes. Un bail doit être renouvelé.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il est question d'une personne payant 600 € par mois pour un espace sous le toit du Markenhaus. Le loyer a été augmenté légèrement.

Il reste relativement faible, mais les artistes ont aussi diverses obligations. Ils doivent organiser des portes ouvertes au moins une fois par an, organiser des expositions et propager l'art à Differdange. Le collège échevinal est content de mettre à disposition les ateliers pour artistes et reconduira ce projet.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande si les artistes ont le droit de sous-louer les ateliers. Un atelier peut-il être occupé par plus d'une personne? La commune sait-elle combien d'artistes travaillent dans un atelier?

Lors de la location, le nom d'une seule personne physique doit figurer sur le contrat. Mais M. Ulveling a utilisé le pluriel. Fred Bertinelli suppose donc que plusieurs artistes profitent des locaux.

TOM ULVELING (CSV) confirme qu'une deuxième personne occupe les lieux. Le collège échevinal n'y voit pas d'inconvénient. Mais une seule personne peut signer le contrat, ce qui signifie que si le deuxième s'en va, le signataire devra payer le loyer tout seul. C'est un risque que le signataire est disposé à prendre.

4. Actes et conventions

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise que la sous-location est normalement interdite dans les baux avec la commune.

(Vote)

Roberto Traversini passe à un point concernant les abeilles. Il cède la parole à M. Liesch.

TOM ULVELING (CSV) rappelle qu'avant, c'était M. Mackel qui s'occupait des abeilles.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que M. Mackel a cessé son activité d'apiculteur. Le contrat de fermage qu'il avait avec la commune passe à M. Zoller, un autre apiculteur differdangeois.

Georges Liesch précise que le site se trouve au lieu-dit Bremenschleiden.

FRED BERTINELLI (DÉI GRÉNG) est déjà intervenu à plusieurs reprises concernant les abeilles. Il estime que la commune devrait faire davantage dans ce domaine. Au cours des dernières années, beaucoup d'abeilles sont mortes.

Il y a quelques années, Fred Bertinelli a proposé d'aménager une ruche à proximité de chaque école afin de sensibiliser les enfants.

Il est important que quelqu'un reprenne le travail de M. Mackel. Mais Fred Bertinelli répète que la commune pourrait faire davantage. Il est essentiel qu'il y ait des abeilles partout pour qu'elles fécondent les prairies, les arbres et les plantes.

Fred Bertinelli a longuement discuté avec les apiculteurs. Ceux-ci sont très engagés. La commune devrait essayer de coordonner leur travail pour que tout se passe du mieux possible.

GUY TEMPELS (CSV) connaît une personne ayant demandé un site pour ses abeilles au ministère du Développement durable et des Infrastructures. Les conditions imposées sont terribles.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Sous-locatioun ass normalerweis an all Bail, deem d'Gemeng mat engem huet, verbueden. Dat ass kloer. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un atelier-grenier pour artistes.

Deen nächste Kontrakt geet em d'Beien. A wann et em d'Beie geet, ass den Här Liesch zoustänneg.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Soss war et ëmmer den Här Mackel.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Mackel spillt hei indirekt mat. Dir wësst, dass den Här Mackel opgehalen huet mat senger Beienziichte- rei. Dat hei ass den Terrain, deem hie bei eis hat. Wou mer e Contrat de fermage mat him haten. Dee geet elo, an dësem Fall, iwwehelt dat. Och en Déifferdenger Beienziichter, deem dat ganz gewëssen- haft mécht. Wou mer absolutt keng Be- denken hunn, deem de Contrat de fer- mage weiderzeginn, deem den Här Ma- ckel bis dohinner ëmmer hat.

Et ass zu Nidderkuer op der Kopp, an der „Bremenschleiden“, wann ee weess, wou dat ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, ganz gären.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dat héieren ech gär vun de Beien. Ech weess, dass ech zwee- oder dräimol in- tervenéiert hat an nach ëmmer der Meenung sinn, datt d'Gemeng an deem Punkt, wat d'Verdeelung vun de Beie- stäck hei an der Gemeng ugeet, nach vill, vill méi kéint maachen. An och

vläicht misst méi maachen, vu dat d'Beiestierwen, wat mer an deene lesche- te Joren haten. Vu datt dat ëmmer méi bewosst gëtt.

Well mer gesinn am Ausland, déi Bon- gerten, déi net méi duerch d'Beie be- stäubt ginn, wat fir eng Sisy- phusarbecht dat ass. Dofir hat ech eng Kéier virun e puer Joer déi Iddi bruecht, fir esou vill Schoulen, wéi mer an der Gemeng hunn, Beiestäck opzeriichten. Pro Schoul e Beiestack an der Géigend vun der Schoul opzeriichten. Fir déi re- sponsabel ze maachen.

Ech fannen et gutt, datt een dat heiten iwwehelt. Well den Här Mackel vill, vill Aarbecht an deene Jore gemaach huet. Et ass och gutt, datt dat elo net erëm mat verschwennt, mat deem anere Problem, deem do ass. Datt dat weider- gefouert gëtt. Mä ech mengen awer nach ëmmer, datt d'Gemeng nach e bës- se méi kéint maachen. Well ech dat enorm wichteg fannen, datt mer erëm iwwehelt Beien hunn. An datt och eis Felder, eis Beem an eis Planze bestäubt gi vun de Beien, wéi dat misst sinn.

Ech hat mat de Beienziichter hei aus der Gemeng länger Diskussiounen. Déi hu mer gesot, si géifen och nach schaffen an dat niewebäi maachen. Déi sech enorm engagieren. Mä do misst ee vläicht vun der Gemeng kucken, fir e Wee ze fannen, fir dat ze koordinéiere mat deene Leit. Obschonn déi Leit praktesch fir eis schaffen. Fir do eng Koordinatioun ze fannen, dass dat nach besser lafe kéint. Datt ee méi Bei- estäck an eiser Gemeng opstelle kéint. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Bertinelli. Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Dir Dammen an Hären, dat hei ass e flotte Projet. Ech wollt eppes do- zou soen. Oft kréien déi Leit terribel Oploe gemaach, deelweis Nonsens. Dat weess ech vun engem Kolleg, dee sel- wer gefrot huet beim MDDI, fir eng Plaz ze kréien, wou e seng Beie kéint hi- stellen. Ech mengen, hei wär et vläicht

4. Actes et conventions

och un eisem Fierschter, deene Leit, déi esou Plaz wëllen, ze hëllefen. An hinnen dat e bëssen ze amenagéieren, dass se hir Vëlker propper opstelle kënnen. Well heiansdo, wa se nëmme froen, fir zwou Zillen dohinner ze bréngen, fir d'Këschten dropzestellen, dann ass dat schonn ze vill. Dat ka jo net sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hunn nach ee Beiemann hei, den Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech si frou, déi Wierder elo gehéiert ze hunn. Et ass just an déi Richtung, déi eis rette kann, wat d'Pollinisatioun vun eise Beem ubelaangt. Wa mer mol reng mënschlech, egoisteschen denken, ouni un d'Natur ze denken, wat fir ee Schued, dass et wier, wann d'Insektstierwen esou géif weidergoen. Net nëmmen d'Beie stierwen, mä generell d'Aartestierwen, wat mer de Moment erliewen.

An ech maachen do eng Kéier den Appell. Ech mengen, mir sinn eng pestizidfräi Gemeng. Déi Appeller soll een och dauernd bei der Populatioun repetéieren. Och bei eisen Agriculturen an esou weider. Dass mer wierklech ewechkomme vun all deem Material, wéi Glyphosat, deen haaptschëlleg ass fir d'Insektstierwen.

Ech sinn och der Meenung, wéi den Här Bertinelli, dass mer pro Sektoun quasi missten e Beiestack hunn. Oder e puer Beiestäck hunn. Wann ee weess, dass d'Beien dräi bis véier Kilometer am Rayon vun engem Stack schaffen, hir Aarbecht maachen, d'ganz Joer. A mer gesinn, dass Nidderkuer op enger gönschterer Lag eng Rei Beiestäck huet, dass ee fir den Nidderkuer Raum, fir d'Nidderkuerer Bongerten, ofgedeckt ass. Wa mer datselwecht géifen an deenen anere Quartiere fäerdegbréngen, wär scho vill gemaach.

Och uewen um Bierg mangelt et de Moment u Standuerter. Do misste mer als Gemeng proaktiv virgoen an effektiv och Parzellen zur Verfügung stellen. Do ginn ech dem Här Tempels recht, dass laut deem neien Naturschutzge-

setz, et wierklech ganz, ganz erschweiert gëtt, fir nëmmen en Abris fir e Beiestack opzestellen.

E Beiemann muss jo awer kënnen schleiden op iergendenger Plaz. E muss och kënnen schaffen u senger Beiestack. Mä fir dat dann an der Zone verte opze-riichten, ass quasi onméiglech ginn. An do misste mer gesetzlech oder reglementaresch um nationale Plang besser Léisunge fanne wéi déi aktuell.

Wéi gesot, dat do ass eng formidabel Saach. D'Gemengenhand ass jo e bësse mat dran. Den Här Zoller ass e Gemen-genaarbechter. E bekëmmert sech an deem Sënn och ëm d'Naturschoul Lasauvage, ëm d'Gestioun, mat den Enseignanten, vun deem formidabele Beiestand, dee mer do uewen an der Naturschoul hunn. An an deem Sënn misst ee vläicht emol kucken, ob een net op deem Wee kéint weidergoen, wat ee Programm ubelaangt fir déi Saach do. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat selwer d'Gléck vum Här Mackel ugeléiert ze ginn, wat d'Imkerei ugeet. Leider hunn ech ze vill aner Engagementer dunn ugefaangen, fir dat weiderzemaachen, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass zwar schued.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

... soss hätt mer hei an der Strooss nach ëmmer Beiestäck. Mä mir hunn der jo elo op där anerer Säit am Park.

Et ass elo viles gesot ginn, mä et geet awer net duer, just Stäck opzestellen. In der Tat muss een dat maachen. Mä déi mussen awer och nach Fudder fannen. Ech huelen d'lescht Joer, wéi déi waarm Period war. U menger Fassadabegrënnung hunn ech geduecht, e Beievollek

Guy Tempels propose que le garde forestier aide ces personnes à aménager un site pour les abeilles. Car parfois, on ne leur permet même pas d'aménager deux briques et une boîte. C'est inadmissible.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

Il est content de ce qu'il a entendu. Il s'agit d'assurer la pollinisation des arbres. L'homme ne peut pas se montrer égoïste. Il doit penser aux dommages causés à la nature et aux insectes.

Frenz Schwachtgen rappelle que Differdange est une commune sans pesticides. Il faut continuer à sensibiliser les particuliers et les agriculteurs, car le glyphosate est le premier responsable de la mort des insectes.

Comme M. Bertinelli, Frenz Schwachtgen est d'avis qu'il faut aménager au moins une ruche par section de la commune. Les abeilles pollinisent dans un rayon de trois à quatre kilomètres autour de la ruche. Niederkorn compte d'assez de ruches pour féconder les vergers. Il faudrait la même chose dans les autres quartiers.

La commune devrait aussi mettre des parcelles à disposition sur la colline. Comme l'a dit M. Tempels, la nouvelle loi sur la protection de la nature complique l'aménagement de ruches. Un apiculteur ne peut pratiquement plus travailler dans une zone verte. Il faut trouver une solution au niveau national.

M. Zoller est un employé communal. Il s'occupe de l'École Nature à Lasauvage et de sa ruche ensemble avec les enseignants. Frenz Schwachtgen propose de mettre en place un programme.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) a eu la chance de recevoir une formation de la part de M. Mackel. Malheureusement, il n'a pas pu poursuivre l'apiculture à cause de ses nombreux engagements.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) trouve que c'est dommage.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle qu'il y a des ruches dans le parc Edmond-Dune. Mais encore faut-il que les abeilles trouvent de quoi se nourrir. Lorsqu'il a fait chaud l'an-

4. Actes et conventions

née dernière, les abeilles cherchaient à manger sur la façade verte de Gary Diderich. Il s'agit d'un phénomène récurrent: les abeilles ne trouvent plus de quoi se nourrir.

Il y a plusieurs explications. Tout d'abord, les prairies sont tondues. Deuxièmement, les jardins de devant sont de plus en plus souvent minéraux. La commune doit donc réfléchir à une solution. Aménager des ruches dans les parcs ne suffit pas. Il faut aussi discuter de l'aménagement des jardins avec les habitants.

Tous les ans, la commune offre des arbres fruitiers et des haies aux habitants. C'est une bonne chose. Mais cela ne suffit pas pour stopper le phénomène en question. C'est pourquoi la commune doit chercher une solution. Il ne s'agit pas seulement des abeilles, mais des insectes en général. Parallèlement au réchauffement climatique, la disparition de la biodiversité est la deuxième grande crise écologique. Les conséquences en seront dramatiques.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *concorde avec tout ce qui a été dit. Il se réjouit du consensus au sujet des abeilles et des insectes. Si Georges Liesch a bien compris, le conseil communal serait disposé à professionnaliser l'apiculture au sein d'un service communal. Georges Liesch analysera la question pour voir jusqu'où la commune peut aller.*

Comme l'a dit M. Diderich, il ne suffit pas de disposer de colonies d'abeilles. Georges Liesch rappelle que la commune a signé un contrat avec SICONA pour planter des arbres fruitiers sur des terrains privés. C'est une bonne chose pour les abeilles et les insectes. Il est relativement facile d'aménager une ruche dans un verger.

Les abeilles cherchent à manger dans un rayon de cinq à sept kilomètres. M. Diderich a raison de dire qu'il faut s'assurer qu'il y ait quelque chose.

Georges Liesch se réjouit du consensus au sein du conseil communal. Dès qu'il aura élaboré un projet, il le présentera au conseil communal.

wär ugeschwäermt. Mä nee, si ware just alleguerten zesummen do ënnerwee an hunn no Fudder gesicht an dat do fonnt. A wahrscheinlech net op villen anere Plazen. Well dat hunn ech bis elo nach net erlieft, dass se esou zesummen op eng Plaz ginn. Dat hat ech och schonn erlieft op engem Uebstbam bei mir hannenaus. An dat ass e Phenomen, et feelt u Fudder fir d'Beien.

Do hu mer verschidden Aspekter. Dat eent ass, well d'Wisen einfach geméit ginn an näischt méi wuesse gelooss gëtt. Dat anert ass, well d'Virgäert ëmmer méi mineralesch, einfach mat Steng a mat Planen zougemaach ginn, dass do nëmmen näischt Lieweges erauskënnt.

An ech mengen, do musse mer eis Gedanke maachen, wat mer do nach weider kënne maachen. Mir als Gemeng maache scho ganz vill. Mir setze Stäck an eis Parken. Mä ech mengen, mir müssen och mat de Bierger, eis zesummen iwwerleeën, wéi mer déi Virgäertercher iergendwéi hikréien.

Mir schreiwe jo all Joers aus, dass jidderree sech hei Planze gratis bestelle kann. Ech fannen dat immens gutt vun eis als Gemeng, dat esou ze maachen. Do kritt een Uebstbeem, et kritt een Heckeplanze vun der Gemeng. An awer kréie mer et net hin, dee Phenomen do ze stoppen. Dofir denken ech, dass mer eis nach eng Kéier d'Käpp müssen zesummestrecken, fir eis dat ze iwwerleeën.

In der Tat, geet et net nëmmen ëm d'Beien, mä et geet ëm all d'Insekten. U sech ass nieft dem Klimawandel de Verloscht vu Biodiversitéit déi nächst grouss ökologesch Kris, déi am Fong scho voll am Gaang ass. An dat wäert ganz schlëmm Konsequenze fir eis hunn, wa mer dat net an de Grëff kréien. Dofir kann ech dat heiten nëmmen ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech kann alles, wat hei gesot ginn ass, nëmmen ënnersträichen. Ech si frou,

dass mer hei am Gemengerot e Konsens iwwert d'Wichtigkeet vun de Beien, an doriwwer eraus, iwwert d'Insekten hunn.

Ech hunn den Appell och verstanen. Wann ech dann elo richteg interpretéieren, wär de Gemengerot mat, fir op de Wee ze goen, dat eventuell souguer ze professionaliséieren a Gemengeservicer. Dat ass eppes, wat ech elo esou interpretéieren. Ech huelen dat gäre mat, fir ze analyséieren, wéi wäit mer eis do nach méi kënne professionaliséieren an deem doten Domän.

Ech ginn awer och dem Här Diderich ganz recht. Et geet net duer, nëmme Beievëlker ze hunn. Et muss een effektiv bei den Nahrungsgebiddern fir d'Beien ufänken. Dofir nach eng Kéier den Appell, deen ech och ëmmer hei maachen, wa mer e Kontrakt ënnerschreien, wou de SICONA zum Beispill Uebstbeem iergendwou op Privatterrainne planze geet, dass mer dat als Gemeng ënnerstëtzen. Och finanziell ënnerstëtzen.

Fir all déi Leit, déi dat wëlle maachen, op hirem Terrain, dee se iergendwou hunn, e Bongert wëllen opriichten. Dat ass net nëmme gutt fir aner Déieren, mä insgesamt fir Insekten an natierlech och fir Beien. An do musse mer eigentlech usetzen. Wann ee bis e Bongert iergendwou huet, dann ass et relativ einfach, Beien dohinner ze setzen, well se dann och eppes fannen.

Wa mer dat Bild hunn, wéi den Här Diderich et elo beschriwwen huet, da brauche mer och keng Beien dohinner ze setzen. Well et weess een, dass se e Radius hu vu fënnf bis siwe Kilometer, wou se hiert Fudder siche ginn. Innerhalb vun deem Radius muss eppes do sinn. An dat ass net ëmmer ginn. Do ginn ech dem Här Diderich recht. Do musse mer och usetzen.

Mä ech huelen dat dote gär mat. Et ass en interessante Projet. An et freet mech, dass mer alleguerten am Gemengerot an déi dote Richtung wëlle goen. Ech brénge gären eng Kéier eppes mat an de Gemengerot, wann ech eppes ausgeschafft hunn.

4. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Liesch. Dir hutt jo awer gesinn, datt an de leschte Joren extrem vill versicht ginn ass, Gréngs an d'Stad ze bréngen. Net nëmmen an d'Stad, och op eis Kierfechter. An do sidd Der awer gefuerdert als Conseilleren, wann d'Leit Iech uschwätzen, d'Kierfechter wieren net méi esou propper an et géif vläicht eng Pissblumm derteschent wuessen. Datt een dat awer vläicht relativéiert a seet, datt dat awer net grad esou schlëmm ass, wéi wa mer nach ëmmer géife mat Pestizide schaffen.

Ech mengen, do ass jiddwereen awer och vun eis heibanne gefuerdert. An och wann net ëmmer direkt geméit gëtt, datt net direkt den Telefon bei mir oder bei eise Servicer rabbelt: „Et ass nach net geméit“. Et ass ëmmer e Grond do, firwat mer dat maachen. An do si mer awer och no bausse gefuerdert, fir ze soen, wann een dat gär hätt, da muss een och verschidden aner Saachen a Kaf huelen.

Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de fermage d'un terrain d'environ 12 a au lieu dit «Bremenschleiden» à Niederkorn pour une exploitation apicole.

Merci. Dat hei ass eng flott Konvention. Am leschte Gemengerot hate mer eng Konvention mat der Croix-Rouge, eng Zesummenaarbecht fir eis 37 Studios. Dat hei ass eng Kollaboration mam Topolino vun der APEMH. Madamm Pregno, kéint Der eis d'Detailer virstellen, w.e.gl.?

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Dir Dammen, Dir Hären, et geet hei ëm e Service d'éducation et d'accueil inclusif, SEAI an der Ofkierzung. Allgemeng bekannt bei eis ënner Crèche. Dat heescht eng Struktur, wou Kanner vun 0 bis 4 Joer während dem Dag betreit ginn. Dat Ganzt ass, wéi den Här Buergermeeschter sot, vun

der APEMH. D'Struktur heescht Topolino. Déi et jo schonn zu Nidderkuer am méi Klänge gëtt.

Dat Ganzt gëtt elo vergréissert um Plateau funiculaire, parallel zum Jugendwunnen. An deemselwechte Gebai hu se e Rez-de-chaussée mat engem Gaart, wou herno Plaz fir 80 Kanner ass. Vun deenen 80 Kanner si 25% EBS-Kanner. Dat si Kanner à besoins éducatifs spécifiques. Déi méi Schwieeregkeeten hunn. Dat ka verschidde Grënn hunn. 20 Plazen, dat ass dat Fënneffacht vun deem, wat mer aktuell zu Nidderkuer hunn, fir esou Kanner opzehuelen.

Wat ganz flott ass: Dës Crèche ralliéiert sech un eist Kornascht an un eis Bëschcrèche. Dat heescht, et gëllen déi nämmelecht Kritären, fir d'Kanner opzehuelen. Et ass Prioritéit fir Déifferdenger Famillen, virun allem Famillen, wou déi zwee Eltere schaffen. Wou och wierklech e Besoin ass, fir d'Kanner am Dag ze betreien. Och elengerzéiend Famillen hu Virrang. Natierlech wa méi Plaze gefuerdert sinn, wéi Plazen do sinn. Dat heescht, wa mer eng Waardelëscht hunn. Wa keng Waardelëscht do ass, kann natierlech jiddereen ugeholl ginn.

Fir déi Kanner, déi méi speziell Bedürfnisser hunn, ass de geograresche Rayon e bëssen ausgebreet, well et an der Region net vill där gëtt. Soudass et erméiglecht gëtt, dass Kanner aus Nopeschgemengen do kënnen opgeholl ginn, wa fräi Plaze sinn. Wa keng fräi Plaze sinn, hunn ëmmer d'Déifferdenger Kanner Prioritéit.

D'Gemeng wäert sech reegelméisseg zweemol d'Joer mat der Topolino zesummesetzen. Eng Plattform, fir dass mer als Gemeng eng Mainmise op d'Politik hunn, déi an der Crèche gefouert gëtt. Woubäi mer grousst Vertraue viraussetzen, dass dat an eiser Linn stattfënnt.

D'Crèche soll am September 2019 opgoen. D'Inscriptiounen lafen. Mir hate schonn en Artikel am Diffmag, fir d'Bevëlkerung drop opmierksam ze maachen. An ech zweiwelen net drun, dass d'Plazen do relativ schnell fort wäerte sinn. Et ass wierklech e ganz flotte Projet. Et wäert eng flott Struktur ginn, mat guddem Personal. Wou ech men-

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que la commune a planté beaucoup d'espaces verts dans la ville et dans les cimetières. Il en profite pour demander aux conseillers communaux d'expliquer aux gens qu'il vaut mieux avoir quelques pissenlits dans les cimetières que d'utiliser des pesticides. La même remarque vaut lorsque la commune ne tond pas immédiatement une pelouse.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une convention avec la Croix-Rouge concernant 37 studios. Il s'agit d'un partenariat avec la crèche Topolino de l'APEMH.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

explique qu'il est question d'une crèche, c'est-à-dire d'une structure de l'APEMH pour les enfants de zéro à quatre ans. Il en existe déjà une à Niederkorn.

La nouvelle crèche se situera sur le plateau du Funiculaire dans le même bâtiment que le projet «Jugendwunnen». Elle accueillera 80 enfants, dont 25 % à besoins éducatifs spécifiques. Cela représente vingt places, cinq fois plus qu'à Niederkorn.

La crèche est reliée au foyer de jour Kornascht et à la crèche en forêt. Si les demandes dépassent le nombre de places disponible, la priorité sera accordée aux familles differdangeoises où les deux parents travaillent et aux familles monoparentales. S'il n'y a pas de liste d'attente, tout le monde pourra être admis.

En ce qui concerne les enfants à besoins spécifiques, le rayon est plus large parce qu'il y a relativement peu de crèches adaptées. Les enfants des communes voisines pourront donc venir à Differdange.

La commune se réunira deux fois par an avec Topolino. De cette façon, elle aura une mainmise sur la politique mise en place dans la crèche. Et ce malgré le fait que le collège échevinal fasse confiance à l'APEMH.

La crèche ouvrira en septembre 2019. Un article est déjà paru dans le DIFFMAG. Laura Pregno est convaincue que les places seront vite occupées et ne doute pas que les enfants seront encadrés comme il faut.

4. Actes et conventions

FRED BERTINELLI (LSAP) *salue le projet Topolino. La commune a réussi à intégrer une crèche dans un nouveau quartier où habitent de jeunes familles. Fred Bertinelli remercie l'ancien échevin aux bâtisses pour cette idée. Il souligne aussi l'engagement du bourgmestre. Implanter une crèche dans ce quartier est la voie à suivre pour Differdange. Fred Bertinelli répète que de jeunes familles y vivent. Elles pourront envoyer leurs enfants dans une crèche à côté de chez eux.*

Les socialistes saluent expressément ce projet.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *explique que d'ici la rentrée 2019, 80 enfants de 0 à 4 ans pourront être accueillis par la crèche inclusive Topolino au cœur du quartier Arboria. 25 % des places sont réservées aux enfants à besoins spécifiques dans un endroit chaleureux et ouvert à la diversité.*

Paulo Aguiar salue la convention avec les gestionnaires de l'APEMH. Une crèche comme celle-ci implique la reconnaissance des droits de citoyenneté aux enfants à besoins spécifiques et à leurs proches. Par ailleurs, des moyens complémentaires sont mis à la disposition des professionnels pour garantir le respect de l'égalité des chances.

La structure s'adapte aux besoins de l'enfant pour favoriser son développement. Chaque enfant se verra offrir les moyens dont il a besoin. Cette approche n'est pas basée sur l'esprit de compétition, mais sur le dépassement de soi. Les différences de chacun sont importantes, constituent une richesse et nécessitent une attention particulière.

Les enfants occuperont le rez-de-chaussée et la moitié du premier étage. Ils seront encadrés par une équipe pluridisciplinaire soutenant leur développement social, affectif, cognitif, linguistique et physique.

gen, dass d'Kanner definitiv gutt wäerte betreit sinn.

Dat war et vu menger Säit. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Madamm Pregno. Den Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

D'LSAP begréisst dëse Projet vum Topolino ausdrécklech. Aus deem einfache Grond, well mer et fäerdegruecht hunn – net nëmmen hei, mä och zu Nidderkuer an eise neie Wunnquartier, wou mer déi nei Schoulen hi bauen –, esou eng Crèche ze integréieren an en neie Wunnquartier. Wou jonk Familien, déi do wunnen, ze Fouss kënnen an déi Crèche goen. Ënner anerem och déi jonk Leit. Dofir e Merci un eise viregte Bauteschaffen, deen déi richteg Illusioun hat, fir dat doten dohinner ze kréien.

Ech muss och soen, déi Leit, déi sech engagéiert hunn, wéi de Buergermeeschter, fir déi Crèche op deem doten Niveau dohinner ze kréien, dat ass dee richteg Wee fir eng Gemeng wéi Déifferdeng. Also net direkt un de Peripherien, mä et ass effektiv an engem rouege Wunnquartier. Wou och jonk Leit wunnen, déi hir Kanner do ënner Daach kënnen bréngen. Och fir jonk Leit, déi net grad op der Peripherie sinn. Also dee Mix fannen ech ganz, ganz ideal. D'LSAP steet nach wie vor hannert deem Projet a begréisst dat ausdrécklech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Bertinelli. Här Aguiar, w.e.gl.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot, chers collègues, d'ici la rentrée 2019, 80 enfants de 0 et 4 ans pourraient être accueillis au nouveau service éducation d'accueil inclusif Topolino au

coeur du quartier Arboria à Differdange.

En tant que structure inclusive, 25% des places sont réservées à des enfants aux besoins spécifiques. Indépendamment du développement du nourrisson ou du jeune enfant, la crèche offrira à tout un chacun un cadre chaleureux et stimulant l'ouverture à la diversité, et constituera une source d'enrichissement mutuel.

Nous saluons bien évidemment la convention de collaboration avec les gestionnaires de l'APEMH concernant le nouveau service d'éducation d'accueil inclusif à Differdange.

Promouvoir une approche inclusive implique donc l'affirmation et la reconnaissance des droits de citoyenneté aux enfants et à leurs proches. Mais aussi la mise à disposition pour des personnes et des professionnels d'un certain nombre de moyens complémentaires pour garantir l'égalité des chances et le respect des différences de chacun.

En résumé: l'enfant est l'acteur compétent de son propre développement. La structure s'adapte aux besoins de l'enfant afin de favoriser son développement. Chaque enfant aura dès lors les mêmes chances de se voir offrir les moyens dont il a besoin pour participer activement. C'est une approche équitable bien évidemment, non pas centrée sur la compétition, mais sur le dépassement de soi.

Valoriser la diversité signifie que les différences de chacun sont importantes et nécessitent une attention particulière en termes de définition de besoins. La différence est envisagée comme une richesse et non pas comme une difficulté.

Les enfants occuperont le rez-de-chaussée et la moitié du premier étage. De plus, ils pourront profiter de beaux espaces extérieurs. Les lieux ont été pensés afin de répondre à tous les besoins des futurs occupants: jouer, se rencontrer et nouer des relations, découvrir le monde, manger sainement, se détendre et dormir, prendre le bain, développer leurs capacités psychomotrices. Tout au long de la journée, les enfants seront accompagnés par une équipe interdisciplinaire, qui soutiendra leurs dévelop-

4. Actes et conventions

pements social, affectif, cognitif, linguistique et physique.

Les enfants à besoins spécifiques bénéficieront tout naturellement de cet environnement encourageant et stimulant.

En tant que service d'éducation et d'accueil inclusif conventionné par l'État, le Topolino misera sur une relation de confiance entre les collaborateurs et les parents, et travaillera en coopération étroite avec les services communaux et étatiques ainsi que d'autres experts de la petite enfance.

Les horaires d'ouverture sont du lundi au vendredi de 7 h à 19 h. Bien évidemment, l'adhésion au chèques-service accueil sera prise en compte.

Nous saluons cette convention, car elle va dans la direction d'une politique inclusive où, je pense, Differdange a tout à gagner. Ça démontre la volonté de continuer à proposer des structures d'accueil d'excellente qualité pour le bien des habitants de notre ville. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Monsieur Aguiar. Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vun déi Lénk aus ënnerstëtze mir explizit deen heite Projet. Et geet hei ëm eng inklusiv Crèche, wéi et der vill méi nach misst ginn zu Lëtzebuerg. Wat sollt als Pilotprojet respektiv als Modell funktionéieren, wou sech am Fong all Crèche sollt drun inspiréieren. A wou een nach méi drop hischaffe misst, dass all d'Maison-relaisen an all d'Crèche Persounen mat spezifesche Besoine vermehrt op huelen.

Leider ass déi Situatioun nach net onbedéngt am ganze Land an an all Struktur ginn. Oft sinn d'Kanner zum Beispill an enger, wat mer virdrun EDIFF genannt hunn. Déi dann emol net fir d'Garde an hirem Quartier, an hirer Struktur kënne sinn. An domadder am Fong ausgeschloss si vum direkte Kontakt mat deene Kanner, déi an hirem Quartier wunnen.

An deem Sënn ass déi hei Crèche ganz wichteg. Well se virun allem dorobber setzt, dass en natierlecht, en einfacht, normalt Zesummeliewen tëschent alle Kanner stattfanne kann. An d'Personal sech dofir engagéiert an dat eben Deel vun deem Projet ass.

An deem Sënn ënnerstëtze mir deen heite Projet a schwätzen eis dofir aus, dat nach verstärkt och an anere Crèchen a Maison-relaisen hei an der Gemeng souwéi am ganze Land ze maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, mer kënne frou sinn, datt mer hei zu Déifferdeng eng Crèche wéi den Topolino hunn, déi e groussen Akzent op d'Inklusioun leet. A menger Ausbildung hat ech d'Chance, d'Institutioun an der Avenue de la Liberté kennenzelieren. An dës nei, vill méi grouss an adequater Struktur mat bis zu 80 Plazen, kënne si ronn fënnefmol méi Kanner op huelen, wouvu 25% vun de Plaze reservéiert ass fir Kanner mat spezielle Bedürfnissen. Dat ass wichteg, well grad dës Kanner an hir Famillen et oft schwéier hunn.

Flott ze ënnersträichen – et ass scho vill gesot ginn, dofir halen ech mech kuerz – ass d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng, mat deenen anere Crèche vun der Gemeng. Natierlech si mer frou iwwert d'Prioritéit, déi eis Awunner hunn. D'CSV stëmmt dës Konventioun mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Hartung. Ier mer zum Vott kommen, wéilt ech nach soen, datt eist sämtlech Personal vun de Maison-relais respektiv de Foyer-du-jouren Inklusiounscourse maachen an ausgebild ginn. Soudatt déi sämtlech Leit an de Maison-relaisen an an de Foyer-du-jouren déi Ausbildung hunn, fir mat esou

En tant que crèche inclusive conventionnée par l'État, Topolino misera sur la relation de confiance entre les collaborateurs et les parents et travaillera en partenariat avec les services communaux et étatiques.

La crèche sera ouverte du lundi au vendredi de 7 h à 19 h. L'adhésion au chèque service accueil est prise en compte.

Cette convention va dans la direction d'une politique inclusive où Differdange a tout à gagner. La commune démontre sa volonté de proposer des structures d'accueil de qualité pour tous les habitants.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue ce projet de crèche inclusive. Il devrait y en avoir plus au Luxembourg. Chaque crèche devrait s'inspirer de ce modèle. Malheureusement, ce n'est pas encore le cas. Les enfants à besoins spécifiques sont souvent intégrés à l'Ediff, ce qui les prive du contact avec les autres enfants de leurs quartiers. La crèche Topolino est importante parce qu'elle permet une cohabitation normale entre les enfants.*

Gary Diderich répète qu'il soutient ce projet, qui devrait être mis en pratique dans les autres crèches de la commune et du pays.

JERRY HARTUNG (CSV) *se réjouit à son tour de l'ouverture d'une crèche comme Topolino mettant l'accent sur l'inclusion. Il a eu la chance d'apprendre à connaître la structure dans l'avenue de la Liberté. La crèche dont il est question aujourd'hui pourra accueillir 80 enfants, soit 5 fois plus que l'autre. 25 % des places sont réservés aux enfants à besoins spécifiques. C'est important parce que ces enfants et leurs familles ont souvent du mal à trouver une place.*

Jerry Hartung se montre bref parce que beaucoup a déjà été dit. Il souligne la collaboration avec les autres crèches de la commune. Il est content que la priorité soit accordée aux habitants de Differdange. Le CSV approuvera la convention.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *signale que l'ensemble du personnel des maisons relais et des foyers de jour ont suivi une formation*

5. ROI des structures d'accueil

obligatoire sur l'inclusion pour pouvoir s'occuper des enfants à besoins spécifiques.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux règlements internes des maisons relais et des foyers. Ils entreront en vigueur en 2019 et 2020.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) rappelle qu'elle a déjà présenté les règlements d'ordre interne l'année dernière. Cette année, quelques formulations ont changé. Les règlements portent sur les six maisons relais, les deux crèches et le Kannerbongert.

Les ROI contiennent les dates pour les inscriptions selon plan destinées aux enfants dont les parents ne travaillent pas à des heures fixes. Les parents sauront ainsi quand ils doivent introduire les demandes.

Les dates des congés pour l'année 2022-2023 figurent aussi dans les règlements. Les parents pourront ainsi planifier leurs congés à long terme.

La mise en page des ROI est semblable à celle de l'année dernière. Ceux de cette année ne sont pas encore prêts. Lisa Bildgen, la graphiste de la commune, a réalisé du bon travail. Laura Pregno la remercie. Elle remercie aussi le service de la petite enfance, Katja Weinerth et les responsables des maisons relais et des crèches. Les ROI contiennent toutes les informations que le personnel et les parents doivent connaître.

GUY ALTMEISCH (LSAP) souhaite poser une question concernant la crèche forestière sur la colline. Lorsqu'il y a eu la tempête, il a été question de fermer la crèche de crainte que des arbres de s'écroulent. Guy Altmeisch demande à qui revient la décision d'évacuer les enfants et de fermer la crèche. Il ne s'inquiète pas seulement pour les enfants, mais aussi pour le personnel. Existe-t-il un plan d'évacuation?

Fäll anstänneg ze schaffen. Eist Personal huet déi Formatioun. An huet déi Formatioun vun eiser Sait aus musse maachen. Ech wollt dat just als Informatioun matginn. Da kéinte mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de collaboration concernant la mise à disposition et l'exploitaton du service d'éducation et d'accueil inclusif (SEAI) « Topolino » à Differdange.

Villmools Merci. Am nächste Punkt bleiwe mer bei eise Maison-relaisen an eise Foyeren. Et geet em d'Règlement-internen, déi iwwerschafft gi sinn. 2019 an 2020 solle se dann a Kraaft trieden. Madamm Pregno. Mir profitéieren nach déi Zäit, wou Der bei eis sidd.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo, et ass nach e bëssen. Merci, Här Buergermeeschter. Wéi gesot, geet et hei em d'Règlements d'ordre interne, déi ech Iech schonn d'lescht Joer op dëser Plaz virgestallt hat, wou vill méi grouss Ännerunge gemaach goufen. Wou wierklech Texter nei geschriwwen goufen. Dës Kéier sinn et éischter Vokabulärsfroen oder Formulatiounsfroen, déi geännert gi si fir eis sechs Maison-relaisen an eis zwou Crèchen, respektiv alles wat do uewen um Plateau ass, d'Bësch-crèche an d'Bësch-Maison-relais.

Wat wichteg ass drop hinzeweisen: An deenen ROIe figuréieren d'Datumen, wou d'Eltere mussen eng – mir nennen dat Inscription selon plan maachen. Dat ass fir déi Elteren, déi Schichte schaffen. Déi de Schaffplang virdru kréien, well se net all Woch d'nämmlecht schaffen. D'Datumer fënnt een am ROI, soudass d'Elteren ëmmer genau wëssen, wéini se déi nei Inscriptioun musse fir d'Kanner eraginn.

Wat mer dës Kéier och berécksiichtegt hunn, dat ass, dass mer d'Congésdatumer vun de Joren 2022/2023 mat dra gesat hunn. Soudass d'Elteren à long terme hir Congéë plange kënnen. A mer hinnen heimadder erméiglechen, sech beschtméiglech ze organiséieren.

D'selwecht wéi d'lescht Joer gëtt den ROI flott grafesch illustréiert. Dat sinn déi Bichelcher, déi der vum leschte Joer kennt. Déi sinn awer elo nach net fäerdeg. Dofir hunn ech Iech einfach déi vum leschte Joer nach eng Kéier matbruecht, dass der Iech erënnere kënn, wéi déi ausgesinn hunn. Eis Grafikerin, d'Lisa Bildgen, huet eis déi erëm grafesch ënnermoolt. Wat dat ganz flott mécht. Vun dëser Plaz soen ech him Merci fir dee flotte Layout.

Och e Merci eisem ganze Service vun der klenger Enfance do uewen. Dem Katja Weinerth, wat eng super Aarbecht mécht an dat betreit, souwéi eise Responsabelen aus de Maison-relaisen an de Crèchen, déi ëmmer ganz aktiv um ROI schaffen. Fir dass do alles drastesst, wat een als Personal an natierlech och als Eltere wësse muss, fir d'Kanner beschtméiglech ze encadréieren. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Pregno. Den Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hätt eng kleng Fro betreffend d'Bësch-crèche um Bierg. Do hate mer eng Situatioun, wou e Stuerm entstanen war, wou Bedenke geäussert gi sinn, wann do géife Beem ëmfalen, fir déi Crèche zouzemaachen an esou virun.

An deem Zesammenhang hätt ech eng Fro: Wien iwwerhëlt déi Decisioun, dass d'Situatioun esou geféierlech ginn ass, dass d'Kanner mussen evakuéiert ginn, respektiv dass d'Crèche muss zougemaach ginn? Ech denken net nëmmen un d'Kanner, ech denken och un d'Personal, wat do schafft. Wéi ginn d'Kanner an d'Personal evakuéiert? Ass en Evakuatiounsplang virgesinn, deen am Virfeld ausgeschafft ginn ass, fir dat ze organiséieren? Ech soen Iech Merci.

5. ROI des structures d'accueil

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Mir kommen um Schluss op d'Froen. Här Aguiar, w.e.gl.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäferot, léif Kolleginnen, Kollegen, le règlement d'ordre interne 2019/2020 pour les différentes structures d'accueils présentant l'état et le fonctionnement, les droits et le devoir des différents services d'accueils pour les enfants de la ville de Differdange.

Le but principal est de donner un cadre idéal en tenant compte de l'ensemble des caractéristiques, qui englobent le développement des enfants ainsi que permettent de faciliter la vie familiale et la vie professionnelle. Le bien-être des enfants reste une priorité. La communication et la collaboration entre les parents ou tuteurs, le personnel socio-éducatif ainsi que les enseignants sera désormais un avantage pour le cadre proposé.

Le règlement d'ordre interne est plus transparent en ce qui concerne les inscriptions, l'accueil, les absences, l'accompagnement, l'encadrement, la restauration scolaire, les règles, le comportement, l'assurance, la facturation ainsi que quelques recommandations.

N'oublions par que la commune dispose de six maisons relais: Differdange, Woiwer, Nidderkuer, Fousbann, Uewerkuer et la maison relais en forêt. Qui sont avant tout une institution qui veut de façon complémentaire aider et soutenir l'éducation familiale. Elle dispose également de deux crèches. Le foyer du jour Kornascht ainsi que la crèche en forêt. Ça représente 1.400 enfants en maisons relais plus 200 enfants en crèches. Cela fait un total de 1.600 enfants avec une liste d'attente pour tout le territoire d'environ dix enfants. Quel exploit!

Je pense que c'est également considérable que l'ensemble de personnel socio-éducatif ainsi que l'ensemble des fonctionnaires du département de l'enfance font un travail remarquable, ce que je salue. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wie war fir d'éischt? Solle mer d'Damme virhuelen? Sidd Der d'accord, Här Diderich? Jo. Dann d'Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Schäffen. Zum Règlement d'ordre interne 2019/2020 vun de Maisons relais. Fir d'éischt wéilt ech emol dem Service d'éducation et d'accueil, dem Staff mat senger Coordinatrice Merci soe fir hir Aarbecht während dem ganze Joer fir d'Maison relais, d'Maison relais forêt, de Foyer du jour Kornascht, d'Crèche en forêt. Fir do e Kader ze schafen, fir déi Haiser gutt fonctionnéieren ze doen.

Am Virwuert steet „en harmonescht Oflafe fir den Openthalt vun all Kand an eisem Service d'éducation et d'accueil". Duerch hiert Fonctionnement als Foyer du jour a Restaurant scolaire, gi se den Elteren d'Méiglechkeet, iwwerteneen ze komme mat dem beruffleche Liewen an der Famill.

De But ass, dass d'Kanner sech wuelfilen, duerch eng enk Kollaboratioun vum Personal éducatif aus der Maison relais, den Elteren an den Enseignants aus der Schoul. Dëst ass ganz wichteg. D'edukatiivt Personal beméit sech fir eng häerzlech Ambiance, fir eng optimal Entwécklung vun der Personalitéit vum Kand.

Mir wäerten och dëst Reglement stëmmen. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Madamm Saeul. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech begréissen am Allgemengen dat Reglement. Et ass wichteg, déi Saache kloer ze hunn a se esou opzebereeden, wéi dat hei zum Deel gemaach gëtt.

Ech wollt d'Fro stellen, wat een Aspekt vum Reglement ugeet. Beim Comportement du personnel éducatif géif ech virschloen, d'Thema vum Gebrauch

PAULO AGUIAR (DP) explique que les règlements d'ordre interne 2019-2020 présentent le fonctionnement des structures d'accueil de Differdange. Il s'agit de donner un cadre au développement des enfants et de faciliter la vie familiale et professionnelle des parents. Le bien-être des enfants et la communication entre les éducateurs et les parents constituent les priorités. Les règlements d'ordre interne permettent de rendre plus transparents les inscriptions, l'accueil, les absences, l'accompagnement, les règles, l'assurance, la facturation, etc. Ils contiennent aussi des recommandations.

Paulo Aguiar rappelle que la commune compte six maisons relais: Differdange, Woiwer, Niederkorn, Fousbann, Oberkorn et la maison relais forestière. Elle dispose aussi de deux crèches: le foyer du jour Kornascht et la crèche forestière. Cela représente 1400 enfants dans les maisons relais et 200 dans les crèches.

Paulo Aguiar signale que l'ensemble du personnel socioéducatif et du département de l'enfance réalisent un travail remarquable.

TOM ULVELING (CSV) propose de poursuivre le tour de table par les dames si M. Diderich est d'accord.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond que oui.

CHRISTIANE SAEUL (DP) commence par remercier le service d'éducation et d'accueil pour le travail qu'il réalise tout au long de l'année pour les maisons relais, le foyer du jour Kornascht et la crèche en forêt.

La préface parle d'un séjour harmonieux des enfants dans les structures d'accueil. Grâce au foyer du jour et à la restauration scolaire, les parents parviennent à harmoniser la vie familiale et la vie professionnelle. L'objectif est que les enfants se sentent à l'aise grâce à la collaboration entre le personnel des maisons relais, les parents et les enseignants. Les éducateurs essaient de créer une ambiance chaleureuse permettant un développement idéal des enfants.

Le DP approuvera le règlement.

5. ROI des structures d'accueil

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue le règlement, car il est important de définir clairement le fonctionnement des structures.*

Il propose de réguler l'utilisation des téléphones portables par le personnel éducatif. Lorsque les enfants arrivent à l'école, on leur demande de remettre leur téléphone, qu'ils pourront récupérer à la fin des cours. Cela montre que les enfants ont besoin d'être éduqués dans ce domaine et qu'il leur faut des modèles. Par ailleurs, une partie du personnel se laisse distraire par les téléphones. Or lorsqu'il s'agit d'encadrer les enfants, il faut être concentré.

Gary Diderich n'essaie pas de donner une leçon de morale parce qu'il a lui aussi du mal à se passer de son téléphone. Même les réunions du conseil communal sont parfois interrompues par les téléphones. Ce sujet doit être thématisé.

Pour Gary Diderich, certains métiers sont plus concernés que d'autres. Il ne demande pas que les règlements soient amendés immédiatement, mais l'échevin responsable devrait aborder le sujet avec les éducateurs en vue du prochain règlement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

se demande si M. Diderich vient de suggérer d'interdire l'utilisation du téléphone portable au personnel. M. Diderich dit souvent des choses entre les lignes, mais il n'aurait probablement pas osé faire une telle proposition. Roberto Traversini imagine sa réaction si le collège échevinal avait mis en place une telle interdiction.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

soutient une interdiction de l'utilisation du téléphone portable en dehors de pauses spécifiques. Il ne voit pas de raison de ne pas imposer une telle règle. Lorsqu'on travaille avec des enfants, il faut prévoir des pauses. Gary Diderich n'hésite absolument pas à le dire. Il trouve cependant que la décision devrait être prise dans le dialogue.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis.

(Discussions)

vun den Handyen ze regelen. Aus zwee Grënn: Op där enger Säit ass et ëmmer méi en Thema an eiser Gesellschaft iwwerhaupt. Dat heescht, wann eis Schüler an d'Schoul ginn, kréie se an där enger oder anerer Klass gesot, lee dän Handy hei an d'Këscht, w.e.gl. Du kriss en um Enn vun der Stonn zréck. Oder scho soubal se an der Schoul ukommen. Dat heescht, et brauch eng Erziehung vum Gebrauch vum Handy fir eis Kanner. An do ass et ebe vu klengem u wichtig, dass se Modeller gesinn, erlieden. An dat ass eben d'Personnel éducatif.

An op där anerer Säit gëtt et ëmmer erëm Leit, déi während hirer Aarbechtszäit den Handy benotzen an dann awer ganz schnell ofgelenkt si vun hirer Aarbecht. A grad am Ëmgang mat Kanner brauch ee ganz vill Präsenz. Et muss ee voll präsent sinn, soss entwutscht engem ganz schnell e Grupp oder d'Relation mat enger einzelner Persoun.

Ech wëll do kengem e Reproche maachen oder guer net moralesch virgoen, ech hu selwer deem Challenge mat mir, fir net déi ganzen Zäit um Handy ze hocken. A mir hunn dat jo och elo hei gesinn, dass eis Reunioun e bëssen un d'Stocke komm ass duerch deem Apparat. Well een ofgelenkt war. Dat ass esou. A mir mussen dat einfach kënnen uschwätzen an thematiséieren. An e verantwortlechen Ëmgang domadder fleegen.

Do sinn eben déi eng Beruffer nach méi gefrot wéi anerer. Dofir wollt ech virschloen, dat ze thematiséieren. Dat muss een elo net direkt hei elo amendéieren an an d'Reglement schreiwen. Mä ech géif der responsabeler Schäffin virschloen, dat eng Kéier unzeschwätzen. An am Dialog mat de Leit fir en nächst Règlement do eng Formulatioun an eng Handhabung ze fannen a virschloen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Dir hutt jo elo net gesot, mir sollen dem Personal d'Handye verbidden. Dat hätt Der Iech net getraut ze soen, wahrscheinlech, gell? Dir schwätzt ëmmer esou tèschent den Zeilen, wat soll oder wat net, fir herno ze soen, wa mer et gemaach hätten – ech hätt gär ge-

sinn, Här Diderich, wa mer drageschriwwen hätten, d'Personal dierft keng Handye méi hunn, wat Der da gesot hätt. Mä mir thematiséieren dat.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech géif dat awer ënnerstëtzen, wann ee konsequent seet, während der Aarbechtszäit, bis op verschidde Pausen, sollen d'Handyen net benotzt ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat ass fir mech ganz kloer. Also ech gesi kee Grond, firwat dat net sollt de Fall sinn. Ech mengen, et ass ganz wichtig, wann ee mat Kanner ass, dass ee just mat de Kanner ass. Da muss ee Pause virgesinn. Da muss ee Momenter virgesinn. Ech zécken do awer net, fir dat ganz kloer ze soen. Mä ech mengen, et soll een awer am Dialog an déi Richtung goen. Mä dat sollt awer d'Zil sinn, dass et net benotzt gëtt während der Aarbechtszäit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Dat ass och meng perséinlech Meenung.

ENG STËMM:

Meng och.

ENG ANER STËMM:

Meng net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller, w.e.gl.

5. ROI des structures d'accueil

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir vun der LSAP wëllen der responsabeler Schäffin felicitéiere fir dee ganz explizite Rapport, dat Reglement. Et ass schonn hei erauskomm, dass e Reglement eendeiteg muss sinn. Well et geet ëm eng grouss Responsabilitéit fir d'Kanner. Do muss kloer sinn, wéi dat Ganzt organiséiert ass. An dass dann och ëmmer dat néidegt Personal zur Verfügung steet. An dass dat och agehale gëtt, wéi et ass.

Dofir e Merci dem Personal, souwuel dem administrativen, wat op deem schwierigen Dokument geschafft huet, wéi och deene Leit vum Terrain. Well déi ware jo, wann een dat richteg versteet, komplett mat involvéiert. Merci vun eiser Säit, vun der LSAP, fir déi wichteg Aarbecht, déi si am Interêt vun eise Kanner maachen.

Elo ass mer awer nach eppes agefall zum Programm. Dat ass awer elo méi um nationale Plang. Et war eemol ugeklungen, dass d'Méisproochegkeet respektiv d'Franséisch sollt gefërdert ginn, um Niveau vun eise Maison-relais. Ass do schonn eppes am Gaang? Dat wollt ech nach just niewebäi froen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do si mer gutt bäi. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei zu Déifferdeng déi gutt Situatioun, well dës Gemeng elo, an och an der Vergaangenheet, ganz vill an d'Betreiungsstrukturen investéiert huet, datt mer quasi keng Waardelëschte méi hunn.

D'Dokument, wat mer hei am Dossier hunn, regelt dat ganzt Fonctionnement. Ugefaange bei den Aschreiwungen, zu den Öffnungszäiten iwwert d'lesse bis hin zur Prise en charge an esou weider, fir all ons Betreiungsstrukture fir Kanner vun 0 bis 12 Joer. Dëst schafft Transparenz a séichert of, datt jiddereen

e gerechten Usproch op dës Offeren huet.

Mir als CSV stinn natierlech hannert dësem Pabeier a stëmmen et mat. Erlaabt ons awer eng Suggestioun fir d'Zukunft ze maachen, wou mer iwwerzeegt sinn, datt et d'Encadrement fir d'Kand géif weider no vir bréngen. Et ass zwar deelweis virgesinn am Travail éducatif, wat e Besoin ass, mä mir géifen et gutt fannen, wann een en – ech zitieren aus dem Dokument – „Échange d'information ou de discussion avec les parents“ géif systematesch op Rendez-vous, ee- bis zweemol am Joer virgesinn. Fir d'Elteren, wou d'Kanner, zum Beispill, méi wéi 12 oder 16 Stonnen an der Woch Maison-relais frequentéieren.

Einfach fir d'Wuelbefanne vum Kand, duerch déi verschidde Plazen, wou et leeft, Famill, Schoul, Maison-relais am A ze behalen. An zum Beispill d'Fonctionnement, d'Aarbecht, d'Erwaardungen oder d'Mëssverständnesse vu béide Säiten ze klären. Mer wëssen, datt dëst net esou vum Staat virgesinn ass. Mä wann ee kuckt, wéi vill Zäit fir eenzel Kanner an eise Betreiungsstrukturen dropgeet, sollt déi bessen Zäit fir esou e wichtigen Echange tëschent Erwuesse sinn. Ähnlech wéi et an der Schoul ass.

Ofschléissend wëlle mer natierlech och am Numm vun der CSV dem ganze Service vun der Kannerbetreiung an dem Personal um Terrain Merci soe fir déi wäertvoll Aarbecht, déi si all Dag maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Hartung. Da géif ech der Madamm Pregno d'Wuert zrëckginn, wa se wëilt. Ech maachen dat da mat der Sécherheet vun der Bëschcrèche.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Hartung, fir déi Suggestiounen. Ech ginn dat weider. Et ass awer och esou, dass d'Méiglechkeet besteet, all Dag, wann d'Elteren d'Kanner siche kommen, dass en Austausch stattfënnt. U sech vun deem, wat den

ERNY MULLER (LSAP) félicite Mme - Pregno pour son rapport explicite. Le règlement doit être clair, car il y est question d'enfants. Le personnel nécessaire doit être présent et l'encadrement doit se dérouler comme il faut.

Erny Muller remercie le personnel et les gens sur le terrain pour le travail réalisé dans l'intérêt des enfants.

En ce qui concerne le programme, Erny Muller se souvient qu'il avait été question de promouvoir le français dans les maisons relais. Quelque chose de concret est-il prévu?

JERRY HARTUNG (CSV) constate que la situation à Differdange est bonne parce que la commune a beaucoup investi dans les structures d'accueil. Il n'y a pratiquement plus de listes d'attente.

Le règlement fixe le fonctionnement des structures, notamment pour ce qui est des inscriptions, horaires d'ouverture, repas, prise en charge... Cela crée de la transparence.

Les chrétiens sociaux approuveront le document, mais tiennent cependant à faire une suggestion. Le règlement mentionne «l'échange d'informations et les discussions avec les parents». Cet échange devrait avoir lieu systématiquement une ou deux fois par an avec tous les parents dont les enfants fréquentent les maisons relais plus de 12 ou 16 heures par semaine. Cela permettrait de garder à l'œil le bien-être de l'enfant et d'éviter des malentendus entre les parents et les éducateurs.

L'État ne prévoit pas un tel échange, mais Jerry Hartung estime que les adultes devraient pouvoir trouver un peu de temps alors que les enfants passent tellement d'heures dans les structures d'accueil.

Le CSV remercie le service des structures d'accueil et le personnel sur le terrain.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) rappelle à M. Hartung que les parents peuvent parler aux éducateurs tous les jours quand ils vont chercher leurs enfants. De cette façon, ils apprennent directement ce que leurs enfants ont fait de bien ou de moins bien pendant la journée.

5. ROI des structures d'accueil

Laura Pregno n'aime pas non plus que les éducateurs jouent en permanence avec leurs téléphones portables. Mais elle trouve que cette question devrait être réglée dans les maisons relais et non dans un règlement. Car une fois dans le règlement, il s'agirait d'une véritable interdiction. Or pendant une excursion par exemple, le téléphone portable est utile.

Certaines maisons relais interdisent déjà l'utilisation du portable. Celui-ci est enfermé dans une boîte le matin et récupéré le soir. Laura Pregno trouve que c'est enfantin, mais cela marche. Elle ne pense toutefois pas que cela doit figurer dans un ROI, car elle s'attend à ce que les éducateurs se comportent de façon professionnelle.

Le plurilinguisme est mis en application dans les maisons relais. Un référent plurilingue participe aux formations et élabore ensuite des projets dans sa maison relais. Il devient le spécialiste du plurilinguisme au sein de son équipe. Ce programme existe dans toutes les maisons relais et toutes les crèches. Cela fait d'ailleurs partie des conditions pour bénéficier du chèque-service.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise que cela figure dans la convention avec le ministère.

En ce qui concerne les portables, il peut dire à M. Diderich ce qui se passe dans le lycée: le matin, ils déposent le portable qui ne fonctionne pas et gardent celui qui marche.

(Rires)

Pour ce qui est de la sécurité, il existe des plans d'évacuation pour la crèche en forêt. Mais c'est à l'éducateur ou à l'enseignant de décider si les enfants peuvent sortir en cas de tempête, même si le directeur ou le bourgmestre peuvent intervenir.

Roberto Traversini ajoute que des exercices d'évacuation ont lieu une ou deux fois par an dans toutes les écoles et maisons relais.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

précise qu'après des épisodes venteux, c'est au garde forestier de rouvrir la forêt. Autrement, le personnel ne devrait pas se rendre

Dag concerniert. Ech fannen dat ëmmer ganz flott. Well d'Elteren esou direkt mat op de Wee kréien, Saachen, déi net geklappt hunn. Awer och ganz oft Saachen, déi gutt geklappt hunn. Et vergësst een, dass Kanner och ganz, ganz vill richtig a ganz vill Gutts maachen.

Wat den Handy ugeet, begrëissen ech och net, wann Educateuren, oder iwwerhaupt d'Personal, andauernd um Handy triwwelt. Dat si Gespréicher, déi mer ëmmer erëm an den Haiser féieren. Ech fannen awer éischter, dass dat eppes ass, wat hausintern sollt gekläert ginn, an net onbedéngt an engem ROI stoe sollt. Well et da wierklech e Verbuet ass. Well dann dierf een, wann een op en Ausfluch geet oder esou, och keen Handy hunn. An do ass awer en Handy nützelech. Ech fannen, dass dat equippen intern sollt geregelt ginn.

Ech muss soen, dass mer effektiv Haiser hunn, wou mer gesot hunn, et gëtt elo keen Handy méi benotzt. Well den Handy iwwerhand geholl hat. An do hu mir dat mat de Chef-d'équiper a mat der Responsabeler wierklech duerchgezunn, dass do Këscht stinn, wou den Handy moies agespaart gëtt an owes erausgeholl gëtt. Ech fannen et alldéngs immens kannereg, wann een esou funktionéiere muss. Mä et huet seng Friichte gedroen. An et ass dat, wat wichteg ass.

Ech fannen awer elo net, dass dat muss an engem ROI stoen. Mir schreiwe jo och net dran, wat den Educateur moies, mëttes an owes ze dinne huet. Dat gehéiert einfach zu senger professioneller Haltung. Do erwaarde mer awer ganz vill vun eise Leit. Also mir ginn dorop an.

De Plurilinguismus, dee gëtt ëmgesat. Dat ass dee Programm, deen d'Méisproucheekeit virgesäit an de Strukturen. Mir fänken domat an der Crèche un, vu klengem un. Et ass esou, dass ëmmer Leit an deene Formatiounen deelhuelen an domadder e Référent plurilingue ginn, fir d'Méisproucheekeit an der Crèche ze vermëttelen. Déi Persoun schafft Projeten aus. Déi ass u sech dann e Spezialist fir d'Méisproucheekeit ze fërderen a gëtt hir Projeten un d'Equipe weider.

Soudass herno all Member vun der Equipe dee Projet uwendet kann, dee vun engem Spezialist opgesat gouf. An dat hu mer op all Plaz, souwuel Crèche wéi Maison relais. Do maache mer an deem Programm mat. Et ass och d'Flicht vum Ministère, dass mer dat hunn, well soss kéinte mer keng Chèque-service unhuelen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Mir müssen et maachen, well et an der Konventioun steet. Déi Saach mam Handy, Här Diderich, ech kann Iech zielen, wéi et am Moment am Lycée ass: Si ginn deen Handy of, deen net méi geet. An deen, dee geet, hale se an der Täsch. Just fir ze soen, wéi et am Moment leeft. Ech kann Iech e Lidd dovunner sängen.

(Gelaachs)

Dat anert, d'Sécherheet an der Bëschcrèche: D'Sécherheet gëtt do natierlech, grad wéi an all eisen anere Gebaier, groussgeschriwwen. Do gi Plan-d'évacuatione gemaach, wann et géif brennen oder soss eppes Schlëmme géif geschéien. Et ass natierlech ëmmer esou, dass d'Erzéierinnen an d'Schoulmeeschteren oder d'Léierinnen decidieren, deen Dag net erauszegoen, wann ze vill Stuer ass.

Dat heescht et ass d'selwecht wéi d'Plan-d'évacuationen. Den Direkter kann do natierlech matspillen, de Buergermeeschter dierf dat natierlech och. Mä bis elo waren et ëmmer d'Enseignanten – ech hat dat och nogefrot –, déi decidiert hunn, mir ginn haut eraus oder mir ginn net eraus. Dat ass dann eng Decisioun vum Enseignant. An d'Bëschcrèche ass wéi all aner Schoul, Maison-relais, do ginn d'Plan-d'évacuatione mat de Pompjeeë geübt, eemol oder zweemol am Joer, wéi dat virgesinn ass.

Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll zousätzlech dozou soen, well ech selwer mat engem Kand an d'Bëschcrèche dorobber ginn, et ass effektiv esou, dass no grousser Wandge-

6. Règlements communaux

schwindegkeeten de Fierschter all Kéiers de Bësch fräigëtt. Dat heescht, d'Personal geet net an de grouse Bësch. De Site vum Kannerbongert selwer ass net gefähdret duerch Bamfall oder Aaschtfall, dat sinn ze vill jonk Beem. Mä an de grouse Bësch, wou se üblecherweis ginn, gi si net, bis de Fierschter hinne gréng Luucht ginn huet. Dat heescht, et kann een, zwee Deeg daueren. De Fierschter mécht da säi Rondgang.

Ech géif just proposéieren, dat och iergendwann eng Kéier ze aktéieren, dass dee Kontakt bestoe misst. Well wann de Fierschter eng Kéier net géif goen, géif d'Léierpersonal jo no e puer Deeg awer eragoen. Mä mir hunn awer gewësse Beem, déi dann ënnert dem Stuermer gelidden hunn, déi ënner Spannung stinn, déi beim kengsten Incident da kënnen déck Äscht verléieren. An dat kann dann eng Gefor ginn.

Et misst een do méi formalistesche souguer nach ginn, dass bei all Léierpersonal nozetracéiere wier, datt de Fierschter do war oder nach net do war. Well dat kéint emol eng Kéier schifgoen, iwwer Kontakt. Well de Fierschter just mat engem geschwat huet an net mat deem aneren. Datt d'Kommunikatioun schlecht war.

Ech kéint mer dat virstellen, wéi an de Bierger, d'Lawinenwarnsystemer: Soulaang d'Luucht rout ass, ginn ech net op d'Pist. Soulaang d'Luucht rout ass an der Crèche, ginn ech net an de grouse Bësch. A wann de Fierschter ënnerwee war an e mécht d'Luucht gréng, dann ass de Bësch fräi. Dat wier am Fong e System, wou all Léierpersonal da geséich, ech ka goen oder ech kann net goen.

Obschonn et effektiv och keng Garantie ass, wann de Fierschter en Tour gemaach huet. Mä ëmmerhi kennt hien awer säi Bësch. Ech wëll Iech Merci soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech wëll just soen, datt dat net nëmme fir d'Bëschcrèche zielt, dat zielt fir eis Sortie-pédagogique. Mir hu Gott sei Dank ganz vill Léierpersonal, wat an de Bësch geet. Ech denken zum

Beispill un d'Lasauvager Schoul. Do muss een awer dann oppassen, wéi wäit ee geet a wat een do alles erëm maache muss, fir d'äerfen erauszegoen.

Well soss geschitt dat, wat am Moment am Gaang ass, ze geschéien. Wann eist Léierpersonal erausgoe wëll, dann ass dat e Paperassekrich. A wa mer elo och nach dat dote maachen, dat nach alles kucken, da seet d'Léierpersonal op eemol – a mat Recht –, mir bleiwen an der Schoul. Wa mir op eemol alles esou wëlle garantéieren, datt kengem eppes geschitt, hei am Land, da bleiwe se am Schoulhaff. An da geschitt dat net.

Mir sollen natierlech virsiichteg sinn, mä mir sollen awer, w.e.gl., och ophalen, alles wëllen ze schützen. Well da gi mer net méi eraus. An da maache mer d'Lasauvager Naturschoul deelweis zou, well mer dann ëmmer fäerten, et géif eppes op ee falen. Kommt mir passen do wierklech op, wat mer wëlle maachen.

Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements d'ordre interne 2019-2020 pour les différentes structures d'accueil.

Merci. De Punkt sechs: Règlements communaux vun der Circulation. Här Liesch, do sinn der gëschter nach vermaillt ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, si sinn och op der Diffcloud. Et war bal derwäert, fir et ze iwwersprangen, sou wéineg ass drop. Wann een den Dossier kuckt, stellt ee fest, et ass Fréijoer dobaussen, d'Villercher päifen, d'Hoergänse sinn erëm do an d'Bëtouneuse rullen erëm. Dat ass awer eng gutt Saach.

Den Dossier ass enorm grouss des Kéier. Ech hu probéiert, se ze zielen, ech si bal op 50 Chantiers komm, wou d'Leit doheem an hiren Haiser schaffen, eng Stee ufroen oder wou eppes geliwwert gëtt. Wat eigentlech e gutt Zeechen ass. Wa Leit an Déifferdeng an hir

dans les bois. Le Kannerbongert n'est pas concerné par la chute d'arbres ou de branches, car les arbres sont jeunes. En revanche, le garde forestier donne son feu vert pour la grande forêt. Cela peut prendre un ou deux jours. Frenz Schwachtgen suggère au collège échevinal d'acter ce principe. Car il se pourrait que le personnel enseignant décide d'aller dans la forêt au bout de quelques jours même sans l'autorisation explicite du garde forestier, ce qui est dangereux.

Frenz Schwachtgen pense par exemple au système d'alerte pour les avalanches. Tant que la lumière est rouge, la crèche ne peut pas se rendre dans la forêt. Cela ne garantit pas forcément que le garde forestier ait fait le tour de la forêt, mais il connaît les bois.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que cela ne vaut pas seulement pour la crèche en forêt, mais pour toutes les sorties pédagogiques. L'école de Lasauvage par exemple se rend souvent dans les bois. Mais il faut éviter de rendre les sorties trop complexes. Si les enseignants doivent remplir chaque fois des tonnes de paperasses, ils risquent de décider de ne plus sortir du tout et ils auraient raison. Pour garantir qu'il n'arrive rien à personne, les enfants doivent rester dans la cour de récréation.

Pour Roberto Traversini, il faut arrêter de vouloir tout protéger. Autrement, il faudrait aussi fermer l'École Nature de Lasauvage.

(Interruption de M. Diderich et rires)

Roberto Traversini passe au vote.

(Vote)

Roberto Traversini saute le point 7 et passe au point 8.

(Discussions)

Roberto Traversini constate qu'il a oublié le point 6, les règlements de la circulation. Certains ont été envoyés hier.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) précise qu'ils se trouvent sur le Diffcloud. Il ajoute que ce point aurait pu être laissé de côté tellement il y a peu à dire.

C'est le printemps, les oiseaux chantent et les bétonnières sont de retour. Mais c'est une bonne chose.

6. Règlements communaux

En tout, Georges Liesch a compté cinquante chantiers dans la commune. Si les gens investissent dans leurs maisons, c'est qu'ils veulent rester à Differdange.

À côté, il y a aussi de nombreux chantiers communaux. Le 14 avril, le boulevard Émile-Krieps en direction de Niederkorn recevra sa couche finale. Les préparations ont eu lieu ces derniers jours. À moins de problèmes météorologiques, la couche finale sera posée dans les jours à venir. Le tronçon sera fermé à la circulation pendant ces travaux. Ensuite, le carrefour de l'entrée en ville sera terminé.

Georges Liesch profite de l'occasion pour s'excuser auprès des gens ayant subi des nuisances. Mais la commune n'avait pas le choix. Les travaux se sont bien déroulés. Même s'il y a eu des blocages occasionnels, les services communaux ont réalisé du bon travail. Georges Liesch les remercie pour leur patience avec les entrepreneurs et pour avoir veillé à perturber le moins possible le trafic.

Le chantier dans l'avenue Charlotte jusqu'à la barrière touche aussi à sa fin. Dans ce cas-ci aussi, les techniciens de la commune ont veillé à ce que l'impact sur les riverains et sur les commerces soit aussi réduit que possible. Comme le montrent les règlements, il reste encore quelques travaux à faire sur le dernier tronçon.

Georges Liesch passe aux répercussions de la tempête il y a quelques semaines. Comme l'a dit M. Schwachtgen tout à l'heure, le garde forestier a détecté plusieurs arbres sur la colline ayant souffert des intempéries. Il faudra les abattre. Il y en a dans la route de Longwy et sur la colline même.

Ce type d'incidents ne figurent normalement pas dans les règlements de circulation.

Georges Liesch mentionne ensuite la kermesse fin avril. Les parkings à droite et à gauche devront être réglementés. Il cite aussi la « Kreativ-Woch » à Lasauvage et la fanfare de Niederkorn, qui a demandé à occuper l'école deux fois le soir.

Les dates des marchés figurent aussi dans les règlements.

Haiser investéieren, heescht dat, dass se hei wëlle bleiwen, dass et hinnen hei gefält. A fir mech ass dat eigentlech e gutt Zeechen, wann d'Leit an hir Bienen, an hir Haiser investéieren.

Donieft gëtt et awer och eng ganz Hellewull u Reglementer, wou mir als Gemeng Saachen ufroe respektiv nach Chantiere sinn. Ech profitéiere vun der Geleeënheet fir ze soen, dass de Boulevard Krieps Richtung Nidderkuer de 14. Abrëll seng Couche finale kritt. Dat heescht, do wäerte mer nach eng leschte Kéier e bësse gestéiert ginn an der Zirkulatioun.

D'Preparatiounen, dat hutt Der matkritt, sinn elo an deene leschten Deeg ugelaft, fir dat ze preparéieren. A wann d'Meteo eis kee Stréch duerch d'Rechnung mécht, gëtt op deem Weekend d'Couche finale geluecht. Duerfir muss mer deen Tronçon nach eng Kéier ganz spären, an da si mer mat eiser Kräizung an der Entrée en ville awer eigentlech doduerch. Wat e laange Wee war.

Ech wëlt dann och gären op dëser Plaz dovun profitéieren, fir bei alle Leit, déi do gestéiert waren, eis ze entschëllegen als Gemeng. Mä ech mengen, et war wichteg, dat heiten ze maachen. Et gouf kee Plang B. Mir hunn dat heite misste maachen. An ech fannen, dass déi Aarbechte wierklech gutt gemaach goufen. Och wann et zäitweis zu Blockagë komm ass, hunn ech trotzdem d'Impressioun, dass eis Leit dat ganz gutt gemaach hunn – net mir, ech mengen, mir am Schäfferot hunn net dee Merite, mä déi Leit, déi de Chantier gemaach hunn, haaptsächlech eis Leit. Hinnen dofir e grouse Merci fir hir Geduld an Ausdauer mat den Entrepreneuren, fir dat ëmmer esou gemaach ze hunn, dass den Trafic am mannste gestéiert gouf.

Dann hu mer nach e Chantier, deen eis nach ëmmer e bësse dréckt. Wou mer awer och elo gesinn, dass mer fäerdeg ginn. Dat ass an der Avenue Charlotte erop bis bei d'Barrière. Dat ass keen einfache Chantier. Zemools mat der Barrière hate mer scho ganz blöd a komesch Situatiounen. Dat war net evident. Do sinn eis Leit mat Fangerspëtzegefill erugaangen. Fir den Impakt fir déi Leit, déi do wunnen, och déi eenzel Commercen, an eben och d'Problema-

tik mat der Barrière zesummen, esou geregelt ze hunn, dass deen esou kleng wéi nëmme méiglech war.

An de Reglementer gesitt Der, dass mer do nach eng Kéier mussen e bësse schaffen, bis dee leschten Tronçon erop, da si mer awer och do eigentlech esou gutt wéi fäerdeg.

Da gesitt Der awer och d'Repercussioun vum Stuerm, dee mer virun e puer Wochen haten. Do waren uewen um Bierg op där enger oder anerer Plaz, wéi den Här Schwachtgen virdu gesot huet, opgrond vu Kontrollgäng vum Fierschter, Beem detektéiert ginn, déi ënnert dem Stuerm gelidden hunn. Déi hu mussen ewechkommen. Dat ass an der Route de Longwy, uewen um Bierg selwer. An där schéiner Bamallée hu mer missen zwee Beem ewechmaachen.

An och erop fir op Nidderkuer, an der rue de Longwy, direkt am Bësch, sinn och e puer Beem ewechgeholl ginn, déi riskéiert hätten, op d'Strooss ze falen. Dat si Repercussiounen, déi mer soss eigentlech an eise Règlements de circulation net hunn.

Da sinn e puer Saachen, déi an d'Haus stinn, zum Beispill d'Kiermes, déi elo geschwënn ufänkt, Enn Abrëll. D'Installatioun dovunner ass ze maachen. Wou d'Parkingé lénks a riets musse reglementéiert ginn. Mir hunn e puer Projeten, wéi d'Kreativwoch zu Lasauvage, wou bestëmmt nach eng Kéier heibannen driwwer geschwat gëtt. Dann d'Fanfare Nidderkuer, huet zweemol gefrot, fir en Accès an d'Schoul ze kréien, owes zu Nidderkuer. Wat mer hinnen erlaabt hunn.

Wat ech nach ernimme wollt, dat sinn d'Datumer vun eise Mäert, déi alleguerten am Reglement verfaasst sinn.

Op all déi aner Aarbechten, Steeën an esou weider, ginn ech elo net an. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Altmeisch, w.e.gl.

6. Règlements communaux

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, 50 Drénglechkeetsreglementer ginn ofgestëmmt. Insgesamt sinn dës Joer iwwer 450 Reglementer hei am Gemengerot ofgestëmmt ginn. E Chantier vun enger Dauer vun engem Dag bis e puer Méint. Eng Beschëlderung, eng Beliichtung fir d'Ofsécherung vun der Baustell, eng Ofsécherung fir d'Automobilisten, fir d'Cyclisten, d'Foussgänger an d'Awunner ginn hei um Pabeier festgehalten.

Leider muss ech feststellen, dass vill Chantieren net richteg ofgesécher sinn an doduerch geféierlech ginn, well keng Beliichtung, falsch Beschëlderung do ass. Dat ass d'Situatioun, wéi mer se um Terrain begéinen. Ze vill oder guer keng Schëlter. Keng Informatiounen begéint een och iwwert de Bauhär. Zum Beispill am Fall vun engem Accident, dass een eng Telefonsnummer hätt, wou ee sech d'Urgence kéint un deem Zoustännege richten.

Eng seriéis Iwwerwaachung géif vill zur Sécherheet vun den Déifferdenger Leit bäidroen a wier dréngend néideg. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt nach eng Kéier nofroen wéinst der Bushaltestell zu Uewerkuer, ob Der, zënter dem leschte Gemengerot, kucken konnt, ob déi Bushaltestell definitiv deplacéiert bleift oder ob déi amenagéiert gëtt. Op d'mannst e Schëld, wat plus ou moins riicht do steet a wou d'Buspläng och dran hänken.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Wat fir eng war et?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

D'Bushaltestell heescht Oberkorn-Chiers. Et ass do, wou soss d'Tankstell war. Wou e Bushaische steet an een A4-

Blat dran hänkt, dass dat eben net d'Bushaischen am Moment ass – oder just fir den Diffbus. E puer Meter niewendrun, wann een iwwert d'Strooss geet, sinn d'Parkplaz blockéiert, fir dass de Bus do stoe bleiwe kann.

Een deem dat nach ni probéiert huet, dee weess net, wéi ee Bus bleift do stoen, wéini bleift e stoen. Fir Leit, déi, wat weess ech, elo wëllen Autofasten maachen a soss ni de Bus huelen, déi wäerten net déi beschten Erfahrung maachen, wa se do de Bus wëllen huelen. Den Numm eleng vun der Bushaltestell ass och net do.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Iwwert déi Bushaltestell hu mer schonn diskutéiert. Mir hunn eng Iddi am Kapp, wéi mer et wäerte maachen. Ech bréngen déi d'nächste Kéier mat. Mir hunn nach ee Punkt ofgewaart. Dir hutt gesinn, dass eise Parkleitsystem endlech geliiwert a montéiert ginn ass. A grad do war eben d'Fro: Wou kënnt de Panneau hin? De Busarrêt wäerte mer wahrscheinlech op déi aner Säit réckele mussen. Fir de Panneau esou ze stellen, dass en net hannert der Kräizung ass. Dat hat mir net gefall. Dat heescht, mir maachen dat an engem Worf. Soss muss mer vläicht dräimol do änneren.

Mä Dir hutt awer ganz recht. Insgesamt fannen ech, dass mer eigentlech en immense Retard hunn, wat eis Signaliséierung fir Busarrëten ugeet. Ech sinn och am T.I.C.E. manifest do hannendrun, well ech fannen ëmmer nach, dass eisen ëffentlechen Transport mat de Busarrëten ausgeluecht ass fir Leit, déi genau wëssen, op wéi engem Arrêt wéi ee Bus kënnt. Mir hunn awer eng aner Populatioun.

Dir hutt genau dat beschriwwen: Leit, déi emol eng Kéier probéieren, de Bus ze huelen, déi da soen: „Ech ginn op de Busarrêt“ oder „ech kucken dat no“. Dat fannen ech nach ëmmer enorm schwéier. Guer net ze schwätze vu Leit, déi eng Kéier op Lëtzebuerg, op Déif-

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que cinquante règlements vont être soumis au vote. En tout, 450 règlements ont été approuvés depuis le début de l'année. Il peut s'agir d'un chantier d'un jour ou de plusieurs mois, de signalisations, d'éclairage, de sécurisation de cyclistes, etc. Malheureusement, tous les chantiers ne sont pas sécurisés correctement. Souvent, ils ne sont pas signalisés comme il faut. Il n'y a pas non plus d'informations concernant le maître d'ouvrage ou un numéro à appeler en cas d'accident. Guy Altmeisch estime qu'une surveillance sérieuse des chantiers contribuerait à améliorer la sécurité à Differdange.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) revient sur sa question de la dernière fois concernant l'arrêt de bus d'Oberkorn. A-t-il été déplacé définitivement? Est-il signalisé?

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) demande de quel arrêt il s'agit.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) fait allusion à l'arrêt de bus Oberkorn Chiers. Une feuille Din A4 y pend pour signaler que l'arrêt a été déplacé. Quelques mètres plus loin, on a interdit le stationnement pour que le bus puisse s'arrêter. Mais quelqu'un qui n'est pas au courant ne saura pas où aller.

Ceux qui veulent participer à l'action « Autofasten » et qui ne prennent jamais le bus autrement ne vont pas être ravis de l'expérience qu'ils vont faire.

Il n'y a même pas le nom de l'arrêt.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) cède la parole à M. Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) a réfléchi à la question. Il rappelle que le système de signalisation des parkings est en train d'être installé. Dans ce contexte, l'arrêt de bus devra probablement être déplacé en face. Georges Liesch préfère réaliser les deux travaux en même temps pour éviter de devoir recommencer.

M. Diderich a raison. La commune a pris du retard concernant la signalisation des arrêts de bus. Ceux-ci sont aménagés pour les per-

8. Monuments nationaux

sonnes qui savent exactement où aller. Mais ceux qui prennent le bus pour essayer auront du mal à trouver les informations nécessaires. Sans oublier ceux qui ne connaissent pas Differdange. Le problème concerne tout le sud et même Luxembourg-ville. Les applications mobiles ne sont pas idéales non plus. Il reste du pain sur la planche. Autrement, les usagers occasionnels risquent de ne pas répéter l'expérience.

En tout cas, M. Diderich a raison à 100 %. L'attractivité des transports en commun doit être améliorée ensemble avec les autres communes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

revient sur les propos de M. Altmeisch. Il en discutera avec les services communaux compétents. Mais en tout cas, ce n'est pas le travail du collège échevinal que d'aller installer des lampes ou des panneaux. Roberto Traversini fait pleinement confiance aux services communaux.

Les solutions ne sont pas faciles à trouver parce que les automobilistes, les cyclistes et les piétons ne se tiennent pas toujours au Code de la route.

Roberto Traversini ajoute que pour le moment, il n'y a pas eu d'incident majeur. Il y a quelques chantiers critiques dans la commune — par exemple sur le site de la barrière. M. Liesch et M. Ulveling en discuteront avec les services, qui réalisent en tout cas un excellent travail.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *ne critique pas le fonctionnement des services. Mais ce matin, il a remarqué six panneaux dans la rue de Soleuvre n'ayant aucune utilité. Il y a déjà des panneaux partout. Ne pourrait-on pas au moins enlever ceux ne servant à rien? Cela n'a rien à voir avec les services communaux, mais avec l'entrepreneur. Et si les services n'y arrivent pas, il faudrait recruter du personnel.*

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé au point 8, une maison à protéger.

ferdeng op d'Visitt kommen a soen: „Amenger Stad sinn ech gewinnt, de Bus ze huelen, an ech huelen elo hei e Bus“.

Mä dat ass net nëmmen zu Déifferdeng, mä am ganze Süden an och an der Stad nach deelweis enorm schwierig. Do hu mer enormen Nohuelbedarf fir déi ganz Signaliséierung. Déi ganz Appen, déi et gëtt, iwwert mobiliteit.lu, wou een net weess, wou een un déi App kënnt, wat ech och net esou genial fannen. Do ass wierklech e risegen Handlungsbedarf, fir Leit, déi dat wëlle probéieren an dann eng negativ Erfahrung maachen, wéi Der ganz richteg sot. An déi da soen, dat dote maachen ech awer elo net nach eng Kéier. Do hu mer e risegen Nohuelbedarf.

Ech hunn elo e bësse méi wäit ausgeholl wéi de Problem vun deem Busarrêt. Mä ech ginn Iech do honnertprozenteg recht. D'Attraktivitéit vun eiseffentlechen Transport muss wesentlech verbessert ginn. Mä net als Gemeng Déifferdeng eleng. Mir si mat anere Gemenge an Handlungsbedarf.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Merci och. Zu der Kritik, déi den Här Altmeisch ausgeübt huet, mir huelen dat ganz gär mat. Mir wäerten dat mat an eis Servicer huelen a mat hinnen diskutéieren. Mir kënnen just Saachen hei decidéieren, mä wéi se konkret um Terrain gemaach ginn – ech ginn op alle Fall keng Luuchten opstellen. Quitte, datt ech scho Schëlter opgeraf hunn. Mä dat ass net meng Aarbecht.

Ech gesinn dat net esou negativ wéi Dir. Ech kann Iech just soen, datt ech vollst Vertrauen an eis Servicer hunn. Ech mengen, datt déi kompetent sinn an hir Aarbecht maachen. An datt et net ëmmer evident ass, verschidde Saachen ze maachen. Well och verschidden Automobilisten, verschidde Foussgänger, verschidde Vëlofuerer sech einfach net un de Code de la route halen. An ech mengen, do kann och dee beschte Service näischt maachen. Mä mir huelen dat mat.

Gott sei Dank ass bis elo näischt extra Schlëmmes geschitt. Mir hu wierklech zwou, dräi ganz kriddeleg Stellen, zum Beispill bei der Barrière, wou mer mus-

se kucken, vläicht nach eng besser Lösung ze fannen. Mä wéi gesot, mir huelen dat mat an eis Servicer. Den Här Liesch an den Här Ulveling. Datt mer da soen, datt se missten nach vläicht eng Schëpp bäileen. Ech fannen awer, datt eis Leit bis elo exzellent Aarbecht op der Plaz maachen.

Här Altmeisch, ganz gären. Dir hutt dat net esou gemengt.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee, ech kritiséieren d'Servicer net. Ech kritiséieren d'Fonctionnement vun de Servicer net. Mä mir ass opgefall, de Moien, wéi ech heihinner koum, hunn ech an der Zolwerstrooss zum Beispill sechs Verkéiersschëlter gesinn, déi keng Utilitéit méi hunn. Déi net méi gebraucht ginn. Déi sti sech do op der Säit ze langweilen.

Mir hu schonn e Mier vu Schëlter hei an der Gemeng. Kommt, mir huele wéinstens déi op d'Säit, déi net méi gebraucht ginn. Dat sinn net d'Gemengeservicer. Dat ass deen Entrepreneur, deen do schafft. A wann d'Servicer dat net hikréien, da misst ee vläicht drun denken, weidert Personal anzustellen, fir déi Sécherheet fir d'Bierger ze garantéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Elo géife mer zum aachte Punkt kommen. En Inventaire, en Haus, wat mer wëlle schützen. Här Tom Ulveling, kënnt Der eis dozou e puer Erklärungen ginn?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, ech mengen dat einfachst wär, ech liesen Iech vir,

8. Monuments nationaux

wat d'Madamm Kulturminister eis geschriwwen huet, fir dat Haus e bëssen ze beschreiwen. Wat hir Kommissioun virgeschloen huet, fir ze klasséieren.

Hei steet: „L'immeuble 36, route de Belvaux à Oberkorn constitue une impressionnante maison de ville qui a été construite au début du XX^e siècle. Elle est implantée en retrait par rapport à la rue, devancée par un jardinet qui est entouré par un muret avec un grillage en fer forgé à motifs ondulés. L'immeuble s'élève sur deux niveaux posés sur un socle et surmonté par une ample et complexe toiture mansardée munie d'une tourelle, de trois jolies lucarnes et d'épis de faîtage.

La façade principale, donnant sur la rue, est revêtue de carrelage. Elle est richement ornementée avec des encadrements et bandeaux en pierre, des chainages d'angle, une corniche à modillons, et un balcon à balustrade. Toutes les ouvertures et menuiseries font preuve d'un décor rigoureux avec des détails intéressants: fins châssis en bois sculpté, vitraux colorés, lucarnes avec ferblanteries ornée etc. La façade est composée de trois travées, dont la travée droite se situe en retrait et contient l'entrée desservie par un petit escalier. L'axe central est mise en valeur par un avant-corps accueillant le balcon au premier étage.

L'intérieur se présente encore dans sa splendeur d'antan. De nombreux éléments d'origine ont été conservés tels que les portes intérieures et ébrase-ments, certains vitraux, le carrelage dans le hall d'entrée, les plafonds en stuc, l'escalier en bois, une cheminée, les portes d'entrée principale et secondaire en bois, les parquets en bois, la charpente etc. En effet, la maison est encore authentique et quasi tous les éléments et détails d'origine sont très bien conservés.

Par son âge et son architecture, il est un témoin authentique et caractéristique pour son époque de construction et du développement urbanistique d'Oberkorn. Ainsi il mérite d'être protégé pour son intérêt historique de même que pour ses qualités architecturales, urbanistiques et esthétiques“.

Ech mengen, domat ass bal alles gesot. Et ass jo kloer, wann dat hei elo

klasséiert gëtt, da mussen déi Leit, deenen dat Haus gehéiert, sech fir all Modifikatioun mam Ministère vun der Kultur a Verbindung setzen, fir dass deen dat autoriséiert. Dat Haus, mir kennen dat alleguer, mir fueren ëmmer derlaanscht, ass wierklech e flott Haus. Ech mengen, mir sollen net méi déiselwecht Problemer kreéieren oder den Oubli maachen – beim Nikloshaus hate mer dat vläicht verpasst. Dofir sollt mer dat doten esou klasséieren, wéi d'Madamm Minister eis dat virschléit. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll prinzipiell derzou soen, dass déi Konservatioun ganz wichteg ass a ganz utile ass, och am Sënn vun eisem Patrimoine, dee jiddwerengem u sech gehéiert. Déi Leit haten Asproch gemaach, déi hate schonn en Amengementsprojet. Se wäerten dat awer dann trotzdeem klasséiert kréien, op den Inventaire kréien.

Wat ech bis elo ëmmer nach fonnt hunn, wa mer esou wäertvoll Gebaier halen, ass, dass d'effentlech Hand substanzuell misst agräifen a gewësse Portiounen vun där Konservéierung.

Wann ech elo en Haus hunn, an ech plangen, eng Fassad esou an esou ze maachen, dat heescht se ze vereinfachen am moderne Sënn, eng Tourelle oder eng Fresk ewechzehuelen, amplaz ze renovéieren, da rechnen ech net mat Depensen. Déi sinn op null gesat, well de Lofthummer hält déi ewech.

Wann ech et awer octroyéiert kréien, dann hunn ech 100% Fraise vun enger Konservatioun vun engem Architekturdetail. Wann ech et konservéieren, kréien ech Maximum 10% vum Staat respektiv vun der Gemeng bäi. Dat heescht, ech hunn 90% Fraise fir en Detail vun enger Fassad, wat ech selwer finanzéiere muss, wat ech virdrun net hat.

TOM ULVELING (CSV) propose de lire ce qu'a écrit la ministre de la Culture au sujet de la maison dont il est question. Elle est située au 36, route de Belvaux à Oberkorn et constitue une impressionnante maison de ville du début du XX^e siècle avec un jardin de devant entouré d'un grillage en fer forgé à motifs ondulés.

L'immeuble s'élève sur deux blocs et est surmonté d'une toiture mansardée avec une tourelle. La façade est revêtue de carrelage. Toutes les menuiseries sont décorées avec des détails intéressants, des vitres colorées, des lucarnes... La façade est composée de trois travées. L'axe central est mis en valeur par un avant-corps accueillant le balcon du premier étage.

Les portes d'intérieur, les embrassements, certains vitraux, le carrelage du hall d'entrée, les plafonds en stuc, la cheminée, les portes d'entrée, les parquets et la charpente d'origine ont été conservés.

Par son âge et son architecture, la maison est caractéristique de son époque. Elle mérite d'être protégée pour son intérêt historique et pour ses qualités architecturales, urbanistiques et esthétiques.

Tom Ulveling ajoute que si la maison est classée, les propriétaires devront demander une autorisation au ministère pour chaque modification.

Il s'agit d'une belle maison. Tom Ulveling rappelle que la commune avait raté l'occasion de classer le «Nikloshaus». Elle ne doit pas commettre la même erreur cette fois-ci.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

estime que la conservation de bâtisses est importante du point de vue du patrimoine, qui appartient à tous.

Frenz Schwachtgen est d'avis que les institutions publiques devraient faire davantage pour la préservation du patrimoine. Quelqu'un voulant refaire sa façade a le choix entre rénover une tourelle ou une fresque, ou bien démolir ces éléments. S'il est démoli, il n'a pas de frais supplémentaires. En revanche, s'il décide de conserver un élément architectural, il touchera peut-être une subvention de 10 % de la part

8. Monuments nationaux

de l'État et devra financer les 90 % restants. Frenz Schwachtgen ne parle pas de dépenses supplémentaires pour la commune, mais pour les Sites et Monuments. Même si la commune peut aussi faire des efforts, c'est aux Sites et Monuments d'augmenter les subventions pour protéger les détails des façades et des balcons.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue l'ajout de la maison en question dans l'inventaire. Cette maison est importante pour la préservation du patrimoine.*

Conserver le patrimoine ne veut pas dire que les propriétaires ne pourront plus rénover leurs maisons. Mais en achetant une maison, on achète un patrimoine qu'il faut respecter. Il ne s'agit pas seulement d'enranger des bénéfices, mais aussi d'habiter dans une maison et faire partie du paysage urbain. C'est pourquoi le conseil communal devrait soutenir ce projet.

Comme l'a dit M. Schwachtgen, l'État pourrait subventionner les travaux de manière plus conséquente. Mais il faut considérer les aides dans leur globalité. La commune a augmenté ses subventions. En plus, si l'on investit dans une maison, on crée aussi de la valeur en conservant son aspect. Cela pourrait intéresser les futurs potentiels acquéreurs ainsi que les habitants.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *trouve aussi que cette maison mérite d'être protégée. Il était temps d'intervenir, car elle est en mauvais état.*

La lettre de la ministre est arrivée fin décembre. Normalement, la commune a trois mois pour remettre son avis. Passé ce délai, la proposition est considérée comme acceptée. Par conséquent, d'après la loi, la décision est déjà prise.

ERNY MULLER (LSAP) *soutient la proposition. Il signale cependant que la commune avait déjà protégé la façade de la maison. Les Sites et Monuments vont plus loin.*

Erny Muller se souvient que les successeurs du propriétaire étaient absolument contraires au classement de la maison et avaient menacé de la laisser tomber en ruines.

An dat gehéiert zum Staat, dat gehéiert zu Sites et Monuments. Et ass net de Gemegebudget, deen ech elo wëll touchéieren. Obschonn, dass mer eis och kënnen iwwerleeën, Efforten ze maachen. Ech maachen einfach den Appell u Sites et Monuments, dass méi Gelder zur Verfügung gestallt ginn, fir Detailer vu Fassaden oder Balconen ze schützen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Den Här Diderich hat d'Hand gehuewen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech begréissen, dass mer dat op den Inventaire setzen, mat dësem Vott. Och de Virschlag vum Ministère, fir dat ze maachen. Et ass en Haus, wat wichtig ass fir de Patrimoine. Wou matzäite gewosst ass, dass et ze erhalen ass. E Patrimoine erhalen heescht jo net, tel quel alles esou ze loossen an näischt méi kënnen um Haus ze maachen. Mä ech mengen, wann een esou en Haus keeft, da soll ee sech scho bewosst sinn, dass een domadder e Patrimoine keeft an dat och soll respektéieren. En Haus ass net nëmmen eppes, fir Suen domadder ze maachen, mä virun allem eppes, fir dran ze wunnen an och en Deel vun enger ganzer Gemeng, engem Stadtbild ze sinn, wat een och soll respektéieren. An deem Sënn denken ech, dass mer dat heite jiddefalls ënnerstëtze sollen.

Wat d'Hëllef en ugeet, wéi den Här Schwachtgen elo gesot huet, kann ech ënnerstëtzen, dass ee méi grousszügeg soll gi vu staatlecher Säit. Mä et soll een awer och emol ganz genee kucken, wat een alles vun Hëllef vun alle Säite kritt. Mir sinn als Déifferdenger Gemeng schonn e Stéck eropgaangen. Dass een awer och elo net just komplett als Staat muss intervenéieren.

Virun allem am Fall, wou eng Acquisitioun do ass an en Investment wäert gemaach ginn, denken ech, dass ee jo beim Erhale vun engem Patrimoine eng extra Valeur am Fong och kreéiert. Duercher dass een den Aspekt erhält an een domadder eng ganz aner Valeur vu Bausubstanz huet wéi dat, wat am Moment gebaut gëtt. Wat och, denken ech,

wäert appreciéiert gi vu Leit, déi vläicht eng Kéier als Keefer interesséiert wären. Awer virun allem och vun de Bewunner. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dat Haus huet effektiv eppes. Mir kënnen dat gären ënnerstëtzen. Ech war mer et ukucken. Et gëtt awer héich Zäit, datt eppes geschitt, well et ass an engem relativ schlechten Zoustand.

Just nach eng Bemierkung: De Bréif vun der Ministesch ass Enn Dezember komm. Mir hätten am Fong, laut Gesetz, dräi Méint Zäit, fir eisen Avis ofzeginn. Passé ce délai, la proposition est censée être agréée. Dat heescht, et ass souwisou schonn ugeholl, laut Gesetz. Mä mir stëmmen dat awer gäre mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt soen, dass mir als LSAP dat doten ënnerstëtzen. Ech muss awer och nach soen, am Kader vun dem Klassement vun de Fassaden, datt dat hei jo elo méi wäit geet. Mir hunn als Gemeng d'Fassad scho klasséiert gehat. An elo seet Sites et Monuments op eemol, dass dat Ganzt, dee ganze Volumen, bannen a baussen, soll geschützt ginn.

Deemools krut ech Reklamatiounen. Ech ka mech nach erënneren, dass Vertrieder, net de Proprietär selwer, mä ech mengen, dat ware Successeuren, bei mir am Büro waren. An déi waren absolutt net d'accord an hunn domadder gedreet, dass dat Haus géif verfale gelooss ginn.

Wann dat de Fall sollt sinn, dann hu mir jo näischt geschafft. Dofir misst ee sech iwwerleeën, ob een als Gemeng

8. Monuments nationaux / 10. Motion du LSAP

dann intervenéiert. Ob mir eventuell eng Kéier bereet wären, dann esou Gebaier opzekafen. Ech wollt just déi Méiglechkeet emol mat an d'Spill bréngen, dass mer emol doriwwer nodenken. Et ass jo elo e Compromis drop, souwäit ech informéiert sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Dann hoffen ech, dass et an déi richteg Richtung geet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, et gouf alles gesot. Ech hu mer soe gelooss vu Leit, déi an deem Haus waren, et wär bannendra ganz schéin. Hei geet et drëm, fir dat ze schützen. Mä et geet och drëms, wéi de Frenz gesot huet, datt een deene Leit dann och déi néideg Moyene gi soll. Wa se esou Obligatioun kréien, wat se därefer maachen, da mussen se och finanziell gehollef kréien, dass dat passt. Dee Surplus, dee se do mussen investéieren, si wahrscheinlech deen Ament keng kleng Chifferen, jee nodeem wat se wëllen. Ma da mussen se och gehollef kréien.

Mir stëmme mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Ech wëilt zwou, dräi Saache bäifügen. Dir kënnt Iech vläicht erënneren, virun e puer Gemengerotsitzungen hate mer gesot, mir géifen och d'Interieure mathëllefen ze finanzéieren, wa se géife vu Sites et Monuments gehollef kréien. 50% op dat, wat de Sites et Monuments géif ginn, plafonnéiert op 5.000 Euro. Just fir ze soen, datt mer scho substanzieel Hëllef gi bei de Fassaden.

Dat hei ass eng Fassad, wou een iwwer 9.000 Euro Subside vun der Gemeng kréie kéint. Just fir ze soen. Da si mer scho bei ganz grouse Montanten, wou d'Stad Déifferdeng – a just d'Stad Déifferdeng – gëtt. Rechent ee Sites et Monuments bäi, da kann ee wäit iwwer 10% kommen, wat een u Subside kritt. Mä et muss een natierlech och bedenken, dat wat Sites et Monuments engem vun Optrag gëtt, datt dat och net ëmmer geschenkt ass. Dat dobäi gesot.

A firwat et eréischt haut an de Gemengerot komm ass, Här Meisch, dat ass, well mer eis mat de Proprietären zesummesat hunn, Bréiwer gewieselt hunn, bis déi Decisioun gefall ass, datt mer et haut op den Ordre du jour kritt hunn. Dofir ass et eréischt am Abrëll an de Gemengerot komm. Mir wollten d'Proprietären nach driwwer informéieren, wat mer am Gaange wäeren, ze maachen.

Mä Dir hutt vollkomme recht. Dat hätt ee sollten éischter maachen. Mä dat ass d'Erklärung.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement le classement à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux d'un immeuble situé au n° 36 route de Belvaux à Oberkorn.

Merci. D'Kommissiounen. Do ass näischt erakomm. Dann ass dee Punkt erduerch. Här Liesch, Dir wollt nach zum Punkt dräi eppes soen, zum PAP Ouschterbur. Sidd Der do méi schlau ginn?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Effektiv, do war jo nach eng Fro vum Här Diderich zu där Tabell, wou Divergenze sinn tëscht dem PAP en vigueur an dem PAP modifié. Ech wollt dat erklären, hat dat awer net méi direkt präsent. Op enger Modifikatioun ass eng Erreur matérielle, dat ass notament déi hei. Hutt Der d'Tabell virun Iech?

S'ils mettent leurs menaces à exécution, la commune aura agi pour rien. C'est pourquoi le conseil communal doit réfléchir à l'acquisition de telles bâtisses. Erny Muller croit savoir qu'un compromis a été signé pour la maison dont il est question aujourd'hui.

TOM ULVELING (CSV) répond que oui.

ERNY MULLER (LSAP) espère que tout se passera bien.

GUY TEMPELS (CSV) a entendu dire que la maison était dans un piteux état à l'intérieur. Il faut protéger ces maisons. Mais comme l'a souligné M. Schwachtgen, il faut aussi donner aux gens les moyens financiers nécessaires. Les frais supplémentaires représentent sans doute une somme conséquente.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle que la Ville de Differdange a décidé récemment de subventionner les rénovations intérieures subsidiées par les Sites et Monuments. Le montant de cette aide s'élève à 50 % du subsidie des Sites et Monuments avec un plafond fixé à 5000 €.

Dans le cas présent, il est question d'une façade. Le subsidie de la commune peut se monter à plus de 9000 €. Cela représente bien plus que 10 % des frais totaux. Mais il est vrai que les conditions imposées par les Sites et Monuments content souvent cher.

La raison pour laquelle ce point ne figure à l'ordre du jour qu'aujourd'hui est qu'il y a eu un échange de lettres entre la commune et les propriétaires. Le collège échevinal tenait à les informer de ce qu'il comptait faire. M. Meisch a cependant raison: ce point aurait dû être soumis au vote plus tôt.

(Vote)

Roberto Traversini constate qu'il n'y a pas de modifications au sein des commissions.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) rappelle que M. Liesch souhaitait revenir sur le point 3.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande à M. Liesch s'il a obtenu

des informations concernant Ouschterbuer.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle qu'il est question de divergences entre le PAP en vigueur et le PAP modifié. Il s'agit d'une erreur matérielle. Georges Liesch demande à M. Diderich s'il a le tableau devant lui.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répond que oui.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que pour le lot 24 il est question d'une emprise au sol de 30 m². Il s'agit en fait de 98 m². C'est ce qui explique la différence de 210 m² en tout entre les deux projets.

La différence entre les abris de jardin du PAP en vigueur et du PAP modifié explique les petites différences restantes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) remercie M. Diderich, qui a étudié le dossier de manière intensive, et M. Liesch, qui en a appris davantage sur ce dossier. Il passe à une motion et cède la parole à M. Muller.

ERNY MULLER (LSAP) présentera la motion au nom du LSAP concernant le soutien de la Ville de Differdange au projet de découverte de professions et métiers par le Luxembourg Science Center.

Il en a déjà été question deux fois et les positions se sont durcies. C'est pourquoi les socialistes veulent contribuer à un consensus entre le collège échevinal et la direction du Science Center.

L'initiative du Science Center visant à présenter des métiers manuels et administratifs aux jeunes est intéressante. Le nouveau programme se déroulera parallèlement au programme lié aux sciences et technologies. Le Science Center aura besoin de quelque 650 m² supplémentaires pour le personnel et l'équipement.

Le projet est soutenu financièrement par plusieurs ministères et le Fonds social européen. Le matériel sera mis à disposition par une fondation luxembourgeoise.

La direction du Science Center souhaitait construire un bâtiment avec

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Wann Der an der Tabell de Lous Nummer 24 kuckt, am PAP en vigueur. Do steet d'Surface emprise wär 30 Metercarrée. Wat natierlech net méiglech ass, fir en Haus ze bauen. Dat ass d'Erreur matérielle. Am neie Projet ass d'Surface scellée 98 Quadratmeter, dat heescht Emprise en sol. Dat ass also déi Erreur matérielle, déi sech do ageschlach hat.

An dorausser resultéiert, dass déi 30 Metercarrée falsch waren. Wann een dat op e puer Stäck kuckt, da ginn dat déi 246,80 Metercarré, sou wéi all déi aner Lousen, all déi aner Haiser eigentlech alleguerten och. Do besteet eng Differenz vun 210 Metercarrée. De Rescht vun der Differenz, wann Der den Total vergläicht vum PAP en vigueur an dem PAP modifié, dat sinn d'Abri-de-jardinen. De Cumul dovunner ergëtt déi puer Rescht Metercarréen, déi dann zousätzlech do gebaut ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Merci, Här Diderich, datt Der deen Dossier esou intensiv gekuckt hutt. A Merci, Här Liesch, datt Der an esou kuerzer Zäit méi gescheit gi sidd.

Mir géifen dann elo zur Motioun kommen. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP wëll ech déi Motioun virstellen, déi mer agreecht hunn. Et ass eng Motion concernant le soutien de la Ville de Differdange pour la réalisation du projet „Découverte des professions et métiers par le Luxembourg Science Center“.

Ech wëll e bëssen op den Historique an op d'Motiver agoen, déi eis zu där Motioun bruecht hunn. Nodeems schonn zweemol hei am Gemengerot eng Fro betreffend dem neie Programm vum Science Center „Découverte des profes-

sions et métiers“ un de Schäfferot gestallt gouf, a sech bei der Äntwert heierop éischter d'Fronte verhäert hunn, ware mir als LSAP der Meenung, dem Gemengerot dës Motioun virzeleeën. Mat der Absicht, e Konsens ze fannen tëschent den Decideure vu Politik, dat heescht dem Buergermeeschter mat sengem Schäfferot engersäits, an der Direktioun vum Science Center anerersäits.

Déi zousätzlech Initiativ vum Science Center, fir de Jugundlecher all Beruffer, sief dat déi méi manuell wéi déi administrativ, souwuel déi bestoend awer och déi zukunftsorientéiert, méi no ze bréngen, ass sécherlech am Interessi an der Sensibilisatioun vun deene Jonken, ee wichtege Choix bei der Berufswiel ze treffen.

Den neie Programm sollt parallel zu deem Programm oflafen, deen de Science Center elo schonn a punkto Science an Technologien duerchféiert. Elo ginn awer heifir ronn 650 Metercarré zousätzlech u Fläch fir Instruktiounsraum gebraucht, nieft den noutwendege Geräter an dem Personal, dat aus deene verschiddene Berufssparte sollt kommen.

De Projet selwer gëtt finanziell ënnerstëtzt, souwuel vun deene verschiddene Ministère wéi vum Fonds social européen. Heifir si schonn 1,2 Milliounen Euro fir déi nächst zwee Joer assuréiert. Och ass en Accord fir d'Uschaf vum Material do. Dës vun enger lëtzebuerger Fondatioun.

D'Direktioun vum Science Center hat sech virgestallt, e Gebai mat zirka 16 Salles d'instructions virun der Léierbud a Richtung rue Emile Mark a modularer Bauweis opzeriichten. Heifir huet de Schäfferot e kategoreschen Nee ausgesprach an huet och bei de Froen am Gemengerot versicht, Argumenter géint dës Projet virzebréngen. Ech erënneren drun, dass den Terrain der Gemeng gehéiert.

Bedauere musse mer, dass déi vu Säite vun der Direktioun vum Science Center gefroten Entrevue mam Schäfferot – an dës schonn am September 2018 – ouni Reaktioun vum Schäfferot bliwwen ass. Och heifir sinn Explikatiounen vum Schäfferot komm hisichtlech där Froestellung.

D'LSAP ass iwwerzeegt, dass wann e bësse gudder Wëlle vu Säite vun der Politik besteet, dës verfuere Situatioun kann deblockéiert ginn. Mir erënneren drun, wat de Science Center eiser Stad scho bruecht huet. Haut gëtt oft vu „Branding“ geschwat. Méi wéi 40.000 Visiteuren, an der Haaptsaach Schüler, si säit der Ouverture am Science Center passéiert. Vill heivu ware virun nach ni zu Déifferdeng.

Der LSAP geet et ëm eis Stad. Mir këinten nach weider Weeër goen, duerch besser Bezéiunge mam Science Center. Mir denken hei u City Management a Synergie mat eisen touristesche Sitten duerch eng Package-Offert vum Science Center zesumme mam Minettpark an esou weider.

Dir, Här Buergermeeschter, an och den Här Liesch, hutt eis erkläert, datt Dir géift op déi zukünfteg Orientéierung vum Science Center a Form vun engem GIE, dat heescht Groupement d'intérêt économique, wann et dann esou ee sollt ginn, waarden. Fir d'Initiativ „Découverte des professions et métiers“ däerf awer keng weider Zäit verluer goen. Et ass hei keng direkt Relatioun zum zukünftege Science Center ze erkennen. Au contraire.

Dofir maache mer en dréngenden Appell un de Schafferot, sech esou schnell wéi méiglech mat alle concernéierte Parteien un en Dësch ze setzen. Mir wësse sécherlech ëm d'Wichtigkeet vum COSP, dem Centre d'Orientation Socio-Professionnelle, deen an de Lokalitéite vun der Léierbud ass, an hunn de Bréif vun hirem President an och den interessante Bericht zur Kenntnis geholl.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat freet mech.

ERNY MULLER (LSAP):

Allerdéngs konnte mer liesen, dass de COSP dialogbereet ass, wat eventuell alternativ Raimlechkeeten ubelaangt. Mir soen net, e misst do eraus. A scho guer net ouni Dialog. Dat wär natierlech eng flott Léisung. Well op e Gebai,

op jidde Fall op där Plaz, kéint verzichten. Mä dat ass keng Fuerderung.

D'LSAP proposéiert, Gespréicher ze féieren, wéi ech scho gesot hat, mam COSP, mat der Direktioun vum Science Center a mat deenen zoustännege Ministären. Hei denke mer un de Ministère de l'Emploi an de Ministère de l'Éducation nationale. Fir de COSP ass jo en Interêt beim Ministère de l'Emploi. An och wat de Science Center ubelaangt. Dat wäeren déi zwéi Ministären, déi am Fong këinten als Partner mat optrieden. Deen Dialog, dee soll gefouert ginn.

Nodeems de Schafferot Argumenter virbruecht huet, fir e provisoirescht Gebai net virun der Léierbud opzeriichten, proposéiere mer, dëst hannert der Léierbud, um Terrain vun deem neie Lycée international ze plangen. Hei sollt jo bekanntlech e Wendehammer fir Bussen amenagéiert ginn. Deen awer an där neier Versioun vun der Verkéiersféierung vun de Bussen ewechfält, well d'Busse sollen dann do erausfueren, laanscht de Science Center erëm an d'Rue Emile Mark. An net eng Kéier maachen an zréck fueren an d'rue du Gaz.

Heiriwwer muss selbstverständlech mat der Direktioun vum Lycée wéi den zoustännege Ministären a Servicer vum Staat, déi fir d'Terrainen a Gebaier zoustänneg sinn, geschwat ginn. Dat läit net an eiser Hand. Mä mir këinten awer en Initiator sinn, vun der Gemeng aus, och do Diskussiounen ze proposéieren an unzefänken.

Zum Ofschloss vu mengem Exposé des motifs nach eng Kéier eis Konklusiounen: Et geet hei – an ech soen et nach eng Kéier – ëm eis Stad. Perséinlech Appreciatiounen sinn eiser Meenung no Feel op der Plaz. Ëm den Notze vum Science Center am Ganzen, awer och d'Initiativ vun der „Découverte des professions et métiers“ am Besonnenen, si mer eis alleguer eens.

Als LSAP begréisst mir all Initiativ, déi a Richtung vun engem definitive Science Center Plus, nennen ech deen emol, an de restauréierte Gebailechkeete vun an ëm d'Groussgasmaschinn an och d'Entwécklung ronderëm geet. Dat wäert eis awer sécherlech nach eng Partie Jore beschäftegen. All aktuell an zukünfteg Initiativen an de Science Center

16 salles d'instruction devant l'école professionnelle, mais le collège échevinal y est catégoriquement opposé.

Erny Muller regrette que l'entrevue demandée par la direction du Science Center en septembre 2018 n'ait pas été accordée.

Les socialistes sont convaincus que la situation pourrait se débloquer avec un peu de bonne volonté de la part des hommes politiques. Erny Muller rappelle que depuis son ouverture, le Science Center a accueilli plus de 40 000 visiteurs. De meilleures relations avec le Science Center feraient avancer Differdange. Des synergies sont possibles avec le Minettpark par exemple.

M. Traversini et M. Liesch ont dit qu'ils attendaient que le Science Center devienne un groupement d'intérêts économiques. Mais pour le projet de découverte de professions et métiers, il n'y a pas de temps à perdre.

Erny Muller exhorte le collège échevinal à discuter avec les parties concernées. Il connaît l'importance du Centre d'orientation socioprofessionnelle et a lu la lettre de son président.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *s'en réjouit.*

ERNY MULLER (LSAP) rappelle cependant que le COSP est ouvert au dialogue. Leur bâtiment est idéal pour le Science Center.

Les socialistes proposent des discussions avec le COSP, la direction du Science Center, le ministère de l'Emploi et le ministère de l'Éducation nationale.

Comme le collège échevinal est contraire à la construction d'un bâtiment devant l'école professionnelle, le LSAP suggère le terrain du nouveau lycée international où les bus peuvent faire demi-tour. Bien entendu, il faudra en discuter avec la direction du lycée et les ministères concernés. La commune ne pourra pas prendre une telle décision, mais elle pourrait en être l'initiatrice.

Erny Muller répète qu'il est question de la ville et non d'appréciations personnelles. Tout le monde se rend compte de l'utilité du Science Center et de son nouveau

projet. Les socialistes soutiennent l'emménagement du Science Center dans les locaux de la grande machine à gaz. Chaque initiative en faveur du Science Center est dans l'intérêt de la jeunesse luxembourgeoise, du grand public et de la Ville de Differdange.

Erny Muller espère que la motion permettra d'ouvrir un nouveau chapitre dans les relations de la commune avec le Science Center. Il ne s'agit pas de dresser les gens les uns contre les autres, mais de trouver un consensus.

Le Science Center peut jouer un rôle important pour l'avenir de Differdange et pour la jeunesse.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

estime que le conseil communal reviendra plusieurs fois sur ces points — et notamment en ce qui concerne le parking.

M. Muller a tort de penser que les positions se sont durcies. Deux membres du collège échevinal discutent régulièrement avec la direction du Science Center. Les parties veulent une collaboration transparente. Dans ce sens, une fondation devrait être créée prochainement.

Le terrain devant l'école professionnelle appartient à la commune. (Interruption de M. Muller)

Roberto Traversini rappelle que la commune a d'autres plans pour ce site. Le collège échevinal ne compte pas y aménager de conteneurs, car il réfléchit au développement de l'entrée en ville. Y mettre des conteneurs reviendrait à bloquer le site pendant sept ou huit ans. Erny Muller sait pertinemment ce que cela signifie que d'installer des conteneurs dans une cour de récréation. Le collège échevinal veut que l'on puisse se sentir à l'aide à l'entrée en ville.

Roberto Traversini rappelle par ailleurs à M. Muller que dans quelques mois, il ne restera plus un seul mètre carré vert à cet endroit. C'est la raison pour laquelle la commune n'a jamais voulu mettre ce terrain à disposition de l'État.

M. Muller a mentionné le bâtiment du COSP. Pourquoi pas, mais à condition de trouver d'autres locaux pour le COSP. Roberto Traversini rappelle que 80 % des personnes formées par le COSP sont

sinn am Interesse vun der Lëtzebuerger Jugend, dem grand Public am Allgemeinen iwwert d'Land eraus an net zulescht der Stad Déifferdeng am Besonneschen.

Mir wäre frou, wa mer mat dëser Motion en neit Kapitel an de Relatiounen tëschent Science Center a Stad Déifferdeng kéinten ufänken. Nach eng Kéier: Et ass keng Motion, fir ee géint den aneren auszespillen. Et ass eng Motion, fir e Konsens ze fannen, fir conciliant ze sinn, vun eiser Säit. Mir hunn absolutt keen Interêt, Politik doraus ze maachen. Dat wëlle mer net maachen. Mer wëlle just en Interêt hei kréie fir d'Saach. An dass mer zesummen eng Lösung fannen, dass et elo virugeet.

Dat hei ass den Ufank. Mir si bei deem provisoeresche Science Center. De Gesamtprojet ka fir d'Zukunft vun Déifferdeng eng ganz wichteg a grouss Roll spillen. D'Découverte des professions et métiers ass fir eis Jugend vun enormer Wichtigkeet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech sinn iwwerzeugt, dass mer nach wäerte méi oft iwwer verschidde Problemer diskutieren. An e puer Wochen, oder an e puer Méint, wäerte mer de Parking uschwätzen. Wat d'Stad Déifferdeng dann och do alles muss maachen.

Dir hutt eppes gesot, wat total falsch ass. D'Fronten hu sech absolutt net verhäert tëschent der Direktioun vum Science Center an der Stad Déifferdeng. Au contraire. Mir hunn zwee Leit aus dem Schäfferot, déi sech mat der Direktioun vum Science Center gesinn an och austauschen. Virun enger gudder Woch huet d'Quadripartite an der Stad stattfonnt.

Do war d'ArcelorMittal vertrueden, d'Ministère ware vertrueden, de Science Center war vertrueden, an d'Stad Déifferdeng war mat zwee Leit vertrueden. An do ass ganz kloer gesot ginn, dass jiddwereen transparent un deem Science Center matschaffe wéilt. Deem nächst wäert wahrscheinlech eng Fondatioun gegrennt ginn, wou transparent zesummege schafft gëtt.

Dir hutt vergiess eppes ze soen, Här Muller, dass den Terrain virun der Léierbud der Stad gehéiert. An dass d'Stad – an dat hutt Der d'leschte Kéier zweemol net wollten héieren –, aner Idien huet, wat mat där Plaz geschéie soll. Mir wëllen do am Moment keng Containeren hi stellen, well mer am Gaang sinn, un der Stadentwécklung ze schaffen, wéi d'Entrée en ville soll ausgesinn.

Well mir wësse ganz genau, wann do zwee Containeren hikommen, dass dat net nëmme fir zwee Joer ass. Mä dass wäert sechs, siwen, aacht Joren déi Plaz belaaschten. Dir gesitt jo hei op e puer honnert Meter wéi dat ausgesäit, an engem Schoulhaff Containeren hinstellen. Dat ass d'Entrée en ville, a mir sinn do am Gaang ze kucken, wéi een dat méi gescheit amenagéiere kéint. Datt ee sech do grad esou wuelfillt wéi op anere Plazen.

Dir wäert jo och gesinn – an dat wësst Der, well Dir waart mat am Jury –, wat an den nächste Méint do wäert geschéien. Do wäert net méi ee Metercarré Gréngs bleiwen. Dat ass eng Decisioun, déi mer zesumme geholl hunn. Mir wollten dem Staat den Terrain net zur Verfügung stellen, bis mer sécher sinn, dass mer den net brauchen. Well wa Containeren drop stinn, dann ass e fort. Da stellt déi Fro sech guer net. D'Stad Déifferdeng ass bis elo ëmmer der Meinung gewiescht, dass ee waarde sollt.

Alles anescht, wat Der gesot hutt, ass richtig. Ech mengen, dass mer do wichteg Saache kënnen zesumme maachen. Zesummen. An net de Science Center eleng, net de Staat eleng. Dee Konsens si mer am Gaang, mateneen ze fannen.

Dir hutt vum COSP geschwat. Wann et eng aner Méiglechkeet gëtt, fir de COSP ënnerdaach ze kréien, firwat net. Mir schaffen dorunner. Mä Dir musst awer och bedenken, dass 80% vun de Leit, déi am COSP sinn, vun Déifferdeng kommen. Just fir ze soen. Dat si Leit, déi musse gehollef kréien. Déi bannent dräi Méint kënnen Formatiounen kréien.

Et kéint ee jo zum Beispill Synergie schaffen, wou de COSP mat der Gemeng, mat Découverte des métiers Saache mécht. Mä da muss een déi Syner-

gië wëllen. An net mengen, ee misst alles maachen an déi aner misste sech eraushalen. Ech mengen, datt d'Äis am Gaang ass ze schmëlzen. Datt een deen anere versicht ze verstoen. An datt mer do Léisunge wäerte fannen.

Mä et kann awer net sinn, datt eng Persoun seet, wou et higeet, an déi aner wénken all mam Kapp. Wann Dir dat maache wëllt, Här Muller, maacht Dir dat, mat Ärer Partei. Op alle Fall gesinn ech dat anescht. Datt et just zesumme geet. An net ee géint deen aneren ausspillen. Dat wär wierklech dee falsche Message.

De Cosp ass extrem wichteg. Dir hutt et jo och gelies, wéi Der et och gesot hutt, wéi vill Jonker a manner Jonker dohinner ginn. Mir hunn eis schrecklech agesat, Här Muller, an dat wësst Dir och, fir de Cosp iwwerhaupt heihinner ze kréien. Well de Cosp war net erwünscht vu verschiddene Ministeren deemools. Mir haten eis am Schäfferot derfir agesat, fir en ze kréien.

Mir hunn den Institut des langues verluer. Well dee wier op Déifferdeng komm, wa mer d'Ënnerstëtzung vum Minister gehat hätten. Mir mussen awer och kucken, wat d'Stad Déifferdeng verluer huet mat verschiddene Saachen. De Centre national des langues wier op Déifferdeng komm. Mä en ass net komm, aus verschiddenen Ursachen. Ech mengen, et muss ee global kucken, wat fir eis Stad am beschten ass. An da wäerte mer och hei erauskommen.

Är Motioun ass luewenswäert. Dir kënnt bei Ärer Meenung bleiwen. Ech fannen op alle Fall, datt dee Wee, dee mer am Gaange sinn ze maachen, méi richtig ass fir eis Stadentwécklung. An et verhënnert jo net, datt ee verschidde Saachen herno mam Cosp zesumme mécht.

Den Här Ulveling an den Här Mangel hate sech mat der Direktioun getraff. Vlächtt hunn déi och nach eppes bäizefügen. Datt op alle Fall déi Verhärderung vun de Fronten, vun där Der geschwat hutt, absolutt net ginn ass.

Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, mir hunn eis effektiv mam Här Didier getraff, fir ze kucken, wat méiglech ass. Aus deem Gespréich ass erauskomm, dass de Science Center léiwer dat Gebai vum Cosp hätt, fir säi Centre auszebauen. An net méi déi Plaz revendiquéiert, déi elo virum Science Center ass.

Ech hunn dee Bericht och gelies, dee mer vum Cosp kritt hunn, dass se wëlle gréisser Investitiounen maachen. Do stellt sech fir mech d'Fro, ob dat opportuun ass. Ob een effektiv mam Cosp – et ass jo net de Cosp eleng, et ass jo och d'Léierbud, déi dat ganz Gebai verwalt – do net en Arrangement fanne kéint. A vlächtt eng Plaz hei zu Déifferdeng oder iergendwou anescht ze fannen, zu Esch oder esou, wou Capacitéite fräi wäeren. Fir déi Aarbecht, déi de Cosp mécht, déi ganz wäertvoll ass, enzweusch anescht maachen ze kënnen. An dann deen Deel Cosp fräi ze ginn.

Mä dat ënnerläit net der Gemeng Déifferdeng, mä der Fondatioun, déi dat geréiert, fir do den Accord ze ginn. Ech géif och derfir plädéieren, intensiivst Gespréicher ze féieren, mam Cosp a mat all deenen Acteuren, déi do betraff sinn. Fir eng Léisung ze fannen. Fir ze kucken, ob de Cosp wëll hei bleiwen a kann hei bleiwen. Oder ob mer eng aner Léisung fannen, fir deen ze delokaliséieren. Wou jiddwereen awer muss d'accord sinn. Et dierf keen zu eppes gezwonge ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt alles richtig gesot. Dir hutt ganz kloer gesot, mir ginn hei e Stéck Terrain gefrot. Mir soen als Stad Déifferdeng, mir ginn deen elo nach net zur Verfügung, well mer selwer nach net wëssen, wéi et soll ausgesinn. Mir hunn een drop schaffen. Dat kënne mer net ginn.

Alles anescht, Här Muller, do sidd Dir mat am Verwaltungsrot. Dat ass de Verwaltungsrot vun der Léierbud. Wann deen decidéiert, de Cosp erauszusetzen, dat ass net d'Decisioun vum Schäfferot an net vum Gemengerot. Dat ass ganz eleng d'Decisioun vun der

des Differdangeois ayant besoin d'aide.

Des synergies entre le Cosp, la commune et le Science Center sont envisageables. Masi encore faut-il le vouloir.

Roberto Traversini a l'impression que la glace est en train de fondre et que les différentes parties essaient de se comprendre. Mais il est intolérable qu'une personne veuille tout décider et les autres doivent suivre. Libre à M. Muller de le faire, mais Roberto Traversini voit les choses différemment.

La commune a fait beaucoup d'efforts pour attirer le Cosp à Differdange. Le Centre national des langues ne s'est pas implanté à Differdange parce que la commune ne disposait pas du soutien du ministère. Il faut voir globalement ce qui est bon pour Differdange.

M. Ulveling et M. Mangel ont rencontré la direction du Science Center. Peut-être souhaitent-ils prendre la parole et confirmer qu'il n'y a pas un durcissement des fronts.

TOM ULVELING (CSV) a rencontré M. Didier. Celui-ci voudrait agrandir le Science Center dans le bâtiment du Cosp et non sur le terrain dont il avait été question auparavant.

Tom Ulveling a lu le rapport du Cosp, qui souhaite réaliser d'importants investissements. Le Cosp ne gère pas le bâtiment tout seul. Il y a aussi l'école professionnelle. Tom Ulveling se demande s'il ne faudrait pas chercher un autre site à Differdange ou à Esch pour que le Cosp puisse continuer à réaliser son important travail. Une partie du bâtiment pourrait alors se libérer. Mais cette décision n'appartient pas à la commune, mais à la fondation gérant le bâtiment.

Tom Ulveling propose de mener des discussions pour voir si le Cosp veut et peut rester à Differdange. Une délocalisation n'est envisageable que si tout le monde est d'accord.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répète que la commune refuse de mettre à disposition le terrain initialement demandé parce qu'elle ne sait pas encore ce qu'elle veut en faire. Pour le reste, M. Muller fait

10. Motion du LSAP

partie du conseil d'administration de l'école professionnelle. Il sait parfaitement que la décision de faire partir le COSP n'appartient pas au collège échevinal.

La Ville de Differdange fait de son mieux. Elle cherche des sites et veut mettre en place des synergies. Mais pour le moment, elle ne mettra pas le terrain souhaité à disposition. Pour ce qui est du COSP, c'est à la fondation de prendre une décision.

ERNY MULLER (LSAP) *est content d'apprendre que les fronts ne se sont pas durcis. Il avait eu l'impression que les discussions précédentes avaient été dures. Il a dû mal interpréter les choses.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ne se sent pas concerné, parce que depuis septembre...*

ERNY MULLER (LSAP) *fait allusion aux discussions au sein du conseil communal. Il ne cherche pas de confrontation et ne dit pas que le COSP doit partir. Les socialistes recherchent une collaboration constructive. Aucun partenaire ne doit être mis au pied du mur.*

Le Science Center représente une chance énorme. Le bourgmestre a un caractère fort tout comme l'autre partie. Chacun est comme il est. Mais il faut faire avancer les choses.

Par ailleurs, M. Muller a dit tout à l'heure que le collège échevinal avait avancé des arguments.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *sait tout cela.*

ERNY MULLER (LSAP) *espère qu'une ouverture est envisageable.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *soutient lui aussi le projet. Mais il rappelle que le Science Center a demandé 1,2 million d'euros en mai. En septembre, il a présenté le projet, qui a finalement été lancé en janvier... sans disposer de locaux. Lorsqu'on agit de la sorte, il faut aussi savoir prendre ses responsabilités.*

Le Science Center est extrêmement important. Mais un ministère ou une commune ne peut pas se laisser mettre sous pression par quelqu'un se comportant comme un entrepre-

Fondatioun Léierbud. A wann Dir der Meenung sidd, datt dat muss gemaach ginn, da wësst Der jo grad esou gutt wéi ech, da kënnt Der dat op den Ordre du jour setze loossen a soen, datt de COSP soll do erauskommen. Respektiv d'Pourparleren nach ze schwätze fir op aner Plazen.

Mir als Stad Déifferdeng hëllefen. Mir sinn och am Gaang ze kucken, ob et effektiv keng aner Plaze gëtt, wou een déi Synergië fanne kéint. Mir kënnen hei just e Stéck Terrain zur Verfügung stellen oder net. Am Moment hu mer decidéiert, et net zur Verfügung ze stellen. An alles anescht, wat de COSP ugeet, dat ass am Fong geholl den Aarbechtsministère an d'Fondatioun Léierbud.

Den Här Muller nach eng Kéier.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir hutt gesot, d'Fronten hätte sech net verhäert. Da sinn ech doriwwer emol frou. Dann hunn ech dat vläicht falsch verstanen. Well ech war der Meenung, bei de vieregte Gespréicher, dass et zimlech haart war. Dat hat ech da vläicht interpretéiert als Fronteverhäerdung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wahrscheinlech net mat mir. Well zënter September hu mer eis jo ...

ERNY MULLER (LSAP):

Nee, ech mengen hei am Gemengerot hu mer jo nëmme matenee geschwat. Ech verstinn, dass Der selwer en Auswee aus der Situatioun fanne wëllt. Dat hunn ech elo verstanen. Ech wëll soen, mir wëllen och keng Konfrontatioun mat iergendengem. Mir wëllen dem COSP net soen, géi do eraus. Mir wëllen an engem Dialog no Méiglechkeete sichen a konstruktiv zesummeschaffen. Et dierf keen an den Eck gedréckt ginn. A vu kengem! Vu kengem vun deene Partner, déi do mat am Spill sinn.

Mir hunn eng enorm Chance, de Science Center hei ze hunn. Mir wëssen, et si Leit mat Charakteren. Dir hutt e

staarke Charakter, Här Buergermeeschter. Och déi aner Sait huet e staarke Charakter, dat wësse mer. Dat ass och net falsch. E Mënsch ass, wéi en ass. An ech mengen, mir kënnen awer bestëmmt virukommen. Dat ass dat, wat mer gemengt hunn. An ebe fir déi Initiativ do, déi awer misst entretemps kënnen ulafen.

Ech hat och a mengem Exposé gesot, dass Dir Argumenter gesot hutt, firwat Der net ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, absolutt.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hoffen, dass mer kënnen ausernee goen, an dass mer eng Ouverture hunn, dass dat elo weidergeet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. In der Tat ass jiddereen averstanen, dass esou e Projet eng gutt Saach ass. Ech wëll awer d'Fro opwerfen, ob d'Virgoensweis fir esou e Projet déi richtig ass, wann een 1,2 Milliounen freet vu verschiddene Finanzgeber.

Dat ass jo zum Deel iwwert de Fonds social européen gelaf. Dat heescht, zënter Mee war deen Appell do, fir déi Suen unzufroen. Am September ass dunn e Projet agereecht ginn, fir déi Suen ze kréien. Ab dem 1. Januar leeft dee Projet. An dann huet een nach keng Plaz, wou een dee Projet mécht. Ech fannen, dass een dann d'Responsabilitéit muss droen, wann een esou virgeet.

De Projet u sech ass gutt. De Luxembourg Science Center ass eng super Saach, an et ass wichteg, dass mer en zu Déifferdeng hunn. Et ass och gutt, dass Leit dran investéieren. Awer als éffentlech Hand, souwuel e Ministère wéi

eng Gemeng, handelt een net onbedéngt ënnert dem Drock vun engem, deen e bësse wéi en Entrepreneur do virgeet.

Also et hënnert ee jo keen, esou virzegoen, wéi e virgeet. Mä dat heescht awer net, dass wann een esou virgeet, dass anerer mussen hannendrun ... Dee Projet hätt ee jo och méi spéit eng Kéier kéinte maachen, wann een dat mat der Plaz geregelt hätt, wou e géif hkommen. Ech gesinn dat e bëssen als en Opbau vun engem gewëssenen Drock. An dat fannen ech net ëmmer fërderlech, fir esou e Prozess an enger Gemeng.

Et ass jo net zënter gëschter, dass sech de Luxembourg Science Center Raimlechkeete mat aneren deelt. Do war och schonn eng Schoul dran. Do ass de COSP dran zënter laangem. An do waren aner Saachen am Gaang, diskutéiert ze ginn. Ech mengen, dass mer als Gemeng och mussen assuréieren, dass do eng gewëssen Transparenz an eng Gouvernance en place ass. Wou mir wëssen, wat mat deene Mëttele geschitt, déi d'Gemeng zur Verfügung stellt an drastécht.

Ech ënnerstëtzen d'Initiativ vun der LSAP ze soen, do muss eng Léisung hier. A sou wéi ech de Schäfferot verstinn, ass dat och am Kader vum Méiglechen am Gaangen. An do gëtt et e Kader, wou déi Diskussiounen stattfannen. Et gëtt e puer Kaderen. Et gëtt d'Fondatioun Léierbud. Et gëtt elo de GIE. An da muss een déi Diskussiounen féieren.

Mä souwisou ass d'Motioun elo net esou verbindlech, wat se do freet. Dat eenzegt neit Element, wat ech gesinn, ass ze kucken, ob um Terrain vun der internationaler Schoul nach iergendwéi eppes do wär, wat net géif gebraucht gi fir d'Schüler, déi do sollen an d'Schoul goen. Dozou hunn ech elo nach net weider Informatiounen hei héieren, ob dat iwwerhaupt eng realistesch Pist ass. Ansonsten schéngt mer déi Diskussiounen en route ze sinn, wann ech kucken, wat den Här Ulveling an den Här Traversini hei soen. Ech hoffen, dass sech do eppes fënnt. Mä ech denken, d'Responsabilitéit ass wierklech net nëmmen op der Säit vun der Gemeng Déiferdeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, ech sinn immens frou, dass ëmmer méi Leit gesinn, wat fir eng eminent Wichtigkeet de Projet Luxembourg Science Center fir d'Zukunft vun eiser Stad huet. Wat deen neie Programm „Découverte des professions et métiers“ ugeet, hunn ech am leschte Gemengerot all d'Detailer geliwert. Den Här Muller huet se zum groussen Deel nach eng Kéier widderholl.

Ech hätt mer gewënscht, dass déi Energie, déi opbruecht gouf, fir mir ze konteren, éischter an eng Léisungssich investéiert gi wär. Positiv stëmmt mech, dass de COSP schrëftlech erkläert huet, un enger gemeinsamer Léisung wëlle matzeschaffen, am Interêt vun der wichteger Aarbecht vun hinnen an alle concernéierten Acteuren.

Ech hoffen, a mir hunn et zum Deel héieren, dass vun der leschter Sitzung vum Gemengerot bis haut an deem Kontext geschafft gouf, fir eventuell eng Léisung ze fannen.

Der Motioun hei stëmme mir zu 100% zou.

Just eng Remark zu der Propos, eng Partie vum Terrain vun der internationaler Schoul ze gebrauchen, direkt hannernt der aktueller Léierbud. Als temporär Léisung. Dat ass an éischter Linn net d'Kompetenz vum Ministère de l'Éducation nationale, mä vun den Travaux publics. Vlächst souguer och vum Finanzministère, well deen am Prinzip zoustänneg ass fir all staatlech Terrainen. Do wär et besser, vun „Instances étatiques“ ze schwätzen. Mä dat ass just ee klengen Detail.

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir ze rappelléieren, dass wa mer esou weiderfueren, da riskéiere mer, déi eemoleg Chance fir eis Stad an de Sand ze setzen, dass de Luxembourg Science Center Haaptbestanddeel gëtt vun enger renovéierter, monumentaler Gaszentral mam sougenannte Monument national Groussgasmaschinn. Milliounen.

neur. Cette personne peut agir comme elle veut. Mais cela ne signifie pas que tous les autres doivent la suivre.

Le projet en question aurait pu être lancé une fois la question des locaux réglée. Gary Diderich a l'impression que l'on essaie de faire monter la pression. Les locaux dont il est question maintenant étaient occupés par une école et maintenant ils sont occupés par le COSP. La commune doit s'assurer que le processus sera transparent. Comme les socialistes, Gary Diderich est d'avis qu'il faut trouver une solution. Mais le collège échevinal est en train de mener des discussions dans le cadre de la fondation « Léierbud » et du GIE.

Le seul élément nouveau de la motion est de regarder s'il y a des possibilités sur le terrain de l'école internationale. Gary Diderich ne sait pas si cette piste est réaliste. Pour le reste, d'après M. Traversini et M. Ulveling, les discussions sont en cours. Gary Diderich espère qu'une solution sera trouvée, mais il ne pense pas que la commune soit la seule responsable de cette situation.

FRANÇOIS MEISCH (DP) est content de constater que de plus en plus de gens se rendent compte de l'importance du Science Center pour l'avenir de la ville. Il a livré les détails du projet « Découverte de professions et métiers » la dernière fois. M. Muller n'a fait que les répéter. François Meisch trouve que le collège échevinal aurait dû dépenser moins d'énergie à contrer ses arguments et plus à trouver une solution. Il se réjouit du fait que le COSP veuille contribuer à trouver une solution commune. Il espère que les discussions se poursuivront. Le DP soutient la motion à 100 %. François Meisch revient sur la proposition de mettre une partie du terrain de l'école internationale à disposition du Science Center. Ce sont le ministère des Travaux publics et le ministère des Finances qui sont compétents et non le ministère de l'Éducation nationale. Il vaudrait mieux parler d'instance étatique.

François Meisch craint que si la commune continue sur cette voie, elle finisse par laisser passer la

chance unique d'avoir le Science Center dans la centrale à gaz à côté de la grande machine à gaz. Des millions d'euros pourraient être investis à Differdange par l'État, l'Europe et des particuliers. Le Science Center se verra dans l'obligation de s'implanter définitivement ailleurs, ce qui serait une catastrophe.

François Meisch propose au conseil communal d'aller visiter un projet comparable à Winterthur en Suisse pour se rendre compte de son envergure. Une rencontre avec les responsables politiques de Winterthur et les responsables du Science Center constituerait aussi une bonne idée. François Meisch signale par ailleurs que des classes differdangeoises s'y rendent depuis des années.

Le DP approuvera la motion.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

parle au nom des écologistes. Il a l'impression que certains conseillers communaux leur reprochent de ne pas se rendre compte de ce qu'ils font s'ils ne réagissent pas directement à chaque claquement de doigts du Science Center. Or le collège échevinal a répété à maintes reprises qu'il soutient le projet.

Frenz Schwachtgen ne connaît pas tous les détails. Mais il sait que la direction du COSP a envoyé une lettre. Certains prétendent que rien ne fonctionne...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que c'est que dit M. Meisch.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

ne veut pas lancer une polémique. Mais pour les écologistes, le collège échevinal constitue le partenaire désigné pour ces négociations et c'est à lui de faire de son mieux en tenant compte des plans de développement urbain. Or la dernière fois, il était question d'un terrain précis; aujourd'hui, ce même terrain n'est plus nécessaire, mais il est question du site du lycée international. Frenz Schwachtgen n'y comprend plus rien. Les partenaires doivent négocier pour trouver la meilleure solution possible à la fois pour le COSP, le Science Center et la Ville de Differdange.

nebeträg géifen haaptsächlech vu staatelecher awer och vu privater Säit respektiv vun europäesche Fongen zu Déifferdeng investéiert ginn.

Eng wiereklech grouss, eemoleg Chance fir eis Stad. Mëttelfristeg an och wäit doriwwer eraus. Eng grouss Plus-value fir eng Hellewull vu lokale Secteuren. Wann d'Situatioun weider esou blockéiert bleift, da wäert de Luxembourg Science Center a senger grousser Form enzwousch anescht higoen, wat natierlech eng Katastroph wär.

Fir all de Leit kloer ze maachen, ëm wat et geet, proposéieren ech, dass de Gemengerot sech e vergläichbare Projet ukucke geet, wa verschiddener dat net scho vu sech aus gemaach hunn. Zum Beispill de Swiss Science Center Technorama zu Winterthur. Fir sech der Envergure bewusst ze ginn, awer och den Auswierkungen op d'Entwécklung vun eiser Stad an der ganzer Groussregioun. Vläch souguer verbonne mat enger Entrevue vun de Gemengeverantwortleche vun dohannen. A firwat net zesumme mat de Verantwortleche vum Luxembourg Science Center? Dat wär och d'Méiglechkeet, fir verschidden Differenzen tëschent verschiddene Leit ze diskutéieren a gegebenenfalls aus dem Wee ze raumen.

Iwwregens gi säit Joren och Déifferdenger Schoulklasse reegelméisseg dohinne. Mir stëmmen déi Motioun hei mat, a sti fir all Mesure zur Verfügung, déi derzou bäidroen kann, déi eemoleg Chance hei fir eis Stad ze ergräifen. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, ganz gären.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll ganz kuerz just eppes bäisetzen. Et gëtt heiansdo gemaach, hei ronderëm den Dësch, wéi wa mir – ech schwätzen am Numm vun deene gréngen – eis net bewusst wäeren, wat mir géife maachen, wa mir net onbedéngt op all Punkt direkt reagéieren, wann de Science Center eppes seet.

Awer eise Schäfferot, dee vun dëser Majoritéit gedroe gëtt, huet jo schonn x-mol erkläert, dass mer hannert deem Projet stinn. Et ass elo haut nach eng Kéier erkläert ginn. Et ass d'leschte Kéier erkläert ginn. Et si géigesätzlech Duerstellunge komm iwwert dee COSP. Ech kennen elo net esou vill vun deenen eenzelnen Dossier, mer hunn awer de Bréif vun der Direktioun vum COSP gelies, wou gesot gëtt, do funktionnéiert eppes. Et ass hei gesot ginn, do funktionnéiert näischt. Op där anerer Säit gëtt gesot ...

(Interruption)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Meisch, Dir hutt dat gesot. Mir kënnen dat jo nolauschten.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech soen einfach, dat steet am Bréif vun deem Direkter. Ech wëll elo keng Polemik hei maachen. Mä eisen designéierte Verhandlungspartner an där ganzer Saach ass eise Schäfferot. Fir eis gréng op jidde Fall. An ech denken, dass dat fir de Partner d'selwecht ass.

A wa mir dee Schäfferot op de Wee schécken, fir dat Beschtt draus ze maachen, a mer hunn effektiv Stadentwécklungspläng, déi deem zewidder sinn, wann en anere seet, ech hätt elo gär déi Plaz onbedéngt – oder mer héieren haut, et muss och net déi Plaz sinn, mä et kéint d'Plaz vum Lycée international sinn –, da weess ech éierlech gesot net méi, wou ech dru sinn.

De Punkt ass einfach deen, dass sech déi Verhandlungspartner zesummesetzen, an dat ass jo hei deklariert ginn, fir dat Beschtt aus der Situatioun ze maachen. Dass mer souwuel de COSP wéi och de Science Center halen an ausbauen an ënner beschtméigleche Konditiounen kënne funktionnéiere loosse, zum Wuel vun eiser Stad Déifferdeng.

Dofir mengen ech, mer sollten op deem Wee virgoen. Dem Schäfferot éischens emol d'Vertrauen ausschätzen, dass en do d'Stad Déifferdeng gutt vertrëtt, an op all déi aner Saache verzichten. Wou mer mat On-diten och heians-

10. Motion du LSAP

do gefiddert ginn. Wou mer heiansdo dann och duergestallt ginn, wéi wann d'Majoritéitsparteien de Moment guer net um Science Center interesséiert wä- ren.

Ech war nach ëmmer verwennten Un- hänger vun deem Science Center. Ech war och schonn zu Winterthur. Ech hunn och schonn aner Science Centere visitéiert, och a menger Tätigkeet als fréieren Enseignant vun der Natur- schoul an als Matbegrënner vun der Technikschoul um Woiwer vun der Ge- meng Déifferdeng. An ech kennen och d'Geschicht vum Science Center, wéi en nach sollt déizäit op Lasauvage kom- men.

Ech wëll einfach soen, dass ech als Fazit dat ausdrécken, wat de Buergermeesch- ter gesot huet a wat den Här Ulveling gesot huet, an dat och ënnerstëtzen an Zukunft.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass elo e puermol ver- sicht ginn, déi Ausernanersetzung do op Charakteren zrëckzeféieren. Op staark Charakteren. Op där enger Säit e staarke Charakter an op där anerer Säit. Ass et wierklech dat? Oder si vläicht ganz handfest Interessen der- hannert?

Ech fannen et gutt, wann een e staarke Charakter huet an e setzt sech derfir an, dass d'ëffentlech Hand d'Prioritéit bei esou Saachen huet, an net d'Privatwirt- schaft an net eng Privatpersoun. An ech sinn och als Vertrieeder vun der KPL der Meenung, dass d'Beruffsausbildung, och wéi se duergestallt gëtt an der Ëf- fentlechkeet, an éischter Linn an d'ëf- fentlech Hand gehéiert an net an d'Pri- vatwirtschaft an net bei d'Privatpersou- nen.

Ech wëll dat prinzipiell hei als Vertrie- der vun der KPL soen. Well do sinn ëm- mer – egal, wéi een dat elo gesäit, dat kann een elo flott fannen oder manner flott – handfest ekonomesch Interessen

derhannert. An da soll ee sech d'Fro stellen: Wat fir Interesse sinn dat dann? An da soll een doriwwer diskutéieren.

Wann d'Stad Déifferdeng do Interessen huet, fir déi Plaz ze amenagéieren, am Interesse vun der Ëffentlechkeet, da muss dat natierlech absolutt Prioritéit hunn. Dofir sëtze mir hei, fir déi Interes- sen ze verrieden. Net nëmmen de Schäfferot, mä dee ganze Gemengerot ass do, fir déi ze verrieden. An net fir privat Interessen ze verrieden. Dat muss Prioritéit hunn, dat sollt mer eis ëmmer bewosst sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

Dofir muss ech och éierlech soen, ge- sinn ech deen Notze vun där Motiou n- net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, de Sci- ence Center huet seng Projeten. Genau esou huet d'Gemeng och hir eege Proje- ten. An deen Terrain, deen hei a Fro ass, ass wichteg fir d'Gemeng. D'Gemeng investéiert vill an d'Stadentwécklung, besonnesch an d'Entrée en ville. Mer kënnen dësen Terrain net einfach esou ewechginn, wou herno eng Container- struktur géif hikommen. Wat u sech contraire zu eiser bishereger Philoso- phie, der Verschéinerung vun deem Beräich, wier.

Natierlech ass de COSP immens wich- teg. Genau esou ass de Luxembourg Science Center immens wichteg an dréit zu engem gudden Image vun Déiffer- deng bäi. Och de Projet vu senger Er- weiderung – den Här Muller huet et Science Center Plus genannt – ass ganz interessant. A mer solle kucken, dës Projeten ze ënnerstëtzen a konstruktiv

Frenz Schwachtgen propose de faire confiance au collège échevinal et d'arrêter de faire semblant que la majorité ne s'intéresse pas au Science Center. Personnellement, il soutient le Science Center et a déjà visité celui de Winterthur lorsqu'il était enseignant.

En tout cas, il approuve ce qu'ont dit M. Traversini et M. Ulveling.

ALI RUCKERT (KPL) constate qu'on a essayé de réduire ces discussions à une confrontation entre caractères forts. Mais n'est-ce pas simpliste?

Ali Ruckert est content de voir qu'une personne au caractère fort donne la priorité au secteur public et non à un particulier. Il estime aussi que la formation professionnelle doit être du domaine public au lieu d'être gérée par le secteur privé ou par un particulier.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) remercie M. Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL) en fait une ques- tion de principe. Car peu importe qu'on aime ou pas le projet, il y a toujours des intérêts économiques concrets derrière, dont il faut discu- ter.

Si la Ville de Differdange veut amé- nager le site dans l'intérêt commun, il faut en faire une priorité absolue. Le collège échevinal et le conseil communal ne sont pas là pour dé- fendre les intérêts privés. Il ne faut pas l'oublier. C'est pourquoi Ali Ruckert ne comprend pas l'utilité de la motion.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que le Science Center a ses projets tout comme la commune a les siens. La commune a beaucoup in- vesti dans l'entrée en ville et ne peut pas simplement mettre un terrain à disposition pour y aménager des conteneurs.

Le Science Center et le COSP sont tous les deux importants et contri- buent à améliorer l'image de Dif- ferdange. La commune doit soute- nir le projet de l'agrandissement du Science Center de manière con- structive. Mais il faut voir où et ne pas nécessairement choisir le pre- mier terrain proposé.

La proposition du collège échevinal visant à créer des synergies entre le

10. Motion du LSAP

COSP et le Science Center est idéale. Le CSV est d'avis que le collège échevinal doit mener des discussions en vue de travailler ensemble et non les uns contre les autres.

ERNY MULLER (LSAP) *tient à expliquer à M. Schwachtgen que la proposition d'utiliser le terrain sur le site du lycée international vient du LSAP et non du Science Center. Les socialistes ont simplement fait une suggestion. Personne n'a changé d'avis.*

TOM ULVELING (CSV) *constate que tout le monde est d'accord pour chercher une solution. Il trouve que soumettre la motion au vote ne serait pas une bonne idée, car certains conseillers communaux ne pourraient pas l'approuver bien qu'ils soient en faveur du développement du Science Center. La motion a eu le mérite d'engendrer une discussion et d'insister sur le fait qu'il faille trouver une solution. Mais Tom Ulveling demande aux socialistes de la retirer. En effet, lui et le bourgmestre ont clairement dit qu'ils poursuivraient les discussions.*

Autrement, certains voteraient pour et d'autres contre alors que tout le monde est du même avis.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *tient à corriger certaines déclarations. M. Meisch a dit que le COSP n'organisait que peu d'activités à Differdange.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *n'a pas dit qu'il n'y avait rien.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle qu'il a dit qu'il n'y avait pas grand-chose.*

(Interruption de M. Meisch)
Roberto Traversini conseille à M. Meisch de relire ce qu'il a dit.
(Interruption de M. Meisch)
Roberto Traversini signale que l'accord de coalition insiste sur le soutien de la majorité au Science Center. C'est pourquoi il est inutile d'en débattre.

Comme l'ont dit M. Diderich et M. Ruckert, si la commune veut promouvoir l'artisanat, elle doit le faire en partenariat avec le minis-

tesummenzeschaffen. Mä et muss natierlech och gekuckt ginn, wou dat da ka realiséiert ginn. Et kann een net einfach den éischtbeschten Terrain vun der Gemeng huelen, fir dat ze maachen.

Déi Propos vum Schäfferot, dat wier natierlech ideal, wa Synergien tëschent dem COSP an dem Science Center géifen entstoën, wou si zesumme fonctionnéiere kéinten.

Als CSV denke mer, datt de Schäfferot weider soll Gespréicher féieren, am Sënn, fir mateneen ze schaffen an net ee géint deen aneren auszespillen. Mir ënnerstëtzen de Schäfferot. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt op dem Här Schwachtgen seng Ausso reagéieren. Wat hei drasteet, fir dat Gebai alternativ hannendrun ze setzen, Richtung Terrain vum internationale Lycée, dat ass just eng Proposition vun der LSAP. Et ass elo net, dass deen ee Partner gesot huet, deen déi Demande hat, mir maachen et dann net do. Et ass just eng Proposition vun eis, eng eventuell. Mir hu jo net gesot, dass et misst sinn. Well et jo awer soll an direkter Noperschaft vum Science Center sinn, wéinst der paralleller Duerchféierung vum Programm. Et ass just dat. Also et ass net, dass Persounen do hir Meenung geännert hätten. Dat ass guer net de Fall.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir hutt elo gesinn, ech mengen, hei um Dësch ass jiddweree sech eens, dass mer sollen an déi Richtung goen, fir ze kucken, eng Léisung ze fannen. Ech géif et schlecht fannen, wann een et elo op eng Kampföfstëmmung ukomme léisst. Well déi eng kënnen net dofir stëmmen,

aus verschiddene Grënn, obwuel se awer derfir sinn.

D'Motioun hat jo de Merite, dass mer d'Thematik hei opgeworf hunn. Dass mer gesinn hunn, dass mer müssen eng Léisung fannen. An dass mer och gewëllt sinn, eng Léisung ze fannen. Dofir froen ech mech, am Interêt vun der Saach, ob Dir net wëllt op déi Motioun verzichten a se zrëckzéien.

Mat all deem, wat mer jo hei gesot hunn, zumindest den Här Buergermeeschter an ech, hutt der jo awer elo gehéiert, dass mer do um Ball bleiwen, wéi een esou schéi seet. An dass mer wierklech versichen, eng Léisung mat alle Parteien zesummen ze sichen. Et wär der Saach méi dénglech, et esou ze maachen, wéi dass deen een dogéint an deen aneren derfir stëmme muss, obwuel mer jo am Fong all fir d'Saach sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wëll awer nach e puer Saachen hei richtegstellen. Här Meisch, Dir hutt gesot, am COSP spille sech net vill Aktivitéiten of. Dat hutt Der wuertwierlech hei gesot.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech hunn awer net gesot, datt näischt géing stattfannen. Dat ass eng Ligen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wa mer hei vu Lige schwätzen, liest, wat Der gesot hutt.

(Interruption)

Ma genau op dee Punkt wëll ech hkommen.

Am Koalitiounsaccord steet ganz kloer dran, datt de Science Center d'Ënnerstëtzung vun dëser Majoritéit huet. An ech menge vum ganze Gemengerot. Dofir brauche mer dat guer net méi ze thematiséieren. Ech ginn op dat an, wat den Här Diderich gesot huet a wat den Här Ali Ruckert gesot huet.

Éischtens emol ass et richtig, wann een der Meenung ass, datt d'Handwerk soll gefuerdert ginn, da solle mir als Gemeng mam COSP, mam Educationsmistère eis zesummesetzen a soen, mir maachen eppes. An net, wéi virun e puer Joer decidéiert ginn ass, d'Léierbud zouzemaachen. Wou genau dat geschitt ass. An do hunn ech net vill Leit héiere schwätzen. Au contraire, anerer ware frou, well se schonn drop gesponnen hunn, fir kënnen eppes aneschtens dran ze maachen. Ech soen Iech dat just.

Dat anert ass deen Drock, deem ech wierklech andauernd ausgesat ginn. Mir refuséieren, als Stad Déifferdeng, engem private Mann – hien, zu 95%, a säi Bouf hunn déi Sàrl – en Terrain ze ginn. Well mer mengen, datt d'Stadentwécklung an deem Moment op där Plaz méi wichteg ass. E kritt dat och schrëftlech matgedeelt.

An da mécht dee genau dat do. E geet bei d'Oppositionsparteien an da seet e genau dat, wat e vun eis net kritt. Dat heescht, fir ee géint deen aneren auszespillen. Fir e schrecklechen Drock opzebauen. Fir iwwert d'Ministère ze fueren an ze soen, den Traversini huet eppes géint hien. An et ass net den Traversini, deen eppes géint hien huet.

Ech sinn do, fir d'Leit zesummenzebréngen a fir ze kucken, dass eis Stadentwécklung klappt. Awer net, fir ee géint deen aneren auszespillen. Dat mécht dëse Schäfferot net. Déi Persoun ass dat am Gaangen ze maachen. An dat ass enormen Drock, soen ech Iech. Mengt net, et wär ëmmer einfach, wann een andauernd gesot kritt, du blockéiers, du blockéiers.

Et kann net sinn, wann een eng Kéier Nee gesot kritt, datt en dann iwwert d'Oppositionsparteie versicht, den Drock nach ze hiewen. Respektiv och an eiser Koalitioun wëllen ee géint deen aneren auszespillen. A wann een der Meenung ass, datt dat net richtig ass, da sot mer et.

Wann Dir der Meenung sidd, Dir sollt Privatleit Gemengenterrain ginn, da maacht et. Awer net mat mir. Bei mir geet d'Stadentwécklung vir. Alles, wat public ass. An duerno kënnt mol eppes aneschtens, wat der Gemeng kann eppes bréngen. An net aneschtens. An ech

wier frou, w.e.gl., wann Der géift ophalen andauernd mat deem Drock.

Ech hunn Iech gesot, wou ech ugefaangen hunn, dat nächst wäerten d'Parkplaze sinn. Dir wësst genau, datt do elo wäert Parking ewechkommen. Wat mengt der, wat elo deemnächst wäert kommen? Datt en herno gär verschidde Parkplaze fir de Science Center hätt. Dat heescht ëffentlech Parkplazen, déi dann erëm dohikommen. Da wäert de Schäfferot, mam Gemengerot, eppes decidéieren, an anerwärts ginn et der rëm. Et ass schwéier, esou ze schaffen.

Mir hunn eis driwwer ewechgesat. Mir hunn eis elo zu véier Partner zesummesat: ArcelorMittal, de Staat, d'Stad Déifferdeng an de Science Center. A mir si wierklech am Gaang, do e flotte Projet auszuschaffen.

A wann Der sot, Här Meisch: „Wann Dir et net maacht, da gi se enzwousch aneschtens“, dat ass jo erëm en Drockmëttel. Déi Dieren, déi am Moment op sinn, déi huet d'Stad Déifferdeng opgemaach, mat ArcelorMittal.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

D'Dier ass jo zou wéinst ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech sinn nach net fäerdeg. Dir kritt ganz gär d'Wuert, Här Meisch, sou laang Der wëllt. Well all Kéiers wann Der eppes sot, dat hëlleft mer.

Am Moment ass d'Stad Déifferdeng am Gaang, iwwert de PAG ze schwätzen. Wa mir als Stad Déifferdeng géife soen, mir géifen dat net wëllen, dann hätte mer vill méi Méiglechkeeten, dat net ze maachen. Mä mir maachen et awer net, well et extrem wichteg ass fir d'Stad Déifferdeng. Mä zesummen. An net ee géint deen aneren. An net esou, dass een do ass, deen alles wëll decidéieren, a mir lafen hannendrun. A meeschtens ënner Fait-accomplien. Dat wëlle mer net. Mir hätte gär als Partner, dass jiddweree seng Meenung ka soen an d'Stad Déifferdeng weiderbréngen.

Nach eng Kéier gesot: D'Stad Déifferdeng besteet net nëmme aus dem Sci-

tère de l'Éducation nationale et le COSP. Il rappelle qu'il y a quelques années, l'école professionnelle a fermé ses portes et peu de gens ont protesté. Certains en étaient même contents.

Roberto Traversini est constamment mis sur pression, mais il refuse de mettre un terrain à disposition d'un homme et de son fils, qui possèdent 95 % de la SARL. Cette personne en a été informée et s'adresse alors à l'opposition pour dresser les conseillers communaux les uns contre les autres. Roberto Traversini essaie de rapprocher les gens et non de les dresser les uns contre les autres. Il n'est pas facile de s'entendre dire en permanence qu'on bloque un projet. La personne en question essaie d'augmenter la pression en utilisant l'opposition et les partenaires de coalition. Ceux qui souhaitent que la commune donne un terrain à un particulier n'ont qu'à le dire clairement. Roberto Traversini donne quant à lui la priorité au développement urbain. Il demande aux conseillers communaux d'arrêter de le mettre sous pression.

Il sait déjà que bientôt, le Science Center demandera des places de stationnement publiques. Ce n'est pas facile de travailler dans ces conditions.

ArcelorMittal, l'État, la Ville de Differdange et le Science Center essaient de réaliser un beau projet. Et quand M. Meisch dit que le Science Center va s'en aller s'il n'obtient pas ce qu'il veut, ce n'est rien d'autre qu'un moyen de pression. La Ville de Differdange et ArcelorMittal essaient d'ouvrir des portes.

FRANÇOIS MEISCH (DP) réplique que la porte est fermée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande à M. Meisch de le laisser terminer.

(Interruption de M. Meisch)

Roberto Traversini cèdera la parole à M. Meisch tout à l'heure, car chaque fois qu'il ouvre la bouche, il aide le bourgmestre.

Il signale que pour la commune, il serait plus facile de rejeter simplement le projet. Mais ce n'est pas ce qu'elle veut. Le collège échevinal soutient le projet, mais veut que le

10. Motion du LSAP

travail soit réalisé ensemble. Il refuse d'obéir aux ordres de quelqu'un.

Roberto Traversini souligne le fait que la Ville de Differdange ne se compose pas seulement du Science Center. Les habitants ont le droit de se sentir à l'aise à Differdange et c'est ce pour quoi le collège échevinal travaille.

Roberto Traversini demande à M. Muller s'il souhaite soumettre la motion au vote.

ERNY MULLER (LSAP) demande cinq minutes de réflexion.

(Pause)

ERNY MULLER (LSAP) remercie le conseil communal pour la discussion qui a eu lieu.

L'objectif des socialistes était de débloquent une situation, car ils avaient l'impression que c'était nécessaire.

Actuellement, les socialistes demandent des garanties. Le collège échevinal s'engage à mener des discussions, mais Erny Muller rappelle qu'il n'y a pas longtemps, il avait promis la création d'un comité économique dans le cadre des discussions sur le 1535°, mais après plusieurs mois, rien n'a été fait.

Erny Muller demande au bourgmestre de tenir le conseil communal informé. Celui-ci a besoin de voir que des initiatives sont prises et que le projet avance dans la bonne direction. Dans ce cas, le LSAP serait disposé à retirer sa motion.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) promet de tout faire dans l'intérêt de la Ville de Differdange tant en ce qui concerne le 1535° que le Science Center. Le collège échevinal ne prend pas ses décisions sur la base de relations personnelles.

Roberto Traversini rappelle que la création d'un comité économique est une proposition du collège échevinal et non de M. Muller. Le collège échevinal travaille à la mise en place d'un cadre. Le bourgmestre a mené des entretiens lundi à ce sujet. Pour le reste, M. Muller doit faire confiance au collège échevinal. M. Muller et M. Bertinelli ont fait partie du collège échevinal pendant cinq ans. Ils savent donc pertinem-

ence Center. Mä d'Stad Déifferdeng plangt eng Stadentwécklung, wou déi Leit, déi hei an der Stad wunnen, e Recht hunn, sech gutt hei ze fillen. Dofir schafft op alle Fall deen heite Schäfferot.

Här Muller, stëmme mer of?

ERNY MULLER (LSAP):

Mir hätte gär fënnf Minutte Bedenkzäit, w.e.gl.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kee Problem.

(Paus)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt wollt ech emol alle Bedeelegten hei um Dësch e grouse Luef ausschwätzen a Merci soe fir déi flott a wichteg Diskussioun, déi mer haten ëm de Sujet vun där Motioun.

Mir hunn d'Motioun agereecht, hat ech ufanks gesot, fir datt déi sollt eng conciliant Wierkung hunn. Si sollt eng Situatoun deblockéieren. Dat hunn ech e bëssen erausgespuert an den Diskussiounen, déi mer haten. Och vu Säite vun deenen, déi d'Decisiounen hei huelen, dem Schäfferot.

Mir hunn ee kleng Problem, an dat wëll ech awer och nach soen, dat ass mat de Garantien. Dir hutt gesot, mir ginn op de Wee, mir si schonn am Gaang, mir wëllen och, dass sech d'Relatiounen an den Ëmgang mat der Institioun Science Center ännert.

Mir hate virun net allze laanger Zäit de 1535°. An do hu mer erëm e grouse Problem an der LSAP. Mir hate versprach kritt, et géif e Comité économique en place gesat ginn, dass mer géife mat involvéiert ginn an Informatiounen

kréien. E puer Méint duerno hu mer nach ëmmer näischt dovun héieren.

Duerfir mengen ech, dass et vläicht gutt wär, Här Buergermeeschter, wann Der eis géift soen, dass Der wierklech dem Gemengerot reegelméisseg Informatiounen gitt. Dat war jo och eng vun eise Fuerderungen. An dass mer kënnen op de Schäfferot zielen, dass dann awer och déi Initiative viruginn. Dass mer gesinn, dass dat och an déi Richtung geet, wou mer dat dann zesumme festhalen. Wann dat esou wär, géife mer d'Motioun zrëckzéien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hätt et jo elo zimlech einfach. Ech kann Iech just versprechen, datt deen hei Schäfferot alles fir d'Interesse vun der Stad Déifferdeng an Zukunft wäert maachen. Grad esou gutt am 1535° wéi am Science Center a wéi an deenen anere Saachen.

Ech wëll net, datt eng Kéier en Zweiwel sollt opkommen, datt mer just handeln, well verschidde Leit net mateneen kënnen. An déi Institioun, déi Der nennt, kuckt emol eng Kéier, wien dat juristesch genau ass, dat géif vläicht och verschidde Saachen ze verstoe ginn, firwat ech gär eng komplett Transparenz hätt.

Selbstverständlech huelen ech Är Propos un. Mir maachen dat. Ech kann Iech soen, datt Dir dee Comité économique net gefuerdert hutt, mä dass et eng Propos vum Schäfferot war, fir dee Comité économique ze maachen. Dat ass am Gaang.

Mir schaffen op Héichtouren drun, fir e Kader ze fannen, wou mer eis zesumme ronderëm den Dësch setzen a soen, ass dat dat Richtegt oder net. Um Kader, wéi ech Iech gesot hunn, si mer am Gaang ze schaffen. E Méindeg hat ech nach Rendez-vous mat Leit, déi eis kéinte beroden. Dat hält säi Kurs un. Dee Comité économique gëtt am Laf vum Joer zesummegeruff, mat de Parteien zesummen, wéi mer dat kënne maachen. Dat leeft.

An dat anert, mengen ech, do musst Der einfach vertrauen, datt mer d'Stad Déifferdeng gutt representéieren an

10. Motion du LSAP / Questions

datt dat dem ganze Schäfferot am Wichtegsten ass. Wéi bei all Projet. Dat sinn déi Froen, déi mer eis ëmmer stellen.

Dir wësst jo gutt, wéi mer funktionnéieren. Dir waart jo mam Här Bertinelli fënnef Joer am Schäfferot. Mir hunn ëmmer no der Allgemengheet gekuckt an net no perséinlechen Interessen. Ech kann Iech verspriechen, datt dat esou weiderleeft. A wann et eng Kéier net méi esou wier, da géif ech op der Plaz ophalen.

Da kéinte mer déi Motioun erofhuelen a mir géife se net zum Vott bréngen. Op alle Fall alleguerde villmools Merci fir déi Diskussioun.

La motion du LSAP suivante n'est pas soumise au vote:

Le conseil communal dans la séance du 3 avril 2019 considérant:

- que l'initiative pour l'installation d'un programme supplémentaire « Découverte et métiers » par le Luxembourg Science Center est dans l'intérêt de l'ensemble de la jeunesse du pays;
- que cette initiative va de pair avec les activités du Luxembourg Science Center qui vont dans la direction de sensibilisation des jeunes et du grand public pour les sciences et les technologies. Pour cette raison, elle devra se trouver à proximité directe ou intégrée dans les localités du LCS;
- que quelque 650 m² de surface utile supplémentaire sont nécessaires pour la réalisation du programme projeté;
- que le projet se fera ensemble avec les organisations des professions et métiers, de l'Éducation nationale et d'entreprises privées;
- que la nouvelle initiative « Découverte des professions et métiers » soit fréquentée par un nombre impressionnant de quelque 10 000 élèves de l'enseignement secondaire par an;

qu'un financement de 1 200 000 € pour les 2 années à venir est déjà assuré pour le fonctionnement du projet par divers ministères, le Fonds social européen et d'autres partenaires;

- que le LCS a reçu un accord par une fondation luxembourgeoise

pour un montant substantiel pour assurer l'acquisition des équipements spéciaux nécessaires;

- le refus du collège échevinal de mettre à disposition du LCS le terrain nécessaire pour la construction d'un bâtiment modulaire près de l'ancienne « Léierbud » et la rue Émile-Mark

invite le collège des bourgmestre et échevins:

- à débloquer au plus vite cette situation qui va à l'encontre aussi bien des intérêts de notre ville, des partenaires déjà engagés et finalement des jeunes de notre pays;
- à entamer des discussions avec tous les intéressés, c'est-à-dire la direction du Luxembourg Science Center, le COSP – deuxième locataire de la « Léierbud » et dont les intérêts au niveau de la réinsertion des demandeurs d'emploi doivent rester sauvegardés ainsi que les divers ministères concernés;
- à analyser avec le ministère de l'Éducation et la direction de l'École internationale si une partie du terrain du nouveau lycée directement en prolongation du bâtiment Léierbud ne pourrait pas être mise à disposition temporairement pour le projet avisé;
- à tenir informé le conseil communal des résultats des démarches.

Sinn nach Froen, soss géife mer an d'Séance non-publique kommen?

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, am Gemengerot vum 6. März hu mer de Contrat de bail betreffend den Hotel-Restaurant zu Lasauvage vum Ordre du jour geholl, mam Argument, verschidde Klengekeete géifen nach feelen.

Ech vermessen de Kontrakt haut um Ordre du jour. Zemools, well mer wëssen, dass de Restaurant exploitéiert gëtt. Also ouni Contrat de bail. Ech soen Iech Merci.

ment que le collège échevinal ne prend pas en compte les intérêts personnels. Autrement, Roberto Traversini quitterait son poste immédiatement.

Le bourgmestre propose de retirer la motion et remercie les conseillers communaux pour le débat. Il passe aux questions.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que le 6 mars, le contrat de bail portant sur l'hôtel-restaurant de Lasauvage a été retiré de l'ordre du jour, car il n'était pas finalisé. Or aujourd'hui non plus, il ne figure pas à l'ordre du jour alors que le local est exploité.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que le document manquant a été déposé. Le contrat de bail sera soumis au vote la prochaine fois.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

a lu dans la presse que le tram rapide reliant Luxembourg-ville au sud s'arrêterait à Belvaux. Ne serait-il pas intéressant de le faire passer par Differdange? La commune a-t-elle été consultée? A-t-elle fait une demande dans ce sens?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis que M. Diderich. Lui aussi a lu l'information dans la presse.

Pétange est également intéressée au tram rapide. Le bourgmestre rappelle que le tram en provenance de Dudelange devait s'arrêter à Differdange, mais que la ligne a été prolongée jusqu'à Pétange. Dans ce cas-ci, une modification serait la bienvenue puisque Differdange est la troisième ville du pays et le tracé n'est pas complexe.

Des discussions sont en cours, mais Roberto Traversini n'a pas encore de réponses à donner.

SERGE GOFFINET (LSAP)

explique qu'en tant que cheminot, le tram rapide ne l'enthousiasme pas. Tous ces projets prennent du temps et ne font pas avancer les choses.

La voie ferrée existe déjà. Il y a des rails entre Belval et Niederkorn. Ils pourraient être reliés à Käerjeng et Pétange. Le ministère sait parfaitement ce qu'il manque aux chemins de fer. Ce n'est pas une question d'argent, mais de courage pour imposer les idées.

La commune doit exiger que Differdange soit reliée au tram rapide ou à la voie ferrée. Malheureusement, la politique d'information n'est pas toujours efficace et le conseil communal ne sait pas forcément ce qui se passe. Même le bourgmestre ne semble avoir reçu l'information que par la presse.

FRED BERTINELLI (LSAP)

rappelle que le LSAP a organisé une conférence de presse concernant l'hôpital d'Esch et de Niederkorn. Les socialistes s'inquiètent de ce qui va arriver à l'hôpital.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dee Pabeier, deen nach gefeelt huet, ass erakomm. Dovunner kann een halen, wat ee wëll. Am nächste Gemengerot wäert deen neie Contrat de bail um Ordre du jour stoen.

Den Här Diderich nach.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt froen: Aus der Press ass ee gewuer ginn, dass de schnellen Tram, deen aus der Stad an de Süde komme soll, säin Endpunkt zu Bieles fanne soll. Do wollt ech froen, ob et net interessant fir d'Déifferdenger Gemeng wär, wann deen Endpunkt zu Déifferdeng wär. An ob d'Gemeng do gefrot ginn ass respektiv sech dofir agesat huet, dass d'Déifferdenger e méi schnellen Accès an d'Stad kréien, wéi dat bis elo de Fall ass. Iwwer esou een Tram. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat et knapps aus der Zeitung gelies, dunn ass den Telefon scho gaangen. Selbstverständlech ass et genau dat, wat mer och mengen. Net nëmmen Déifferdeng, Péiteng ass och ganz staark drun interesséiert. Sou wéi de schnellen Tram vun Diddeleng op Déifferdeng virgesi war, deen elo bis op Péiteng verlängert ginn ass, menge mer, datt et ganz gescheit vun der Regierung wier, datt deen op alle Fall déi drëttréisst Stad ufuerer sollt. Zemools well den Tracé zimlech einfach wier.

Dat heescht, do lafen Diskussiounen. Ech kann Iech awer net soen, wat dobäi erauskënnt. Mä natierlech fannen ech dat net richtig, wann e géif zu Bieles stoe bleiwen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Däerf ech?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Als Eisebunner muss ech eppes dozou soen, schnellen Tram hin oder hier. Ech si jo ee Verwennte vu kengem schnellen Tram. Ech hunn aner Astellungen, aner Meenungen iwwer esou Saachen. All déi Projeten huelen erëm nëmmen Zäit a bréngen eis och net onbedéngt ëmmer wäit virun.

Mir hu Gleiser hei leien. Wat mer schonn eng Kéier gesot hunn. Ech hunn et schonn zweemol hei am Gemengerot gesot, wat alles machbar wier. Mir hu Gleiser, Inter-usines-Gleiser, leien tëscht Belval an Nidderkuer. Mir kéinten dat souguer verbanne mat der Käerjenger Streck a mat der Péitenger Gare.

Déi responsabel Leit am Ministère wësen hoergenee, wat der Eisebunn feelt a wou et feelt. Et feelt jo net u Geld. Mä et feelt definitiv u Courage, fir déi Iddien duerchzesetzen, fir dat Land hei uerdentlech ze plangen.

Dass Déifferdeng onbedéngt muss ugebonne ginn un e schnellen Tram oder un eng zousätzlech Eisebunnsstreck, dat musse mer op jidde Fall fuerderen. An dat ass och alt erëm, wann ech déi Verbindung ka maachen zu deem Thema virdrun, dass déi Informatiounspolitik vläicht och net ëmmer ganz glécklech ass. An dass mer net ëmmer wëssen, wat leeft. Wann ee Buergermeeschter selwer nëmmen iwwert d'Press informéiert gëtt, dann ass dat net ganz glécklech. An dat fërdert déi Saach och net, dass dat e bësse méi schnell virugeet. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Bertinelli huet nach eng Fro.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech hätt eng Fro zu enger Pressekonferenz, déi d'LSAP kierzlech gemaach huet, am Kader vum Nidderkuerer Spidol an den Urgencé vum Spidol Esch an Nidderkuer. Wou d'LSAP sech, wéi mer dat och ausgedréckt hunn, Suerge gemaach huet ëm den Zoustand an ëm d'Verhalen, a wat mat eiselem Spidol geschéie sollt.

Ech mengen, dat war éiweg eng Diskusioun, wou de Gemengerot unanime enger Meenung war, datt mer eis sollten derfir asetzen, datt an deem Spidol an deenen nächste Joren eppes sollt geschéien. A wa méiglech sollt de Schäffen- a Gemengerot zu Déifferdeng do mat involvéiert ginn. Dat ass dee politeschen Train, deen do gelaf ass.

Mä ech hätt eng Fro un Iech, Här Buergermeeschter. Dir hutt owes op RTL eng Ausso gemaach, wou Der gesot hutt, ech hätt gesot, dat Spidol sollt mam Bagger duerchgefuer ginn. An dat a menger Funktioun als Schäffen, wou ech deemools war. Ech hätt gär, wann Der wëllt, dee Rapport, wou dat dras-teet.

Et kann och elo sinn, mä mir feelt d'Erënnerung, datt ech dat sollt gesot hunn. A scho guer net an engem Kader a menger Funktioun als Schäffen. Ech weess, datt ech mat Iech zesumme ganz involvéiert war, wat herno an deem Spidol geschitt. Mir hunn iwwer medezinesch Zenteren, iwwer Sportszenteren do geschwat. Mä ech ka mech wierklech net erënneren, datt ech sollt gesot hunn, et sollt ee mam Bagger doduerch fueren. Wat Dir um Fernseh gesot hutt.

An do hätt ech gär eng Richtegstellung. A wann dat soll an engem Rapport optauchen, da wëilt ech dee gär gesinn. Wann net, ass dat fir mech net richtig, datt ech dat soll gesot hunn. Well ech mech och guer net erënnere kann, dass ech esou eppes Ähnlech nëmme gesot hunn. An duerfir hätt ech gär, datt dat richtigegstellt gëtt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech géif dann och gären deen Extrait op der Tëlee gesinn, wou ech Iech nominell genannt hunn. Dat hunn ech net. Op kee Fall hunn ech dat op der Tëlee gesot. Da musst Der mer dat weisen. Dann hutt Dir wahrscheinlech eng aner Televisioun wéi ech. Ech hu Schäfferot gesot, ech hu keen nominell genannt, dat géif ech ni maachen.

Ech kann Iech just drun erënneren, datt mer Gespréicher hei haten, wat mat deem Spidol sollt geschéien. Do ass gesot ginn, et wier besser, mir géife mam

Bagger derduerch fueren an eppes Neies opriichten. Dat ass gesot ginn. Ob dat elo aneschers gemengt ginn ass oder net, et ass op alle Fall am Schäfferot doriwwer geschwat ginn. An ech muss Iech éierlech soen, wann een alles kuckt, wat ass, ass dat vläicht net déi dommsten Iddi.

(Interruption)

Ech wëll just soen, mir mussen dofir kämpfen, datt mer e Spidol hei zu Nidderkuer behalen, am Kordall. An do si mer eis eens.

ENG STËMM:

Eng medezinesch Versuergung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An ech hunn absolutt kee Problem, datt een herno mam Bagger drafirt. Et muss een awer oppassen, wat een dann deenen anere virgehäit. Mä ech mengen, datt ech Iech net nominell ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter, wann Der mer nach eng Kéier erlaabt?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ganz gären.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Am Prinzip huet déi Presentatioun vun der LSAP gegollt géint déi Presentatioun, déi den Direkter vum Spidol méindes hei gemaach huet. Do war net mat engem Wuert – an ech weess jo, wéi kriddeleg dat hei am Gemengerot ass. An ech mengen, datt mer do alleguerten enger Meenung sinn, Här Buergermeeschter.

Dönschdes war deen Artikel an der Zeitung, mëttwochs war nach een Artikel. An normalerweis sidd Der jo méi schnell wéi de Lucky Luke, wat d'Press ubelaangt. An et war keng Reaktioun

Le conseil communal a toujours été unanime. Il faut que l'hôpital de Niederkorn poursuive ses activités dans les années à venir.

Mais le soir après la conférence de presse, le bourgmestre a dit à RTL que Fred Bertinelli voulait démolir l'hôpital. Le conseiller communal voudrait que M. Traversini lui montre le rapport où cela figure, car il ne se souvient pas d'une telle affirmation — et en tout cas pas dans ces fonctions d'échevin.

Fred Bertinelli se souvient avoir discuté avec M. Traversini de l'aménagement d'un centre sportif. Mais il ne se souvient pas avoir dit que l'hôpital devait être démoli comme l'a prétendu le bourgmestre à la télévision. Si M. Traversini dispose d'un rapport écrit, Fred Bertinelli demande à le voir. Autrement, il exige une rectification.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande de son côté à voir l'extrait où il aurait nommé M. Bertinelli. Apparemment, les deux ont une télévision différente.

Roberto Traversini a parlé du collège échevinal. Il n'a pas donné de nom. En revanche, il se souvient qu'au sein du collège échevinal il a été dit qu'il valait mieux démolir l'hôpital et construire autre chose à la place. Honnêtement, il ne pense pas que ce soit forcément une mauvaise idée.

(Interruption)

Roberto Traversini estime que la commune doit faire en sorte qu'un hôpital reste ouvert dans la vallée de la Chiers.

(Interruption)

Roberto Traversini ne voit pas d'inconvénient à démolir l'hôpital. Mais il ne veut pas que les conseillers communaux s'accusent mutuellement. En tout cas, il ne souvient pas avoir cité M. Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que le directeur de l'hôpital a fait une présentation à Differdange. Le lendemain, un article est paru dans la presse. Normalement, M. Traversini est plus rapide que Lucky Luke dans ce genre de situations, mais cette fois-ci, il n'a pas réagi.

Les socialistes s'inquiètent pour le Kordall et veulent des informations. À aucun moment, ils n'ont

voulu attaquer le collègue échevinal ou le bourgmestre. C'est pourquoi ils n'ont pas compris la réaction de M. Traversini. Celui-ci aurait dû se montrer d'accord avec le LSAP et exiger que la commune ait son mot à dire dans ce qui va se passer avec l'hôpital.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
constate qu'ils sont du même avis.

ERNY MULLER (LSAP) *signale que les socialistes ne veulent pas que le bâtiment soit démoli. Pour mener une politique durable, il faut conserver les bâtiments et les réaffecter. Ce qu'Erny Muller a retenu de ses activités en tant qu'échevin, c'est qu'il faut réfléchir aux moyens d'assainir les vieux bâtiments. De cette façon, la commune disposerait d'un grand bâtiment où développer de nouvelles activités.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
trouve important qu'un hôpital reste à Niederkorn.

TOM ULVELING (CSV) *trouve qu'il vaut mieux parler de soins médicaux et non d'hôpital.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
en convient.

TOM ULVELING (CSV) *ajoute qu'il n'y aura plus d'hôpital à Niederkorn.*

(Interruption)

Tom Ulveling insiste sur le fait qu'il est inutile de se voiler la face. Mais il faut veiller à ce que des soins médicaux optimaux soient garantis. Qu'une partie de l'ancien hôpital soit utilisé tombe sous le sens. Le ministre semble intentionné à autoriser une maison médicale avec IRM. Mais un hôpital n'est pas envisageable.

ALI RUCKERT (KPL) *demande pourquoi.*

TOM ULVELING (CSV) *rappelle que deux nouveaux hôpitaux ont déjà été planifiés. Au lieu de pratiquer une politique de clocher, il aurait fallu en construire un grand entre Luxembourg-ville et Esch. Au lieu de cela, on en construit deux de taille moyenne.*

do. An do hu mir eise Rôle als Opposition geholl a Stellungnam bezunn.

Mat kengem Wuert an där Pressekonferenz, sidd Dir oder een aus dem Schäfferot oder dem Gemengerot vun Déifferdeng nominéiert oder ugegraff ginn. Mir hunn eis Suergen ëm de Kordall gemaach. Mir hu gesot, mir wëllen do matschwätzen. Mir wëllen informéiert ginn. Wat net gemaach ginn ass, no där Kéier, wou eis gesot ginn ass, Dir kritt alles gesot am Gemengerot oder am Schäfferot, wat an deenen nächste Joren do geschitt.

Dir hutt et selwer gesot, Här Buergermeeschter, deen Owend, datt méi Informatioun misste fléissen. A mat kengem Toun huet d'LSAP do wollten de Schäfferot oder de Buergermeeschter ugräifen. Dofir hu mer déi Reaktioun och net esou richtig verstanen, déi Der do robber gewisen hutt.

Dir hätt Iech misste mat eis ralliéieren, datt dat wierklech esou bleift, datt mer informéiert ginn. An datt d'Gemeng Déifferdeng do dat lescht Wuert matzeschwätzen huet, wat aus deem Spidol geschitt. Dat war eis Approche dozou.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da si mer enger Meenung. Här Muller, ganz gär.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll elo net erëm op d'Constitution agoen. Just ee Wuert. Här Schwachtgen, oder wien hat dat elo gesot? Nee, ech mengen, et war den Här Buergermeeschter souguer. Also ech perséinlech, an ech mengen och d'LSAP, ass net der Meenung, dass dat Gebai sollt ofgerappt ginn.

Wa mer gär nohalteg Politik maachen, da solle mer kucken, fir d'Gebaier ze konservéieren, fir eppes anescht draus ze maachen. Dat ass eppes, wat ech festgehalten hunn aus menger Aktivitéit am Schäfferot, als Bauteschäffen, während deene Joren.

Dass et net drëm geet, fir all Gebai ofzerappen a fir de Bauschutt erëm ze entsuergen. Mä ze kucken, wat mer mat

deene Gebaier ufänke kënnen a se och ze sanéieren. Dat ass ëmmer méiglech, dat wësse mer. An dann hu mer eng grouss a flott Infrastruktur, wou mer kéinten aner neien Objektiver zouféieren. Dat ass meng perséinlech Meenung.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Kann ech och nach eppes soen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wichtig ass, datt mer der Meenung sinn, datt egal wéi zu Nidderkuer e Spidol bleiwe muss.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, net e Spidol. Eng medezinesch Versuergung muss bleiwen, net e Spidol.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Eng medezinesch Versuergung.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Voilà. E Spidol kriss de net méi hei zu Nidderkuer. Entschëllegt, därff ech schwätzen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt just soen, mir sollen eis net an d'Täsch léien. E Spidol kréie mer net méi hei zu Nidderkuer. Mä mir müssen eis derfir asetzen, fir eng optimal medezinesch Versuergung hei ze garantéieren, fir eis Populatioun. An, dass een en Deel vum ale Spidol dofir ka benotzen, schéngt op der Hand ze leien. Et schéngt jo och esou ze sinn, wéi wann de Minister gewëllt wär, esou eng Aart Maison médicale mat IRMen an esou eventuell ze autoriséieren. Et ass dat,

Questions

wat een hei nach ka behalen. Awer e richtegt Spidol, dat ass net méi dran. Merci.

ALI RUCKERT (KPL):

A firwat ass dat net méi dran?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Well schonn zwee nei Spideeler geplangt sinn. Am Fong, wann do net – laut menger Appreciatioun – Kierchturnmpolitik gemaach gi wär, dann hätt een ee grousst Spidol iergendwou higesat tëschent Lëtzebuerg an Esch. Dann hätt een do en optimaalt grousst Spidol gebaut. Mä elo ginn zwee nei mëttelgrouss Spideeler gebaut, mat erëm allem zweemol. Alles verduebelt. Ech mengen, fir e Land wéi Lëtzebuerg wär dat vëlleg duergaangen. De Plan hospitalier huet jo elo festgehalen, wéi vill Spideeler et gëtt hei am Land. An dass och an all Site nëmmen därerf eng Spezialitéit an engem Spidol sinn an op engem Site.

ALI RUCKERT (KPL):

A wien huet dee gestëmmt, de Plan hospitalier?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech weess et net. Ech net.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir sidd och a kenger Partei, wärscheinlech.

Buergermeeschter Roberto Traversini (déi gréng):

Här Ruckert, Dir hutt recht. Ech mengen, dat war bal eng absolutt Majoritéit an der Chamber, wou dat gemaach ginn ass.

Ech wëll nach soen, datt mer Enn Abreëll Rendez-vous mam Gesondheitsminister hunn, fir iwwert d'Situatioun vun Nidderkuer ze diskutéieren. Ech wëll awer och soen, datt déi Entrevue scho méi laang virgesi war. Et ass net, datt

mer elo waakreg gi sinn. Op alle Fall zéie mer do un engem Strang. Merci.

D'Madamm Brassel-Rausch, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu just eng Fro zu deem ganze Spidol. No där Entrevue hei zu Déifferdeng mam Direkter war op eemol moies duerch d'Nouvellë gaangen, datt d'Spidol misst ofgerappt ginn, well et asbestverseucht wär. An ech sinn e bësse resté sur mes faims, well ech net weess, ob et stëmmt. Well wann et wierklech Asbest wär, da misst ee jo reagéieren. An da géif déi Diskussioun ofrappen oder net ofrappen sech jo elo erginn. Dofir wollt ech froen, wat un där Nouvelle drun ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass Asbest an deem Gebai, wéi a ganz ville Gebai, déi an de 50er a 60er Jore gebaut gi sinn. Deelweis a Collen, well duerch den Asbest huet dat net esou schnell gebrannt. Deelweis an Tëschewänn oder och am Eternit an där Zäit. A wann een do net dra fummele geet, wann een net dra buere geet, besteet absolutt kee Risiko, net fir d'Schüler, net fir d'Léierpersonal, net fir d'Infirmieren an d'Infirmiëren an och net fir d'Patienten.

Zu kengem Moment huet do e Risiko bestanen. D'ITM huet Moossunge gemaach, déi se huet musse maachen. Dat sinn Informatiounen, wa se just deelweis gesot ginn, a wann ee Pressekonferenz mécht oder aner Saachen, da ginn Extraite geholl, an et gëtt ganz schnell gesot, dat ass dran. An dat ass eben dann de Problem, fir herno hannendrun ze lafen.

Zu kengem Moment huet eng Gefor bestanen. A wann dat Spidol eng Kéier sollt ofgerappt ginn, dann ass et net, well Asbest dran ass. Mä dann ass et, well et net méi esou gebraucht gëtt an eppes anescht ersat gemaach gëtt. Dofir mengen ech, datt ee sech déi zwou Dieren oploosse sollt: entweder ewechhuelen oder net. Mä souwisou,

Tom Ulveling rappelle que le plan hospitalier fixe le nombre d'hôpitaux au Luxembourg. Par ailleurs, un même hôpital ne peut pas avoir une même spécialité sur deux sites différents.

ALI RUCKERT (KPL) demande qui a approuvé un tel plan.

TOM ULVELING (CSV) répond que ce n'est pas lui.

(Interruption de M. Traversini)

ALI RUCKERT (KPL) suppose qu'il ne fait pas partie d'un parti politique.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle que la Chambre des députés à pris la décision à la majorité absolue.

Il signale qu'une entrevue est prévue avec le ministre de la Santé fin avril.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) a appris dans la presse que l'hôpital devait être démolé parce qu'il contenait de l'amiante. Elle ne sait pas si c'est vrai. Mais si c'est vrai, il faudra réagir et les discussions concernant la démolition deviendraient inutiles.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) confirme qu'il y a de l'amiante comme dans beaucoup de bâtiments des années 50 et 60. Il précise qu'il n'y a pas de danger pour les élèves, les enseignants, les infirmières ou les patients tant qu'on ne réalise pas de travaux dans ces bâtiments. L'ITM a pris les mesures nécessaires.

Lorsqu'on organise des conférences de presse ou autres, le problème est que seuls des extraits sont repris. Roberto Traversini répète que personne n'a été en danger, et ce, à aucun moment. Si l'hôpital est démolé un jour, ce ne sera pas à cause de l'amiante, mais parce qu'on n'en a plus besoin. De toute façon, la décision sera prise après 2023.

(Interruption)

Questions

Roberto Traversini constate que d'autres personnes siègeront au conseil communal à ce moment-là. Le collègue échevinal a demandé une entrevue avec le ministre pour s'assurer que des soins médicaux seront garantis et que les gens n'auront pas besoin d'aller à Esch pour des broutilles.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

entend parler de centre de soins, mais personne n'a employé le terme de clinique environnementale.

(Interruption)

Frenz Schwachtgen souhaiterait voir une clinique environnementale ouvrir à Niederkorn. On en parle depuis longtemps au Luxembourg, mais on n'a pas trouvé de site. Cela permettrait à Niederkorn de conserver son hôpital.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

clôture la séance publique.

déi Decisioun wäert no 2023 geholl ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

2025.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da sëtze wahrscheinlech aner Leit hei am Gemengerot an am Schäfferot, aner Majoritéiten. Déi kënnen op alle Fall dann nach kucken.

Mä wat wichteg ass, mir mussen eis wieren. Dofir hu mer och déi Entrevue mam Minister. Fir ze kucken, datt mer eng Gesondheetsversuergung hunn. Datt d'Leit net fir all Klenggeheet musen op Esch goen. Datt se kleng Saachen och hei gemaach kréien.

Här Schwachtgen, Dir hutt dann d'lescht Wuert.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Just fir dat hei nach ze soen: Mir schwätze vun engem Versuergungszentrum, oder wéi den Här Ulveling dat

genannt huet. Mä et wonnert mech, dass u sech keen op deem Term Ëmweltklinik spréngt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat kënnt jo. Dat kënnt op Nidderkuer, normalerweis.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat ass jo am Fong déi Destinatioun, déi ech mer géif wënschen. Dass d'Nidderkuerer Spidol als Spidol géif bleiwen an eng Ëmweltklinik ginn. Wou mer scho laang am Land dervu schwätzen, wou leider nach néierens e Site fonnt ginn ass. An hei wier d'Opportunitéit, fir sech wierklech Kandidat ze maache fir eng Ëmweltklinik. Mat deenen Annexen, déi fir d'Grondversuergung als Klinikum eben néideg sinn. An dann hätte mer nach ëmmer eist Nidderkuerer Spidol.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Déi ëffentlech Sitzung ass domadder fäerdeg.

PAG ET PAP

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est notifié que les modifications au plan d'aménagement général et les plans d'aménagement particuliers suivants ont été publiés :

DÉNOMINATION	ENTRÉE EN VIGUEUR
Modification PAP Mathendahl 2,3,4,5 procédure allégée	3.6.2019
Modification PAP Ouschterbur procédure allégée	16.4.2019

22/09 2019

STEEL-RUN DIFFERDANGE

... WELL, MÄR SI STOL

WWW.STEELRUN.LU
f STEELRUN DIFFERDANGE

